DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

10a /// 2016

# GEMENGENINFO

## RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 16.12.2016








EDITEUR: ADMINISTRATION DE LA VILLE DE DUDELANGE

Réunion du conseil communal du 16 décembre 2016 **05**

Gemengerotssëtzung vum 16 Dezember 2016 **08**

**Séance publique:**

1. Correspondance; **08**

2. Approbation du tableau de préséance du conseil communal; **09**

3. Modification du règlement général de la circulation: **09**

3.1. stationnement interdit aux véhicules destinés au transport de choses dans le quartier Schmelz;
3.2. réglementation des arrêts bus suite à la réorganisation du trajet du Nightlifebus;

4. Finances communales: **12**

4.1. approbation du budget rectifié de l'exercice 2016;
4.2. approbation du budget initial de l'exercice 2017;
4.3. modification du chapitre VII - City-Bus - du règlement-taxes général;
4.4. approbation d'un acte d'échange de terrains avec les époux Wegener-Wiltzius;
4.5. approbation d'un acte de vente avec les consorts Rinaldetti;
4.6. approbation du label de qualité et de la convention de subvention conclue avec le Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Service de la formation des adultes, en matière des cours pour adultes 2016/2017;
4.7. approbation de la convention conclue avec la société anonyme Creos Luxembourg pour la mise à disposition d'un terrain communal dans la rue Louis Rech;
4.8. approbation de la convention passée avec la fondation « Stëftung Hëllef Doheem » au sujet du service senior plus;
4.9. approbation du contrat passé avec la Communauté des Transports (Verkéiersverbond) au sujet de la mise à disposition de plusieurs afficheurs dynamiques (FIA);
4.10. approbation de devis estimatifs:
4.10.1. frais d'études pour l'établissement d'un cahier de charges pour l'exploitation et la maintenance des installations techniques du Centre sportif René Hartmann pour un montant de 22'000,-€;
4.10.2. adaptation des protections anti-chocs du côté des tribunes de la salle Grimler du Centre sportif René Hartmann pour un montant de 100'000,- €;
4.10.3. modernisation de l'éclairage et de la sonorisation de la salle Grimler du Centre sportif René Hartmann pour un montant de 180'000,- €;
4.10.4. installation d'un système « Nobreak » pour le courant électrique du Centre sportif René Hartmann pour un montant de 50'000,- €;
4.10.5. frais d'études de faisabilité et de mise en conformité de la piscine en plein air – 2e phase, grand bassin pour un montant de 50'000,- €;
4.10.6. remise en état des vestiaires et des tribunes au Stade Jos Nosbaum pour un montant de 80'000,- €;
4.10.7. installation de calisthenics pour un montant de 50'000,-€;
4.10.8. renouvellement du gazon synthétique du mini-stade Ribeschpont pour un montant de 25'000,-€;
4.10.9. aménagement d'une aire de jeux au parc Casino pour un montant de 75'000,-€;
4.10.10. aménagement d'une place et d'un chemin avec escaliers dans la rue du Stade Jos Nosbaum / rue des Fleurs pour un montant de 75'000,-€;

4.10.11. redressement du croisement route de Zoufftgen / rue du Commerce et rue du Commerce / rue de la Libération pour un montant de 200'000,-€;
4.10.12. réaménagement de la rue Jean Friedrich pour un montant de 350'000,-€;
4.10.13. réaménagement de la rue Um Kräizbierg pour un montant de 300'000,-€;
4.10.14. réparation avec repositionnement des équipements de climatisation pour les locaux techniques et informatiques à l'Hôtel de Ville pour un montant de 30'000,-€;
4.11. subsides extraordinaires à attribuer;

5. Office social – présentation du rapport d'activité de l'exercice 2015 et approbation du budget rectifié de l'exercice 2016 et du budget initial de l'exercice 2017; **66**

6. Commissions consultatives – changements au sein du pool des remplaçants des commissions consultatives locales; **79**

7. Personnel: **79**

7.1. création d'un poste d'employé communal dans la carrière de l'aide-éducateur pour les besoins du département administratif - maison des jeunes;
7.2. création de deux postes d'employé communal dans la carrière de l'éducateur diplômé pour les besoins du département administratif - maison des jeunes;
7.3. création d'un poste d'employé communal dans la carrière de l'éducateur gradué pour les besoins du département administratif - maison des jeunes;
7.4. création d'un poste d'employé communal dans la carrière B1 pour les besoins du département administratif - service accueil, réception et central téléphonique;
7.5. fixation du nombre d'emplois du cadre fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux pour l'année 2017;

8. Questions au collège des bourgmestre et échevins (Gemengeninfo 10b//2016) **83**

Séance à huis clos:

9. Enseignement fondamental – approbation des changements dans l'organisation de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2016/2017;
10. Personnel:
10.1. promotion au grade 8bis hors cadre d'un fonctionnaire communal dans la carrière de l'expéditionnaire administratif;
10.2. promotion au grade 8bis d'un fonctionnaire communal dans la carrière de l'expéditionnaire administratif;
10.3. promotion au grade 11 d'un fonctionnaire communal dans la carrière du rédacteur;
10.4. promotion au grade 12 d'un fonctionnaire communal dans la carrière du rédacteur;
10.5. promotion au grade 13 d'un fonctionnaire communal dans la carrière du rédacteur;
10.6. démission à accorder sur sa demande à une salariée à durée déterminée;
10.7. engagement avec décision de classement d'un employé communal dans la carrière de l'éducateur gradué;
10.8. engagement d'un employé communal dans la carrière de l'aide-éducateur;

Application pratique:

La journée du 16 décembre 2016 sera consacrée à la présentation du budget rectifié de l'exercice 2016 et du budget initial de l'exercice 2017 par les membres du collège des bourgmestre et échevins ainsi qu'aux votes sur les autres points de l'ordre du jour.

La séance se poursuivra sans interruption jusqu'à épuisement de l'ordre du jour. Une collation à midi est prévue.

La journée du 23 décembre 2016 sera réservée aux prises de position des conseillers communaux, aux réponses du collège des bourgmestre et échevins et aux votes sur les points numéros 4.1 et 4.2 (budget rectifié 2016 et projet de budget 2017).

La séance débutera à 08.00 heures et sera interrompue à midi. Elle sera reprise à 14.00 heures.

Editeur responsable:
Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Textes: Résumé français: Patrick Bausch
Retranscription: Rita Schmit
N° 10a /// 2016
Parution MARS 2017
Photos, Illustrations: Ville de Dudelange,
David Laurent/Wili, Michel Brumat, André Weisgerber,
Pulsa, Mike Zenari, BENG, iStock, Pixelio

PAPIER À BASE DE FIBRES CERTIFIÉES

# RAPPORT SOMMAIRE DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL DES 16 ET 23 DÉCEMBRE 2016

**Présents:** Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre; René Manderscheid, Loris Spina et Madame Claudia Dall'Agnol, échevins.

Monsieur Bob Claude; Mesdames Jessica David, Josiane Di Bartolomeo-Ries; Messieurs Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Vic Haas; Mesdames Romaine Goergen, Michèle Kayser-Wengler, Colette Kutten; Messieurs Marc Lazzarini, Romy Rech; Madame Brit Schlussnuss et Monsieur Jos Thill, conseillers.

Patrick Bausch, secrétaire communal.

**Absent, excusé:** néant

Début de la séance à 08.00 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les membres.

Sur demande du collège des bourgmestre et échevins, le conseil communal est unanimement d'accord de traiter les dossiers envoyés aux conseillers en date du 13 décembre 2016. Il s'agit plus particulièrement de deux motions introduites par le conseiller Monsieur Jos Thill, fraction « déi Lénk », au sujet d'un plan d'investissement visant la construction de 500 logements locatifs sous la régie de la commune et au sujet de l'eau. Un point supplémentaire est également ajouté aux décisions de personnel à traiter en séance à huis clos. L'ordre du jour est ainsi modifié et complété.

Le bourgmestre porte les informations suivantes à la connaissance du conseil communal:

1. une convention de délégation de mission par l'autorité de gestion FEDER à la Ville de Dudelange dans le cadre du programme « Investissement pour la croissance et l'emploi 2014-2020 », plus spécialement en matière d'investissement territorial intégré (ITI) pour le projet du « Shared Space » phase 1, a été signée par Monsieur le Ministre de l'Economie et le collège des bourgmestre et échevins en date du 8 décembre 2016. Ladite convention reste soumise à l'assentiment de notre conseil communal;

2. le collège des bourgmestre poursuit sans relâche ses efforts pour accueillir et implanter à Dudelange, plus spécialement sur le nouveau site « neischmelz » des studios de production audiovisuelles. Pour supporter le projet, le collège des bourgmestre et échevins a d'ores et déjà eu des entrevues avec Monsieur le Secrétaire d'Etat à la Culture, Monsieur le Ministre de l'Economie et Madame la Secrétaire d'Etat au Tourisme. Un groupe de travail, en voie de création, regroupe les responsables étatiques, la commune, les représentants du secteur audiovisuel (ULPA) et le Fonds du Logement (développeur du site). Le projet vise à développer sur le site « neischmelz » des studios de productions audiovisuelles avec centre de visites, spectacles et démonstrations en rue, le développement de « start-ups » en relation avec le sujet, la prolifération des domaines de la restauration et de l'hôtellerie et finalement le développement de formations y rattachées.

Suit la liquidation de l'ordre du jour.

Le nouveau tableau de préséance du conseil communal, dressé suite à l'entrée en fonctions de Monsieur Vic Haas, est approuvé à l'unanimité.
Point numéro 3 de l'ordre du jour: circulation:

3.1. le conseil communal, avec 16 voix et une abstention, décide d'interdire aux véhicules à destination de transport de choses le parcage sur le parking à côté de la chapelle « Saint Eloi » dans la rue de la Libération. En revanche, lesdits véhicules sont autorisés à stationner sur le parking à proximité dans la rue de la Libération, entre les bâtiments numéros 178 et 200;

3.2. par un vote unanime, est approuvée la nouvelle réglementation des arrêts bus suite à la réorganisation du trajet du « Nightlifebus ».

Un large point numéro 4 concerne les finances communales.

Les membres du collège des bourgmestre et échevins présentent le projet de budget rectifié de l'exercice 2016 et le projet de budget de l'exercice 2017. Les membres du conseil communal sont invités à prendre position par rapport aux documents dans la séance du

conseil communal du 23 décembre 2016. Le vote sur ces deux points aura également lieu à la même date.

Le conseil communal, chaque fois par des votes unanimes, approuve subséquemment:

4.3. la modification du chapitre VII - City-Bus - du règlement-taxes général. Dorénavant les tarifs d'utilisation du City-Bus sur le territoire de la ville sont les suivants:

Abonnement annuel:.................................50,- €
Abonnement mensuel::.............................10,- €
Carnet 10 tickets valables
pendant une journée:................................5,-€

4.4. l'acte notarié d'échange de terrains avec les époux Wegener-Wiltzius (Madame Kayser-Wengler et Monsieur Thill ont quitté temporairement la salle et ne participent pas au vote);

4.5. un acte notarié de vente de terrains avec les consorts Rinaldetti (Madame Kayser-Wengler et Monsieur Thill ont quitté temporairement la salle et ne participent pas au vote);

4.6. le label de qualité et la convention de subvention conclue avec le Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Service de la formation des adultes au sujet des cours pour adultes pour l'année scolaire 2016/2017;

4.7. la convention conclue avec la société anonyme Creos Luxembourg pour la mise à disposition d'un terrain communal dans la rue Louis Rech;

4.8. avec 11 voix pour et 6 abstentions, est approuvée la convention avec la fondation « Stëftung Hëllef Doheem » au sujet de l'introduction du service « Senior plus » qui vise à renforcer l'autonomie et la participation sociale des personnes âgées par le biais d'une orientation ciblée et de consultations individuelles;

4.9. avec toutes les voix, le conseil communal avalise le contrat avec la Communauté des Transports (Verkéiersverbond) au sujet de la mise à disposition d'afficheurs dynamiques FIA 4 lignes à l'arrêt bus « Kierch » et à l'arrêt bus « Fohrmann ».

Suivent ensuite l'approbation des devis estimatifs par le conseil communal. Ainsi, sont approuvés,

4.10.1. avec 14 voix et 3 abstentions, le devis estimatif concernant frais d'études pour l'établissement d'un cahier de charges pour l'exploitation et la maintenance des installations techniques du Centre sportif René Hartmann pour un montant de 22'000,- €;

4.10.2. unanimement, le devis pour l'adaptation des protections anti-chocs du côté des tribunes de la salle Grimler du Centre sportif René Hartmann pour un montant de 100'000,- €;

4.10.3. avec toutes les voix, le devis au sujet de la modernisation de l'éclairage et de la sonorisation de la salle Grimler du Centre sportif René Hartmann pour un montant de 180'000,- €;

4.10.4. avec 14 voix et 3 abstentions, le devis relatif à l'installation d'un système « Nobreak » pour le courant électrique du Centre sportif René Hartmann pour un montant de 50'000,- €;

Par la suite le conseil se déclare unanimement d'accord avec les dossiers suivants:

4.10.5. devis pour frais d'études de faisabilité et de mise en conformité de la piscine en plein air – 2e phase, grand bassin pour un montant de 50'000,-€;

4.10.6. devis pour la remise en état des vestiaires et des tribunes au Stade Jos Nosbaum pour un montant de 80'000,- €;

4.10.7. devis pour l'installation de calisthenics pour un montant de 50'000,- €;

4.10.8. devis pour le renouvellement du gazon synthétique du mini-stade Ribeschpont pour un montant de 25'000,-€;

4.10.9. devis pour l'aménagement d'une aire de jeux au parc Casino pour un montant de 75'000,- €;

4.10.10. devis pour l'aménagement d'une place et d'un chemin avec escaliers dans la rue du Stade Jos Nosbaum / rue des Fleurs pour un montant de 75'000,- €;

4.10.11. devis pour la phase 2 du projet « Shared Space », concernant plus particulièrement le redressement du croisement route de Zoufftgen / rue du Commerce et rue du Commerce / rue de la Libération pour un montant de 200'000,- €;

4.10.12. devis pour le réaménagement de la rue Jean Friedrich pour un montant de 350'000,- €;

4.10.13. devis pour le réaménagement de la rue Um Kräizbierg pour un montant de 300'000,- €; et

4.10.14. devis pour la réparation avec repositionnement des équipements de climatisa-

tion pour les locaux techniques et informatiques à l'Hôtel de Ville pour un montant de 30'000,- €;

4.11. le conseil communal se déclare unanimement d'accord à attribuer les subsides extraordinaires suivants à l'a.s.b.l. Déschtennis Diddeleng:

- 250,- € pour avoir remporté le titre de Champion de Luxembourg;
- 500,- € pour la participation au 1er tour en Coupe d'Europe Messieurs 2016;
- 500,- € pour la participation au 1er tour en Coupe d'Europe Dames 2016;
- 750,- € pour la qualification pour le 2e tour en Coupe d'Europe Dames 2016.

Le rapport d'activités de l'exercice 2015 de l'office social est présenté aux conseillers communaux sub point numéro 5 de l'ordre du jour avant que le conseil communal se déclare unanimement d'accord avec le budget rectifié de l'exercice 2016 et le budget de l'exercice 2017 de l'office social de Dudelange.

Quelques changements dans la composition des commissions locales, plus particulièrement en ce qui concerne la nomination de Madame Sabrina Olivieri et de Monsieur Marc Weydert au pool des remplaçants sont ratifiés d'un commun accord.

Le point numéro 7 de l'ordre du jour a trait aux décisions de personnel communal en séance publique.

Ainsi, le conseil communal, par des votes unanimes, décide

7.1. de créer un poste d'employé communal dans la carrière de l'aide-éducateur pour les besoins du département administratif - maison des jeunes, comme suite à la reprise d'activités de la maison des jeunes par la commune;

7.2. de créer deux postes d'employé communal dans la carrière de l'éducateur diplômé pour les besoins du département administratif - maison des jeunes, comme suite à la reprise d'activités de la maison des jeunes par la commune;

7.3. de créer un poste d'employé communal dans la carrière de l'éducateur gradué pour les besoins du département administratif - maison des jeunes, comme suite à la reprise d'activités de la maison des jeunes par la commune;

7.4. de créer un poste d'employé communal dans la carrière B1 pour les besoins du département administratif - service accueil, réception et central téléphonique;

7.5. de fixer le nombre d'emplois du cadre fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux pour l'année 2017.

Les deux motions introduites par le conseiller communal Monsieur Joseph Thill, fraction « Déi Lénk », inscrites à l'ordre du jour sub point numéro 8 seront traitées en séance publique du 23 décembre 2016 à l'occasion des discussions et du vote sur le budget communal.

Aucune question n'a été posée au collège des bourgmestre et échevins.

La séance se poursuit alors à huis clos:
Un changement est apporté à l'organisation scolaire de l'année scolaire en cours.

Décisions de personnel
Sont promus dans leur carrière respective, les fonctionnaires communaux suivants: Monsieur Patrick Zehner, Mesdames Nicole Faber, Eliette Wolff, Messieurs Robert Bigdowski et Pascal Capitani.

Démission est accordée, sur sa demande, à Madame Lis Conter, de son poste de salariée à mi- tâche (CDD) pour le remplacement d'un congé de maternité et d'un congé parental subséquent au service de l'égalité des chances entre femmes et hommes.

Sont engagés comme employés communaux, comme suite à la reprise des activités de la maison des jeunes par la commune, Monsieur André Marques, carrière de l'éducateur gradué et Monsieur Antonio Teixeira Reis, carrière de l'aide-éducateur.

Finalement, Madame Nathalie Pauly est engagée comme employée communale à durée indéterminée, carrière de l'éducateur gradué pour les besoins du département administratif - service d'éducation et d'accueil pour enfants de la Ville de Dudelange.

Fin de la séance vers 14.30 heures.

***



## GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 16. DEZEMBER 2016

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, haut hu mir Gemengerotssitzung wou mir iwwert de Budget rectifié 2016 schwätzen, respektiv d'Presentatioun vum Budget 2017 vum Schäfferot um Ordre du jour hunn mam klasseschen Ordre du jour.

Nächste Freideg kënnen dann d'Conseillere vun der Majoritéit an och vun der Oppositioun Stellung zum Budget huelen, wou mir uschléissend de Budget diskutéieren an dann och zum Vote iwwerginn.

Wat den Ordre du jour ugeet, sinn awer nach zwee, respektiv dräi Dokumenter als Ajoute verschéckt ginn am Laf vun der Woch.

Dat eent sinn zwou Motioune vum Conseiller Jos Thill. No Récksprooch mam Här Thill wäert hien den nächste Freiden am Kader vu senger Budgetspresentatioun op déi zwou Motiounen agoen, da kënnen och d'Conseilleren doriwwer diskutéieren - respektiv well dat heiten sech aschreift an de Budget, wäert dat och hei an d'Diskussioun, respektiv an de Vote vum Budget alafen.

Et ass och nach en Dokument nogereecht ginn, wat d'Personal ugeet.

**Ass de Gemengerot mat deenen Ajouten averstanen? Jo? Merci.**

Da géif ech op den Ordre du jour iwwergoen.

## 1. KORRESPONDENZ

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ënnert Korrespondenz sinn zwee Messagen, déi ech hei wollt lass ginn.

D'lescht Woch hu mir am Wirtschaftsministère d'Konventioun ënnerschriwwe wat déi europäesch Fördergelder ugeet fir eise Shared Space – Projet. Et ass jo esou, datt mir iwwert de FEDER 40% subventionéiert kréien.

Et ass eng Konventioun iwwert den Investissement Territorial Intégré (ITI). Déi hu mir ënnerschriwwen a wäerten se och an engem nächste Gemengerot op den Ordre du jour setze.

Mir sinn am Fong déi éischt Gemeng hei am Land, déi sou eng Konventioun vum Investissement Territorial Intégré ënnerschreift.

Deen zweete Volet ënnert Korrespondenz ass eng Informatioun zum Projet Neischmelz. Dir wësst, datt jo do geplangt war, datt d'Filmstudioen op Diddeleng kommen, datt dat en integrale Bestanddeel ass vum Plan directeur vum Projet Neischmelz, fir och do den audiovisuelle Cachet ze behalen, dee mir souwisou schonn hu mat der Implantatioun vum CNA.

Mir hate virun e puer Wochen eng Réunioun am Kulturministère an net méi spéit ewéi d'lescht Woch eng Reunioun am Wirtschaftsministère, zesumme mat de Vertrieder vun der Filmindustrie an enger ganzer Rei Produzenten, an et ass festgehale ginn am Wirtschaftsministère an am Tourismusministère, datt en Aarbechtsgrupp agesat gëtt mat enger ganzer Rei Acteuren, niewent der Gemeng natierlech zoustänneg Leit aus dem Ministère wéi och mat de Filmproduzen-



ten an dem Fonds du Logement, dee jo Développeur vum Projet Neischmelz ass.

Dat ass also deen Aarbechtsgrupp deen sech ganz kloer soll em dee Volet Filmindustrie bekëmmeren, d'Ausschaffung vum Konzept, well jo virgesinn ass, datt niewent der nationaler Filmindustrie an den Halen, wou och den Hall Fondoucq ass mat deem Konzept Box in the Box, och soll eng Strooss kënnen entstoen, eng Filmstrooss, respektiv eng Aart Visiting Centre, deen och méi en touristesche Cachet huet.

D'Iddi vum Laminoir, wou jo Start-upe sollte kommen, dat heescht och Start-upen, déi am Filmberäich schaffen, nieft dem Fait, datt wann do gedréint gëtt, dee ganze Volet vun Hôtellerie a Gastronomie jo och e ganz wichtegen Aspekt huet.

Awer och, wat d'Filmproduzente gesot hunn, datt een dee Volet Formatioun kéint mat eranhuelen, sou datt een do eng kohärent Identitéit hätt wat d'Filmindustrie ugeet. Do fanne schonn eng ganz Rei Zesummenaarbechte statt mam CNA an dat wier e ganz flotte Projet, wou mir d'nächst Joer an Ugrëff huelen an deen och an den Diskussiounen iwwert de Projet Neischmelz soll kënnen afléissen.

Voilà, dat waren déi zwee Punkten hei, déi ech awer nach wollt dem Gemengerot matdeelen an ech géing proposéieren, datt mir op den zweete Punkt iwwerginn.

## 2. APPROBATIOUN VUM TABLEAU DE PRÉSÉANCE VUM GEMENGEROT

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Den Tableau de pré-séance muss frësch approuvéiert ginn. Ass de Gemengerot mat deem Tableau de Préséance, esou wéi Dir en hei virleien hutt **averstanen?** Dat ass **unanime.** Merci.

## 3. ÄNNERUNG VUM ALLGEMENGE VERKÉIERSREGLEMENT

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): An dës Diskussioun falen 2 Punkte wat engersäits den Nightlifebus an de Quartier Schmelz ugeet, de Parkingmanagement, an ech ginn elo dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

**3.1. Parkverbuet fir Transportgefierer am Quartier Schmelz**

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Ech fänken ëmgedréint mam Parking Schmelz un, ëm wat geet et hei? Där wësst dass de Parking St. Eloi uewe bei der Kapell zënter laange Joeren als Camionnetteparking fir owes definéiert war an ass.

Dat gouf jo och wéi mer d'Camionnettereglement ageféiert hunn am Juli, wat mer och unanime hei gestëmmt hunn, net geännert.



Wat awer geännert huet, ass dass et Leit ginn, déi amplaz hir Camionnette op de Skateparking ze stellen, wou nach genuch Plaz ass, fir se ofzestellen, dass déi elo einfach op de St. Eloi parke fueren, an zwar op dee groussen Deel, also dee bei der Kapell. Déi stellen dann owes hir Camionnette dohinner a moies kommen se mam Auto, an si loossen dann de ganzen Dag hiren Auto do stoen.

Ech brauch Iech jo net ze soen, dass dat net gutt ukënnt bei de Leit aus dem Quartier, well déi da keng Parkplaze méi an hirem Quartier kréien.

Och, Där wësst dass de Quartier Schmelz e Quartier ass mat enke Stroossen, wéineg Garagen, wéineg Parkplazen, déi Leit sinn op de Parking do ugewisen.

D'Restaurateueren hunn sech och schonns beschwéiert, dass hir Cliente keng Parkplaze kréien.

Wat proposéiere mer Iech elo?

Ech sot jo virdrun, de Parking St. Eloi de groussen Deel, ech hunn et extra an zwee Deeler gedeelt fir dass Dir Iech kënnt eppes virstellen, well en huet der zwee, dee groussen direkt niewent der Kapell, an dann dee méi klengen Deel, deen ass bei den Haiser 178 an 200. Dee läit och e bësse méi verdeckt fir Leit, déi dee Quartier net kennen, an en ass och e bësse méi kleng, et gi ronn 10 Camionnettë manner dohin.

Mär proposéieren Iech elo einfach dat ze switchen, dat heescht wou virdrun dee groussen Deel, dee jo zënter Joere fir Camionnetten owes erlaabt war, an dat och bliwwen ass, an dee klengen Deel war dat net méi. Wa mer dat géife switchen, da géif dat erlaben den Awunner rëm Plaz fir hir Autoen op deem groussen Deel ze ginn, an natierlech och deene Leit, déi wëllen an d'Restauranten oder an d'Caféë goen, fir do ze parken, wou se dat gewinnt sinn, ouni mussen nach laang ronderëm ze fueren, oder wäit sichen ze goen.

Ech probéieren, dat elo bëssen ze rekapituléieren, well wann ee kee Plang virun sech huet, ass et vläit e bësse schwéier et ze verstoen, respektiv wann een net sur place ass.

Wa mer dee Changement lo stëmmen, da wier dee klenge Parking, also dee bei den Haiser 178-200 deemno owes fir Camionnetten erlaabt, an eben dee grousse Parking bei där Kapell net méi.

Wann et net géif duergoen, well ech virdru gesot hunn, et sinn eigentlech 10 Parkplaze fir Camionnettë manner op deem klenge Parking wéi op deem Groussen, dann ass um Skateparking nach genuch Platz, an dat war jo eigentlech och de But, dass déi Leit, déi an deem Quartier wunnen, wéi dat virdrun de Fall war, hir Camionnette kéinte weider do stoe loossen, mee das déi Leit déi aus engem aneren Deel vun Diddeleng kommen, dass déi géifen op de Skateparking fueren, an do hir Camionnette ofstellen, well de But vun deem Camionnettereglement ass jo eigentlech deen, dass d'Leit solle Plaz an hirem Quartier, an hire Stroossen hunn, ouni dass se owes oder weekends zougeparkt gi vu Camionnetten. Mär proposéieren Iech elo einfach dat, wat elo do ass, ëmzedréinen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Claudia fir déi Erklärungen. Gëtt et dozou Froen oder Stellungnahmen?

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Effektiv, et ass grad wat d'Claudia Dall'Agnol och sot, dass d'Restaurateuren sech beschwéiert hunn, dass owes d'Leit Schwieregkeeten hu fir e Parking ze fannen.

Ech fannen dat eng gutt Alternativ, et muss een awer och kucke fir der Geschäftswelt e bëssen entgéint ze kommen.

Ech krut och Remarquë gemaach, op de Camionnetteparkingen ob een do net ka méi Sécherheet garantéieren, dass een d'Beliichtung e bësse besser mécht, dass ee villäicht méi intensiv och iwwer Nuecht beliicht, well si fäerten dass wann si hir Camionnetten do beim Skaterpark oder och uewen am Quartier Italien ofstellen, dass dann de Risiko, dass agebrach gëtt, méi grouss ass, sou dass een do iergendwéi muss iwwerleeën, wéi een déi Saache kann e bësse méi sécher maachen, fir dass eis Geschäftsleit awer net och nach zousätzlech déi Onannehmlechkeeten, déi se hu wann se d'Camionnetten ausserhalb parken, wat awer hei wéi gesot jo am grousse Krees esou gewollt war, dass mär do hinnen net och nach zousätzlech schueden. Merci.

Joseph Thill (Déi Lénk): Merci Här Buergermeeschter, ech si mat där doten Ëmännerung net d'accord, ech fanne, mär maachen de Leit mat de Camionnetten eng Rei Schwieregkeeten. Elo huele mär hinnen nach 10 Parkplazen ewech. Ech verstinn, dass de Schäfferot





d'Camionnettë wëllt an de Quartier Italie kréien, mee ech denken do si verschidde Leit, déi hunn effektiv do Suergen ëm déi Saachen déi se an de Camionnetten hunn. Ech muss och soen, ech war leider net dobäi wéi déi éischt Kéier iwwert déi Parkingsgeschicht den 11. Juli diskutéiert gouf. Mär si mat där Ëmännerung do awer net d'accord.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Här Thill. Nach weider Wuertmeldungen? Dat ass net de Fall. Ech ginn d'Wuert zeréck un d'Claudia Dall'Agnol.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Also mär hunn op alle Fall nach net zougedroe kritt, dass eppes geschitt ass. De Parking Italien an de Parking St. Eloi, déi si jo schonns zënter Joeren als Camionnetteparking definéiert. Och an där Zäit, zumindest säit ech hei dobäi sinn am Schäfferot, huet ni een sech gemellt dass eppes geschitt wier. De Skatepark, dat ass e grousse Parking, deen och op enger Haaptstrooss ass, deen ass gutt beliicht, mär kënnen awer gären nach eng Kéier den Tour maachen, fir ze kucken ob nach iergendeppes ze verbesseren ass, da gëtt dat natierlech gemaach.

Ech mengen den Här Thill sot, mir wéilten d'Camionnetten an de Quartier Italie kréien, do hu mär eis mengen ech mëssverstanen, mär hunn 3 Parkingen, deen am Quartier Italien an deen am Quartier Schmelz de St. Eloi, an déi sinn zënter Joeren definéiert gewiescht, dass d'Leit do kënnen owes hir Camionnetten ofstellen. Et ass eben an deenen zwee Quartiere wou et immens vill Camionnettë ginn, wou d'Leit eng Parkplaz kruten, dat heescht et war an deenen Stroossen net méi erlaabt, mä si hu missen op déi Parkinge goen, dorunner huet sech un sech näischt geännert. Dat eenzegt wat geännert huet, ass dass ee Parking bäikoum. De Skateparking ass bäikomm, an dofir dierfen d'Leit a ganz Diddeleng net méi an den Stroossen, respektiv op de Parkinge stoen.

An de Skatepark, Där hutt gesot, mär huelen hinne Parkplazen ewech um St. Eloi, dat sinn der 10 manner, mee déi si bei wäitem nach ëmmer fräi uewen um Skateparking, do ass nach Sputt.

A mär mussen och no de Leit am Quartier kucken, well et ka jo och net sinn, wann s de vu Biereng mat denger Camionnette kënns, dass de se dann an de Parking Schmelz oder an de Parking Italien stelle gees, an deene Leit, déi do wunnen, eng wäertvoll Parkplaz ewech häls an um Skatepark ass nach Plaz fräi. Da kanns de se och op de Skatepark stelle goen, ech gesinn dat net an, mär hunn dat och net gesi kommen, firwat d'Leit eigentlech grad op deen dote Parking fueren.

Et ass eis e Rätsel, mee et gëtt awer gemaach, an dofir musse mär elo awer relativ séier reagéieren.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech proposéieren dann elo, dass mär zum Vote iwwer ginn. **Wien ass mat där Modifikatioun vum Parkraummanagement averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun LSAP, CSV, déi Gréng an ADR.** Wien ass **net domadder averstanen,** dat ass de Vertrieder vun **Déi Lénk.**

Merci, da gi mär op den anere Punkt iwwer an dat ass den Nightlifebus.

**3.2. Reglementatioun vun de Bus-Arrêten no der Reorganisatioun vum Trajet vum Nightlifebus**

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Et handelt sech ëm d'Arrêten, déi mär an der Reunioun am Juli, wou mer déi nei Haltestelle fir de Citybus an d'Linnebusser vum TICE reglementéiert oder definéiert hunn, do hate mer eng Rei net ofgeschaf, well den Nightlifebus nach bis den 30. Dezember dëst Joer wéi ugekënnegt op deenen hält.

Ier mer ugefangen hu mam Nightlifebus ze fueren, do war jo e Flyer verdeelt gi mat den Informatioune vun den Haltestellen drop, an et hätt jo kee Sënn gemaach, dass mär nom 5. Dezember, wou den TICE-Bus deen neie Wee gefuer ass, dass mär do déi Haltestellen do ofgeschaaft hätten an en neie Flyer verdeelt hätte fir just nach déi 2 Wochen.

Elo musse mer se awer definitiv ofschafe well den Nightlifebus fiert jo och all Joer Silvester an dee Flyer dee misst verdeelt sinn, an den Nightlifebus passt sech elo den normalen Arrêten un, wéi och den TICE-Bus fiert fir dass mer keng zousätzlech Arrête musse bestoe loossen.

Déi Arrête wäerten och esou gekennzeechent ginn, wéi se virdru waren, dat heescht mat engem Schëld drop, dass den Nightlifebus do hält, an och um Internetsite sinn dann déi nei drop, a wann dann d'nächst Joer deen neitste Flyer eraus kënnt mat den Datumer vum nächste Joer, da wäerten do och déi nei Arrêten,



also déi normal TICE-Arrêten drop sinn, sou dass mer musse virun Silvester eben déi al Arrêten ofschafen. Et sinn der nëmmen e puer déi iwwereg bliwwe sinn.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Sinn nach Froen oder Stellungnahmen dozou? Dat schéngt net de Fall ze sinn. **Ass de Gemengerot mat der Ëmännerung vun dësem Verkéiersreglement averstanen?** Dat ass **unanime**. Ech soen Iech Merci. Domat komme mer zu de Gemengefinanzen.

# 4. GEMENGEFINANZEN

## 4.1. Approbatioun vum Budget rectifié vum Exercice 2016

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Éier ech elo op d'Presentatioun vum Budget rectifié, respektiv och d'Presentatioun vum Budget 2016 aginn, an op d'Ausriichtung, d'Akzenter déi mir fir 2017 setzen, wollt ech virop awer hei eisem Service Comptabilité Merci soen, dem Pascale Poull an dem Paulo Lopes fir d'Opbereeden an d'Ausschaffen zesumme mam Schäfferot fir dëse Budget.

Mir hunn och wéi all Joer eng PowerPoint-Presentatioun virbereet fir Iech Abléck ze ginn an d'Eckdate vum Budget rectifié respektiv vum Budget initial.

Eis Finanzkommissioun huet och getagt den 12. Dezember 2016 an normalerweis misst Dir de Rapport vun der Finanzkommissioun virleien hunn. D'Virgaben, wéi all Joer sinn déi selwecht, mir hunn eis op d'Circulaire budgétaire baséiert, mat de staatlechen Dotatiounen, mam Ënnerscheed, dass de Rectifié 2016 no de Premissë vum ale Schema vun de Gemengefinanzen opgebaut ginn ass, notamment wat den Impôt commercial ugeet, respektiv de Fonds communal de dotations financières an den Initial vun 2017 mat de Premissë vum neie Gemengefinanzegesetz, dat jo d'Inegalitéiten an och d'Disparitéiten zwëschent de Gemenge verréngert.

Et ass also eng Realitéit ginn duerch dat neit Gesetz, an dat kënnt natierlech och Diddeleng zegutt als Centre de développement et d'attraction, also als CDA-Gemeng, déi eng Rei regional Aufgaben huet, an ech wäert herno e bësse méi am Detail an der Presentatioun vum Budget 2017 drop agoen.





Op alle Fall sinn och de Kritäre vun der territorialer Reform an vum Plan directeur de l'aménagement du territoire Rechnung gedroe ginn, wat Diddeleng ugeet.

D'Circulaire fousst natierlech och op makroekonomesche Virgaben, déi och an der Circulaire erëmzefanne sinn, an dat fousst och op dat wat d'Regierung am Kader vun hirem Pacte de stabilité et de croissance am Abréll 2016 och der Europäescher Kommissioun zoukomme gelooss huet.

Fir e bëssen op d'Eckdate vum Budget rectifié 2016 anzegoen, wëll ech engersäits den ordinären Deel, respektiv den extraordinären Deel presentéieren.

Mir hunn um Niveau vum Budget rectifié 2016 wat d'ordinär Recetten ugeet, 78.411.804,32 Euro, um Niveau vun den Dépensen am ordinäre Beräich hu mer 71.294.316,24 Euro, do hu mir also e Boni vu 7.117 488,08 Euro. Mam Boni, dee mir um Kont 2015 och gemaach hunn, mat deenen 11.606.877 Euro hu mir am Ordinären e Boni général vun 18.724.365,08 Euro.

Wa mir elo op den extraordinäre Budget eriwwer ginn, do hu mir Einnamen vun 14.252.873,59 Euro an Dépensen am extraordinäre Budget vun 22.804.803,08 Euro, dat ass e Mali vun 8.551.929 Euro.

Wa mir déi ofrechne par rapport zum Boni général vun deenen 18 Milliounen Euro, da komme mir op e Boni définitif am Budget rectifié 2016 vun 10.172.485,59 Euro.

Wann een do gesäit par rapport zum Initial 2016, do hu mir Recettes ordinaires vu 4.631.342 Euro méi, a bei den Dépenses ordinaires hu mir 418.776,52 Euro manner, sou dass mir e Boni do hunn am Initial par rapport zum Rectifié vu 5.050.118,59 Euro.

Esouvill zum Budget rectifié, mir hunn also 10,1 Milliounen Euro, déi mir an d'Joer 2017 mat eriwwer huelen, an dat ass eng ganz gutt Ausgankspositioun.

Ech ginn elo villäicht op e puer Zuelen, e puer Variatiounen, e puer Erklärungen an tëschent dem Initial 2016 respektiv dem Rectifié 2016.

Wann een engersäits den Impôt commercial kuckt, par rapport zu der Circulaire, do hu mir e gudde Strapp méi kritt. Wat mir awer am Initial 2016 gemaach hunn, an och am Rectifié 2016 - an Der fannt dat och an Ärem Dokument erëm - mir hunn de Principe de prudence zweemol walte gelooss. Am Initial 2016 hate mir eng hallef Millioun Euro manner am Impôt commercial, an der Gewerbesteier agesat, och am Rectifié hu mir eng hallef Millioun Euro manner als Principe de prudence agesat, och wann d'Circulaire ganz kloer weist - an der hutt se jo virleien vum 21. November 2016 - dass ee par rapport zur Variatioun gutt 16,4% méi kann asetzen. Dat hu mir gemaach, nach hu mir eng hallef Millioun Euro manner dragesat, mee wann een awer den Initial 2016 par rapport zum Rectifié 2016 kuckt, hu mir an der Gewerbesteier 3,1 Milliounen Euro méi, also vu Recettes non affectées.

Wann een de Fonds communal de dotation financière kuckt am Initial 2016 par rapport zum Rectifié 2016, do hu mir 33,3 Milliounen Euro am Initial an am Rectifié 32,4 Milliounen Euro. Do war et esou, an de Premissë vun der Circulaire am Ufank vun dësem Joer, respektiv um Enn vum leschte Joer, do war eng Variatioun fir anzesetzen vu 6%, am Rectifié 2016 war d'Variatioun just nach 4,2 %, dofir och déi Differenz zwëschent dem Initial an dem Rectifié 2016.

Wat mir awer vu Méieinname kritt hunn an den ordinäre Recetten, dat si virun allem d'Haussen um Niveau vu Gas a Waasser, respektiv och eng ganz Rei staatlech Participatiounen, déi méi era komm sinn.

Wat mir natierlech och am Rectifié 2016 hunn, wat jo ni am Initial 2016 ass, dat ass de Restanten, deen ass 1,2 Milliounen Euro, sou dass mir am Rectifié vun de Recettes ordinaires e Boni maache vu 5 Milliounen Euro.

Wann een elo eriwwer geet op d'Recettes extraordinaires, do hu mir 1,3 Millioun Euro méi am Initial par rapport zum Rectifié 2016. Dat huet virun allem domat ze di mat zousätzleche staatleche Subsiden an Taxes pour équipements collectifs déi mir era kritt hunn, dat sinn 320.000 Euro, verschidde Reporten, beim Klimapakt hu mer 130.000 Euro méi kritt, a mer hunn awer och Verschibungen um Niveau vu Subsiden, vum Initial 2016 op den Initial 2017, notamment wat de Logement ugeet, sou dass mir awer och do eng gutt Ausgankspositioun hunn.

Wat d'Dépenses ordinaires ugeet, do si keng gréisser Verschibungen, mir hu 400.000 Euro manner Dépensë gehat.

Wat natierlech d'Dépenses extraordinaires ugeet vum Initial 2016 op de Rectifié 2016, déi variéiere vu 15,4





op 22,8 Milliounen Euro, an dat huet natierlech engersäits mat e puer Reporten ze dinn, respektiv awer och mat zousätzleche Kreditter, déi mir hei am Gemengerot gestëmmt hunn, en cours de route, an dat huet 1 Millioun Euro ausgemaach.

Dat heescht, op den 31.12.2016 hu mir summa summarum eng gutt finanziell Situatioun, wéi gesot 10,1 Milliounen Euro Boni, dee mir eriwwer huelen an de Budget 2017.

Mir hunn eng ganz komfortabel Ausgankspositioun, mir hu Reserven vun 12,5 Milliounen Euro, déi mir 2016 net ugepaak hunn, mir hunn 9 Milliounen Euro am Fonds de réserve budgétaire, mir hunn 3 Milliounen Euro am Fonds de péréquation an eng hallef Millioun Euro am Fonds spécial Pacte climatique 2016 a mir hunn am leschte Gemengerot d'Autorisatioun gefrot fir en Emprunt kënnen opzehuelen vu 4 Milliounen Euro. Dat heescht d'Prokappschold ass den Ament bei 937 Euro pro Awunner, also ënnert der Grenz vun 1000 Euro pro Kapp pro Awunner, dat ass eng ganz positiv Situatioun.

D'Scholde belafen sech momentan op 19 Milliounen Euro, do kann een d'Dokument weisen, wou een d'Schold gesäit déi mir de Moment hunn, wéi gesot 19 Milliounen Euro, déi natierlech am Initial erof geet.

Wann een och deen nächste Slide weist, do gesäit een och ganz kloer wat d'Evolutioun vun der Dette par habitant ass, déi läit also bei 937 Euro, an natierlech d'Annuitéiten, déi leie bei 1,3 Milliounen Euro 2016, do si mir bei 1,75 %, wat d'Annuitéite par rapport zu der Recette ordinaire ugeet. De maximale Seuil ass 20% an alles wat ënnert 10% ass, ass eng exzellent Situatioun, also och hei befanne sech d'Gemengefinanzen an enger ganz ganz gudder Situatioun. Natierlech muss een och déi strukturell Evolutioun vum Budget ganz kloer am A behalen.

Dat e bëssen iwwert d'Eckdaten, wat de Budget rectifié ugeet.

**4.2. Approbatioun vum Budget initial vum Exercice 2017**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech géif dann elo op d'Presentatioun vum Budget 2017 iwwergoen, op den initiale Budget, a wäert och do e puer méi generell a spezifesch Consideratioune maachen.

De Budget 2017, trotz Gemengefinanzreform, déi Diddeleng zegutt kënnt, ass e Budget dee ganz buedemstänneg ass, an deen och am Verhältnis zu eise Mëttele steet. Et ass e Budget, dee keng waghalseg Experimenter ageet an awer Diddeleng weider gutt Perspektive bitt, an esou och dës Stad mat hiren Awunner weiderbréngt.

Den Invest dee mir 2017 tätegen, dat si 17,1 Milliounen Euro, et ass e Budget - an am Kader vun der Budgetspresentatioun wäert de Schäfferot dodrop agoen - deen d'Infrastrukturen vun dëser Stad weider moderniséiert a weider attraktiv hält.

Et ass awer och de leschte Budget vun dëser Legislaturperiod, wou mir weder en Emprunt ophuelen nach eis Reserven 2017 untaaschten, also eng gesond Finanzpolitik hei virfannen, déi net d'Foto ass vun engem eenzele Joer, also reduzéiert op e Joer, mä ganz kloer d'Konsolidatioun vun deene leschte Budgeten, wou ganz kloer och d'Responsabilitéit am Vierdergrond stoung an nach ëmmer steet.

Et ass awer och e Budget vun der sozialer Kohäsioun, deen de Bierger vun Diddeleng zegutt gëtt, an och där nächster Majoritéit en zolitt Polster an eng ganz gutt Assise gëtt fir déi nächst Erausfuerderungen unzehuelen a punkto Wuesstem a Stadentwécklungen, an ech denken do un eis Quartiere Lenkeschléi an Neischmelz, also Projeten, déi sécherlech zukunftsweisend si fir dës Stad, wou awer och eng Rei Invester vun dësem Gemengerot nach musse getätegt ginn, niewent deene gängegen Invester, déi mir all Joer hunn.

Duerch d'Gemengefinanzreform kritt Diddeleng 5,4 Milliounen Euro méi, dat ass deen Drëttel vun den Enseignantspaien, déi ewech falen, an dat spiere mir ganz kloer am Budget 2018, well mir am Budget 2017 nach d'Enseignantspaien vun 2016 dran erëm fannen.

Mä déi selwecht Reform dréit awer och dozou bäi, dass d'Pro-Kapp-Dotatioun wat Diddeleng betrëfft klëmmt, mir ware virdrun ëmmer an enger Situatioun,



wou mir 2.170,66 Euro op de Kapp haten, an elo si mir bei 2.446,67 Euro, also e Plus vun 276,67 Euro pro Kapp, pro Awunner.

Dat ass eng ganz honorabel Hausse, déi do stattfënnt, nach bleift d'Dotatioun pro Kapp hei zu Diddeleng liicht ënnert der Moyenne am Süden, a liicht ënnert der Moyenne nationale, mä generell bleift d'Moyenne vun der südlecher Pro-Kapp-Dotatioun ënnert der nationaler Moyenne, nach sinn awer déi 5 Milliounen Euro déi am ordinäre Budget 2018 wäerte sinn, eng wëllkomm Einnam, déi eise regionale Rôle dee mir als Stad hunn, stäerkt an hannert deem mir eis als Stad Diddeleng och ni verstoppt hunn, trotz Pro-Kapp-Dotatioun, déi ënnert der südlecher an ënnert der nationaler Moyenne war.

Mä déi Operatioun an och déi politesch Volontéit, déi 90 Milliounen Euro méi an dat Dëppe vum Gemengesecteur kommen ze loossen, dran ze investéieren, mat enger Rei neie Verdeelungsschlësselen, kënnt och Diddeleng als CDA-Gemeng endlech zegutt. Dofir begréisse mir och dës Reform, well se weider zu der finanzieller Stabilitéit vun dëser Gemeng bäidréit par rapport zu de Rapporten an hiren Aufgaben déi se um regionale Plang huet.

De Fong hutt Dir jo matkritt iwwert d'Medien an dat Gesetz, dat gestëmmt ginn ass, setzt sech jo weider zesumme mat 18% vun der Akommessteier, 10% vun der TVA, 20% vun der Autossteier, neierdéngs awer och 65% vun der Gewerbesteier, dofir kréie mär jo 35% direkt an eise Budget, an natierlech e Montant forfaitaire, deen de Staat all Joer festhält am Budget an dee läit dëst Joer bei 81 Milliounen Euro.

Dat zu de generellen Erklärungen a Consideratiounen.

Wann een awer kuckt, wéi Diddeleng sech weider entwéckelt, Diddeleng huet op den Datum vun haut genau 20.415 Awunner, a mat deene bestoenden an zukënftege Wunnengsbau- a Stadentwécklungsprojeten déi mir hunn, wäert natierlech och de Kritär vun der Populatioun, an 82% vun de Verdeelungskritären ass de Populatiounskritär, a mat den Aarbechtsplazen, déi mir hei och hunn a weider wäerte schafen, wäert och dee Verdeelungsschlëssel dëser Stad ze gutt kommen an an eiser Faveur stoen.

Wat d'Opstellung vum Budget initial 2017 ugeet, hu mir eis ganz kloer un d'Circulaire gehalen an och déi Montanten agesat. Dir hutt gesinn, dass déi éischt generell Circulaire komm ass, duerno ass eng Nobesserung komm, mat enger Hausse vun dem Impôt commercial, an et ass nach e separate Courrier komm mat deene Montanten déi een asetze kann am Fonds de dotation commerciale des communes, um Niveau vum ICC, un déi hu mir eis gehalen. Am Budget initial hu mir eng hallef Millioun Euro manner agesat, wat den Impôt commercial ugeet.

D'Circulaire, déi faasst um Niveau vun der Evolutioun vum Staatsbudget engersäits d'Inflatioun, anerersäits awer och de Wuesstem, 3,5 bis 4 % mat deene Prognosen déi am Raum stinn, respektiv de Chômage 6,2% och mat de Prognosen, dass en d'nächst Joer erof geet.

Wat heescht dat elo spezifesch fir den Diddelenger Budget initial 2017?

Mir hunn do um Niveau vum ordinäre Beräich Recetten ageschriwwen vu 77.232.715,59 Euro, um Niveau vun den ordinären Dépensen 75.614.864,99 Euro, dat mécht eis e Boni vun 1.617.850,60 Euro. Mam Boni, dee mer eriwwer huele vum Rectifié 2016, déi 10.172.435,59 Euro, mécht dat eis e Boni général vun 11.790.286,19 Euro.

Wa mir elo op den extraordinäre Budget eriwwer ginn, do hu mir Recettë vu 7.656.960,07 Euro an um Niveau vun den Dépensen am extraordinäre Beräich hu mir 17.138.285,96, Euro, sou dass mer do e Mali hu vun 9.481.315,89 Euro.

Wann een do vum Boni général ofzitt, hu mer e Boni définitif vun 2.308.970,30 Euro also och do eng komfortabel Ausgankspositioun.

Elo e bësse méi am Detail, an do kann een och villäicht de Slide aweise vun den Dotatiounen, engersäits hu mir de Fonds de dotation globale des communes, deen ass op 50,5 Milliounen Euro, den Impôt commercial ass op 1,5 Milliounen Euro, dat sinn déi 35% wou direkt iwwert dat neit Gemengefinanzegesetz der Gemeng zegutt kommen, an den Impôt foncier dat sinn déi 830.000 Euro. Unhand vun deem Slide deen der do hutt, weist sech kloer, dass den Impôt commercial zwar erof geet, mee dat ass eben duerch deen neie Modus um Niveau vun de Gemengefinanzen, respektiv awer d'Dotatioun vum Impôt communal erop geet.

Summa summarum hu mer awer Plus Minus dee selwechte Montant kritt. Dir hutt awer gesinn an der Circulaire, dass um Niveau vun der Gewerbesteier, mir



hätte kéinten, unhand vun deenen nationale Prognose wat d'Gewerbesteier ugeet, 19,9% méi asetzen. Dat hu mer awer net gemaach, wann dat natierlech favorabel evoluéiert, kënnt dat och eisem Gemengebudget zegutt, mir sinn einfach op der sécherer Schinn bliwwen, an hunn dee Montant agesat, deen den Inneministère eis matgedeelt huet, respektiv eng hallef Milliounen Euro manner agesat am Rectifié, fir och do eng gewësse Prudence walten ze loossen. Wéi gesot, am Initial 2017 hu mir deen integrale Montant, dee mir kritt hunn, ganz kloer hei agesat.

Wann een elo kuckt, wat déi staatlech Dotatiounen, déi Recettes non affectées ugeet, dat sinn 68% vun eisen ordinäre Recetten, an et ass kloer e Garant fir d'Gemengenautonomie fir déi Projete kënnen ëmzesetzen, dee mir hei wëllen, an de Rescht, déi 32% sinn dann iwwert Taxen, respektiv aner affektéiert staatlech Subsiden, déi mir kréien, wéi zum Beispill am Kader vun de Sproochecoursen, déi mir organiséieren, respektiv d'Enseignantspaien vun der regionaler Museksschoul, awer och déi 3,5 Milliounen Euro Subsiden, déi mir vum Staat kréien, déi och an den ordinäre Recetten erëmzefanne sinn, wat d'Maison relais ugeet, staatlech Subsiden, respektiv 850.000 Euro, wat d'Participatioun vun den Elteren ugeet, niewent deene gängegen Taxen, déi mir erakréien, d'Durchlaufgebühr, wat de Gas ugeet, respektiv och d'Taxe vum Waasser an Ofwaasser an den Offall, wou mir och de Prinzip festgehalen hate vum Pollueur-Payeur, respektiv de Prinzip vun de Coûts réels.

Wat een am Initial 2017 och erëm fënnt, dat sinn déi Loyeren vum Office social, iwwert déi Wunnengen, déi mir hunn, dat sinn 121.300 Euro, an awer och déi Loyeren vun der Locatioun vum Lycée Nic Biever, den Hall sportif an d'Piscine, dat si ronn 800.000 Euro wou mir vu Recetten hei ageschriwwen hunn.

Wa mir op déi ordinär Dépensen aginn, d'Circulaire huet drop higewisen, um Niveau vun der Circulaire musse mir déi néideg Kreditter virgesi fir d'Circulatioun ronderëm d'Gemengewalen, déi am Oktober stattfannen, dat si 87.500 Euro vu Kreditter, déi mir do virgesinn hunn.

Mir hunn awer och am Fonds pour dépenses communales 120.000 Euro agesat, dat ass deen Deel vum Congé politique, deen de Gemengerot kritt.

Mir hunn awer och e Montant agesat vun 100.000 Euro fir d'Ënnerstëtzung vun der Geschäftswelt, d'Promotion du centre commercial, notamment awer och do dann de Budget fir d'Inauguratioun vum Shared Space am Fréijoer, wann dee fäerdeg gëtt, dass mir eis do e Moment ginn, fir dat mam Projet "Am Duerf" anzeweien.

Dee Kredit, deen een awer och dran erëm fënnt, dat ass en neien nationale Projet, wou mir matmaachen, mam Ministère de l'Économie, an och eng ganz Rei aner Stied a Partner am Kader vum Pakt PRO Commerce, wou eng national Plattform geschaf gëtt mam E-Commerce, E-Shoping, 20.000 Euro wou deene verschiddene Stied, déi matmaachen, och der Geschäftswelt an de Geschäftsleit ugebuede gëtt, hir Wueren op eng Internet-Plattform ze setzen, wou se och kënne verkafen.

Et ass eng national Strategie par rapport zu der Stäerkung vum Eenzelhandel an de Stied, an et ass e wichtege Projet par rapport zu den nationalen Tendenze fir an der Peripherie grouss Shoppingsmallen ze hunn.

Dat huet och déi national Regierung erkannt, am Kader vum Pakt PRO Commerce, dass et wichteg ass, den Eenzelhandel ze stäerken a wann d'Gemengen higinn, wat mir och als Gemeng Diddeleng gemaach hunn, mat engem Projet "Am Duerf", mat engem Projet Shared Space, wou mir Geschäftswelt stäerken, ass et och wichteg en nationalen Incentive ze hunn, mat der Regierung zesummen, fir op dee Wee ze goen, also och do de Geschäftsleit d'Online-Welt opzemaachen, an eben och iwwert deen dote Wee kënnen d'Méiglechkeet ze bidden, dass d'Kafkraaft hei am Land generell bleift, an net an d'Ausland geet.

Dann eng Ausgab déi mir hunn, déi awer finanziell vill méi kleng ass wéi déi Joere virdrun, dat ass de Fonds pour l'Emploi, dat ass den Impôt de solidarité, fir déi Ënnerstëtzungen an d'Incentiven, déi d'Regierung hëlt am Kader vum Chômage, do hu mer am Rectifié 2016 350.000 Euro drastoen, am Initial 2017 sinn dat just nach 30.000 Euro, dat huet domadder ze dinn, dass deen Impôt de solidarité - dat sinn 2% vun der Gewerbesteier – natierlech, vu dass d'Dotatioun déi mir kréien um Niveau vun der Gewerbesteier méi kleng am Initial 2017 ass wéi d'lescht Joer 2016, falen natierlech déi 2% déi sech drop grevéieren, vill méi kleng aus.

Wat een och nach vun Dépensë fënnt, dat sinn eis Annuitéiten, 1,5 Milliounen Euro, dat huet och mam Emprunt ze dinn, dee mir jo dëst Joer ophuelen, dat schléit natierlech 2017 zu Buch. Nach muss ee soen, dass dann de Rapport vun den Annuitéite par rapport zu de Recettes ordinaires bei 2,04% läit, also mir ginn



do vun 1,75% 2016 op 2,04% duerch den Emprunt am Initial 2017. Wéi gesot, alles wat ënner 10% ass, ass exzellent, de maximale Seuil ass 20%, also si mir hei an enger ganz gudder Situatioun.

Dann, wat och en décke Montant ass an eisem Budget, dat ass d'Restauratioun ronderëm eis Structures d'accueil, 1 Millioun Euro. Mir hunn natierlech e Volet, deen ausgebaut ginn ass an deene leschte Joeren, d'Maison relais déi mer ageweit hunn och elo an der Gaffelt. Wa mir elo Strukturen ausbauen, a méi Kanner kënnen ophuelen – ech wëll hei nach eng Kéier drun erënneren, dass 50 Kanner méi kënnen an d'Structures d'accueil kommen - duerch den Ausbau vun der Maison relais, bréngt dat natierlech och mat sech, dass doduerch de Budget vun der Restauratioun ganz kloer an d'Luucht geet.

Dann natierlech, op där enger Säit solle mer Waasser verkafen, mat den Taxe musse mer awer natierlech och Waasser kafen, mir kafen dat bei der SES, dem Waassersyndikat, dat sinn 1,2 Milliounen Euro.

Dann och de Volet vun der europäescher Kulturhaaptstad, wou mir 2017 de Budget schonns virzéien, 10.000 Euro wou mir dra setzen, e Budget deen och aner Gemengen hunn.

Par rapport zu deenen aneren Ausgaben, déi spillen, par rapport zum Gemengepersonal, niewent neie Posten, déi geschaf ginn, hu mir och d'Indextranche, déi voll spillt, dat ass knapp 1 Millioun Euro am Diddelenger Gemengebudget, niewent der natierlecher Evolutioun vun de Carrièrë mat de Biennalen, an hei am Initial 2017 fënnt een déi 5,5 Milliounen Euro erëm. Et ass jo esou, dass de Staat ëmmer d'Enseignantspaie ganz finanzéiert, an sech dann herno deen Drëttel bei d'Gemengen siche geet, sou dass mir am Budget initial 2017 deen Drëttel vum Joer 2016 erëm fannen. Am Budget 2018 verfält dat, an doduerch hu mir da 5 Milliounen Euro méi um Niveau vun de Recettes ordinaires, respektiv 5 Milliounen Euro Dépensë manner, deemno wéi een et dréint.

Als véiert gréisst Gemeng si mir och den zweeten Arbeitgeber, an do ass et wichteg, e qualitative Service public weider unzebidden, an dat maache mir.

Wou mir awer och e weideren Hoff maachen, mir hunn 2016 domadder ugefaangen, an och 2017 fuere mir domadder weider, dat ass de Projet Jeunesse, Garantie Jeunesse, wou mir enger ganz Rei Jonker, 20 Persounen zwëschent 16 an 30 Joer iwwert de Contrat d'Appui-Emploi d'Méiglechkeet ginn, eng Ausbildung ze maachen, respektiv se ze encadréieren, niewent awer och 21 Jonker, deene mir d'Méiglechkeet ginn, eng Léier hei an der Stad Diddeleng ze maachen, sief dat als Elektriker, Usträicher, Schwammmeeschter, Employé de Büro, Mécanicien, oder Schlesser. Hei huele mir als Gemeng Diddeleng en aktive Rôle vis-à-vis vun der Formatioun vu Jonker, déi a prekären, respektiv a manner prekäre Situatioune sinn, e Rôle och vu sozialer Responsabilitéit, an och dat baue mir ganz kloer dëst Joer aus, wou mir eis och mam Personal deen néidege Kader gi fir déi Jonk ze suivéieren.

Wat déi ausseruerdentlech Einnamen ugeet, do gesitt dir, d'Recettes extraordinaires si manner héich wéi déi am Budget rectifié 2016, dat huet virun allem domadder ze dinn, dass mer keen Emprunt dëst Joer ophuelen, doduerch heescht et och, dass d'Prokappschold viraussiichtlech op den 31. Dezember 2017 ganz geréng ass, nach weider erof geet, op 846 Euro pro Awunner.

D'Dette geet erof vun 19 op 17,5 Milliounen Euro, duerch déi Annuitéiten vun 1,5 Milliounen Euro déi mir hunn, a wéi gesot, d'Reserven taaschte mir net un. Dat sinn 12,5 Milliounen Euro Reserven, déi mir an eisem Budget hunn.

Wat mir awer nach vun ausseruerdentlechen Einnamen hunn, dat si Subsiden, déi mir vum Staat kréie par rapport zu deene Projeten, an ech wäert do herno nach drop agoen, d'Mise en conformité, d'Minettsdepp, d'Nuddelsfabrik an d'Diddelfamill, do si mir Proprietaire vun de Gebailechkeeten, awer och d'Subside vum Staat par rapport zu deem neie Camion mat Leeder, dee mir kafe fir de Centre d'Intervention, do gi mir zu 75% bezouschusst, well dat och e regionale Charakter huet. Den Diddelenger Centre d'Intervention gewënnt ëmmer méi un Attraktivitéit an och u Wichtegkeet, dofir kréie mir och deen doten Zouschoss. De Remboursement hate mir och hei am Gemengerot gestëmmt, vum Sidor, 1,6 Milliounen Euro, d'Contributioun am Kader vum Klimapakt, 250.000 Euro, an eng ganz Rei Subsiden, déi mir vum Staat kréie par rapport zu de Logementsprojeten déi mir haten an der rue des Champs, d'Chambres meubles an der Tattebuerger Strooss, déi zwee Appartementer am Duerf, respektiv de Projet dee mir am leschte Gemengerot gutt geheescht hunn, d'Maison des Chercheurs.



Ech hat ugangs gesot, am Kader vun der Korrespondenz, hu mir och den Volet vum FEDER-Subventionnement ageschriwwen, 300 000 europäesch Gelder par rapport zum Shared Space Projet, deen am Fréijoer fäerdeg gëtt.

Taxes d'équipements collectifs, gutt 300.000 Euro hu mir ageschriwwen, wéi awer och d'Subside vum Kulturministère, respektiv vun der Kierchefabrik par rapport zu der Renovatioun vun der Fassade, awer och eng ganz Rei Subside par rapport zu Projeten, déi mir an Ugrëff huelen, wat eis Schoulinfrastrukturen ugeet, déi 4 Klassesäll an der Gaffelter Schoul, 0,5 Milliounen Euro, respektiv d'Renovatioun vum Gymnase an der Butschebuerger Schoul.

En anert Element, wou mir eng virsiichteg Approche haten, wou awer sécherlech 2017 nach kéint en aneren Impakt hunn - dat hänkt dovunner of wéi d'Populatioun evoluéiert bis den 31. Dezember 2016 - dat ass de Pacte Logement. Just fir e bëssen de Kader ze skizzéieren, op den 31. Dezember 2015, dat ass jo ëmmer d'Valeur de référence déi geholl gëtt, hat d'Stad Diddeleng 20.153 Awunner. Fir dass een iwwerhaapt eppes kritt, muss een 1% wuessen, dat mécht 202 Awunner aus, dat heescht d'Objektiv vum Pacte Logement ass 20.355 Awunner. Alles wat een do méi Awunner kritt, ab 20.355 Leit, do kréie mir als Gemeng Diddeleng, vu dass mir eng CDA-Gemeng sinn, de Montant vu 7.650 Euro pro Awunner.

Wéi gesot, de Moment leie mir bei 20.415 Persounen, mir sinn also largement iwwert deem Objektiv, dat de Pacte Logement setzt.

Mir mengen net, dass elo gréisser Evolutioune wäerte komme bis den 31. Dezember 2016, mir hunn awer, an dat fannt Dir am Budget erëm, en toute transparence eng virsiichteg Approche agesat, mir soten, mir hunn e Plus vun 20 Awunner, a wann der déi 20 mat deene 7.650 Euro multiplizéiert, da kommt Dir op déi 153.000 Euro fir de Pacte Logement, mee wéi gesot et ass eng virsiichteg Approche, dee Montant ka sécherlech nach evoluéiere bis Enn des Joers, an da kënnt deen eis am Rectifié 2017 zegutt, da wäert dee Montant och méi héich kënne sinn.

Et muss een och soen, wat d'Recettes extraordinaires ugeet, hu mir dann och staatlech Subsiden an der Héicht vun 4,8 Milliounen Euro. Ech wollt awer och nach soen, sou wéi d'Gesetz et virgesäit, dass mir déi 7.650 Euro nach fir d'Joer 2017 kréien, an ab 2018 ass jo landeswäit en degressiven Taux, dee spillt, dat ass leider e bëssen en défaveur vun der Gemeng Diddeleng well ech mir virstelle kann, dass sech och de Gros vun de Leit wat de Projet "Am Duerf" ugeet, eréischt 2018 wäerten umellen, respektiv wat Lenkeschléi ugeet, och déi éischt Umeldungen am Abrëll-Mee réischt wäerten erfollegen, respektiv duerno.

Mä et muss ee soen, dass jo och de Moment de SYVICOL amgaangen ass mam Logementsministère un engem neie Pacte Logement ze schaffen, op alle Fall bis 2021 leeft den aktuelle Pacte Logement, an et gëtt aktiv un engem neie geschafft.

Wéi gesot, nach hu mir favorabel Tauxen, mä si schloen net méi sou zu Buch, wéi dat de Moment de Fall ass, mä och dat kann een net esou steieren.

Da kommen ech zou den ausseruerdentlechen Ausgaben, den Dépenses extraordinaires, wat dëse Budget ugeet.

Mir tätege gutt 17,1 Milliounen Euro 2017 an dovunner sinn 8.026.579 Euro, also 47%, déi an nei Projete ginn, de Rescht, 9 Milliounen Euro, dat si Projeten, déi mir déi lescht Joren ugefangen hunn, respektiv déi sech dann iwwer zwee Budgetsjoren erstrecken.

Wat ee soe kann, 19% vun eisen Ausgaben déi ginn an eis Schoulen, an eis Structures d'acceuil, dat ass engersäits Modernisatiouns- a Renovatiounsaarbechten awer och d'Ulaafe vun neie Projeten, an ech wäert herno méi am Detail drop agoen, an 42% vun eisen ausseruerdentlechen Ausgabe ginn an de Volet vu Logement an Équipements collectifs, wat virun allem Stroossebauinfrastrukture sinn.

Wat ee ganz kloer an dësem Budget erëm fënnt, sinn esouwuel gréisser Projeten, déi fir d'Stad Diddeleng wichteg sinn, déi zukunftsweisend sinn, mee och Projeten, déi eng méi kleng Envergure hunn, an déi awer ganz kloer dëser Staat eng weider gutt Dynamik ubidden, an och ganz kloer ginn.

Den Investvolumen, wéi och all déi Joeren virdrun, bleift héich, a mat 2017 abegraff, ass dës Legislaturperiod en Invest vu ronn 100 Milliounen Euro getätegt ginn.

Dat e bëssen als generell Consideratiounen. Wann een elo am Detail op déi verschidde Projeten ageet, an ech géif einfach mat de Schoulgebaier an Infrastrukturen ufänken.





Ech fänke mat Butschebuerg un, do hu mir wëlles d'Sanitairen, d'Vestiairen an d'Dusche vum Gymnase frësch ze maachen, dat schléit mat 0,5 Milliounen Euro zu Buch, do kréie mir awer och e Subsid vum Sportsministère vun 35%, mee ech mengen et ass e ganz wichtegen Invest.

An der Deicher Schoul maache mir d'Heizanlag, déi ganz Heizunge frësch, wat d'Schoul ubelaangt, respektiv och am Gymnase, dat sinn 190 Milliounen Euro.

An der Gaffelter Schoul gëtt d'Fotovoltaik gemaach fir 80.000 Euro awer och d'Extension, de Corollaire par rapport zu der Ausweidung vun der Maison relais, an d'Ausweidung vun deenen 4 Klassesäll, dat schléit mat 1,5 Milliounen Euro zu Buch, do kréie mir och e Subsid vum Ministère de l'Intérieur, wéi dat bei de Schoulklassen och de Fall ass.

Wat de Strutzbierg ugeet, do wäerte mir och eng Mise en sécurité maachen, wat den 1. Stack ubelaangt, respektiv wäerte mir do den Ënnerdag ausbauen an och konform maachen, well do de Besoin besteet um Niveau vun der Schoul, respektiv vun de Veräiner déi do sinn, awer och en neie Projet dee mir an Ugrëff huelen, wann ech soen d'Schoul respektiv d'Strukturen déi zu der Schoul gehéieren, wäerte mir de Gymnase, respektiv de Léierbecken, deen an den 70er Joere gebaut ginn ass an deen net méi den Energiestandarden entsprécht, wou mir all Joer mussen dran investéiere fir en oprecht ze erhalen, do hu mir e Kredit virgesi vun 200.000 Euro, an dat wäert e Projet sinn, deen eis an den nächste Joere wäert begleeden, also 200.000 Euro fir eng Etüd, a fir d'Implantatioun vum Neibau hu mir an dësem Budget virgesinn.

An der Schoul Brill, déi 2. Etapp vun der Erneierung vun de Fënsteren, déi mir maachen a Kollaboratioun mat Sites et Monuments, well d'Gebai jo klasséiert ass um Inventaire supplémentaire, wat mir jo hei als Gemengerot zeréckbehalen, a déi nei Fënsteren, déi 2. Etapp, dat kascht 140.000 Euro.

Fir d'Maison relais Lenkeschléi hu mer e klenge Budget vu 6.500 Euro virgesi fir Storen, mee awer och am Quartier Lenkeschléi nach eng Schoulinfrastruktur, d'Schoul Lenkeschléi, wou jo d'Maison relais an Schoul zesumme solle gebaut ginn, wou mir och e pädagogescht a raimlecht Konzept hunn, wou mir och am Gemengerot d'nächst Joer dat ganzt eng Kéier virstellen an engem informelle Gemengerot zesumme mam Aarbechtsgrupp, do hu mer 600.000 Euro drageschriwwe fir d'Etüden, respektiv d'Ausschreiwung ze maachen, fir dann och Enn des Joers oder Ufanks nächst Joer kënne mam Bau unzefänken.

Dann dee ganze Volet Structures d'accueil wou d'Gemeng Propriétaire ass vun de Gebailechkeeten, wou no deenen neie Bestëmmungen vun der ITM Mise en conformité muss gemaach ginn, d'Minettsdäpp 300.000 Euro, d'Nuddelsfabrik 17 Milliounen Euro, d'Diddelfamill 18 Milliounen Euro, alles dat Invester déi mir als Propriétaire vun deene Gebailechkeete mussen tätegen. An Dir fannt an dësem Budget och, nodeems mer de Vote geholl hunn am leschte Gemengerot, wat d'Gemengecrèche am Quartier Italien ugeet, vun 0-4 Joer, do fannt Dir och hei eng éischt Tranche vun 800.000 Euro erëm.

De Wunnengsbau, et ass virdru vum Quartier Lenkeschléi geschwat ginn, an den Här Manderscheid wäert sécher nach méi am Detail drop agoen, do hu mir 900.000 Euro virgesinn, 2 Appartementer op Lenkeschléi, do ass et jo sou dass mir an der Konventioun vum PAP, dee mir hei gestëmmt hunn, jo en Virkaafsrecht hunn, en Droit de préemption wat de subventionéierte Wunnengsbau ugeet, dat hu mir hei ageschriwwen.

Wat och zu Buch schléit, wat mir am Gemengerot hei déi leschte kéier festgehalen hunn, och de Vote, dat ass d'Maison des Chercheurs, wou 9 Logementer entsti fir Doktoranden a Post-Doktoranden, déi 9 Logementer, 1,6 Milliounen Euro.

Mir hunn och nach eng Tranche virgesi vun enger halwer Milliounen Euro fir d'Amenagementer ronderëm de Lycée Nic Biever, respektiv de Centre sportif René Hartmann, och e Projet deen dëst Joer fäerdeg gëtt, an och do e Kredit virgesinn, vun 150.000 Euro, fir och do d'Gasstatioun ze réckelen an deem dote Kader.

Urbanismus, Stadentwécklung, de PAG generell, mir hunn dat jo an Optrag ginn, mir hu bis August 2018 Zäit fir deen neie PAG hei ze stëmmen, schaffen awer de Moment ganz aktiv um PAG, un der Modification ponctuelle vun Neischmelz. Et ass jo och esou, dass 4 Architektebüroen och op de PAPe schaffen, well jo niewent där Modification ponctuelle vum PAG och véier PAPe wäerten entstoen.

De Fonds de Logement ass jo Développeur, a mir hunn och Wëlles, eng Informatiounsversammlung ze maache fir d'Bierger am Februar nächst Joer, wou mir




d'Informatioune ginn op dem leschte Stand, wéi et viru geet, éier dann duerno och de Gemengerot mat der Modification ponctuelle vum PAG befaasst gëtt, an och am Kader vum PAG jo eng ëffentlech obligatoresch Consultatioun virgesinn ass.

E bëssen esou, wéi mir dat och an de Workshops gemaach hunn dëst an d'lescht Joer, wëlle mir hei virgräifen an den Diddelenger Awunner op de leschte Stand setzen, wat d'Evolutioun vun deem Projet ugeet, an do ginn et eng Rei Informatiounen, déi mir de Leit wëlle mat op de Wee ginn.

Wat mir awer och schonns hei virgesinn hunn, dat ass de PAP Italien, deen ass Bestanddeel vum Plan directeur a vum PAG Neischmelz. Vu dass d'Gemeng och Propriétaire ass vum Quartier Italien, an och an dem PAP dee mir an Optrag ginn, hu mir e Kredit vu 25.000 Euro virgesi well d'Gemeng do de Lead iwwerhëlt: Déi aner PAPe fanne jo um Projet Neischmelz mat statt, an do ass de Staat, also de Fonds de Logement, Proprietaire. Mir maachen dat Hand an Hand.

De PAP Brill, 25.000 Euro wat d'Revalorisatioun vum Quartier ugeet, och do si Projete virgesi mam Fonds de Logement. Dann hu mir awer och hei e Kredit virgesi vu 35.000 Euro, der wësst dass dee éischte Projet vun enger staatlecher Baulück hei zu Diddeleng stattfënnt, zu Biereng, wou de Staat, also de Logementsministère Propriétaire ass, wou de Fonds de Logement en Optrag kritt huet mam Ministère, d'Stad Diddeleng ass mat dran, well et jo um Territoire vun der Staat Diddeleng ass, e Concours ze lancéieren iwwert d'Baulück, a mir sinn och weider gaangen als Stad Diddeleng an hu gesot, wann de Staat déi Baulück wëllt fëllen, wat jo och gutt ass, well mir wëssen dass de Staat an d'Gemenge ganz wéineg Propriétaire sinn, generell vu Baulücken hei zu Lëtzebuerg, dat meescht ass a privater Hand, mir waren awer der Meenung, wann dat zu Biereng stattfënnt, wier et och wichteg, deen Espace public deen ee virun där Baulück fënnt, dat heescht, déi ëffentlech Plaz, wou och d'Birenger Kiermes stattfënnt, datt et vläit interessant wier fir déi Plaz an deen neie Quartier mat eran ze huelen, fir déi Plaz méi ze valoriséieren, wéi dat de Moment de Fall ass. Op där anerer Säit dat awer net sou ze hypothekéieren, dass d'Birenger Kiermes net méi ka stattfannen, mee ze kucken dass den ëffentlechen Transport, deen do hält, awer och eng gewëssen Openthaltsqualitéit op deeër Plaz do ze schafen, déi nach méi convivial gëtt wéi dat am Moment de Fall ass, dofir hu mir hei e Kredit virgesi vun 35.000 Euro, wou och déi Notioun vum Shared Space och mat agefloss as, a wou d'Architekten déi zeréckbehale gi sinn, sech och musse Gedanke maachen am Kader vun deem Projet deen se mussen ofginn, wéi se déi Plaz mat abannen a wéi se dat maache wëllen.

Dann de Projet Shared Space, och do hu mir e Budget virgesinn, d'Phas 1 déi elo am Fréijoer 2017 fäerdeg gëtt, wou elo den Accès zu de Geschäfter garantéiert ass, virum Congé collectif, d'Aarbechten sinn dës Woch fäerdeg ginn, wou mir och souwisou nach am Gemengerot och par rapport zum Projet "Am Duerf" nach eng Kéier eis musse gesinn ufanks nächst Joer, wat och d'Exploitatioun vum ënnerierdesche Parking ugeet. Do ass et jo esou, dass een Deel a privater Hand ass, fir déi Leit déi do wunnen, an den -1 ass ganz kloer en ëffentleche Parking wou mir jo dat selwecht zeréck kréien, wat mir iwwerierdesch haten, also 111 Parkplazen.

Dann hu mer nach e Contrat d'exploitation virleien dee muss nach den Aval kréie vum Gemengerot an op där anerer Säit musse mir och nach hei am Gemengerot en Acte stëmmen, fir dass mir och Proprietaire gi vun deene Parkplazen, do hu mir bis Februar 2017 Zäit deen Acte ze maachen. Dat war jo een Deel, wou mir virun 2 Joer hei am Gemengerot diskutéiert haten, dass den Transfert de propriété nach muss gemaach ginn. Do gesi mir eis dann eng Kéier an engem Gemengerot fir iwwer déi Voleten ze befannen.

Ëffentlech Plazen ass awer och e wichtege Bestanddeel, d'Grénganlagen, nei Spillplazen, déi mir plangen am Park Casino, wou mir als Gemeng Locataire sinn, wou ARCELOR Proprietaire ass, mee wou mir kënnen iwwert de Lokatiounsvertrag eng Spillplaz ariichten. Dat maache mir wouer, dofir hu mir och e Kredit virgesi vun 75.000 Euro.

Eng Spillplaz, wou mir nei Weeër ginn, wou och Kanner ab 2 Joer kënnen higoen, a wou mir och deen dote Park, wéi mer dat och schonns mat anere Parke maachen, valoriséieren, a wa mer méi erof ginn, hu mir en anere Park, deen oft an de Vergiess geréit, de Park beim Stade Nosbaum, oder an der Rue des Fleurs, wou an Zesummenaarbecht mat der Familljen- an der Sécherheetskommissioun och am Kader vum "Séchere Schoulwee" de Park nei aménagéiert gëtt, wou och e Passage gemaach gëtt fir d'Schoulkanner, fir dass se kënnen iwwert dee Wee, iwwert dee Park en Accès kréie fir an de Schoulhaff.



Iwwert deen dote Wee gëtt engersäits och deen dote Park deen ee gäre mol vergësst, fir d'Awunner déi do wunnen aus dem Quartier valoriséiert gëtt an op där anerer Säit awer och de Kanner zegutt kennt wann se an d'Schoul ginn. Och e Quartier, deen eng weider besser Openthaltsqualitéit kritt wéi dat de Moment de Fall ass, an do hu mir e Budget virgesi vu 75.000 Euro.

Gemengenatelieren, och musse mir ëmmer weider norüsten, do hu mir eng Mise en conformité virgesi vu 400.000 Euro, an de Fuerpark, dee mir dëst Joer erneieren, dat sinn 215.000 Euro, déi mir virgesinn hunn.

Bei de Gemengenatelieren ass och de Centre d'Intervention, wou mir e Budget virgesinn hu fir en neie Camion mat Leeder unzeschafen, 635.000 Euro, dat well deen ale Camion mat der Leeder futti ass, an net méi ze reparéieren ass. Deen huet och schonns gutt 20 Joer um Bockel, wa mir hei Ausgaben tätege vun 635.000 Euro, hu mir op där anerer Säit e Subsid vum Staat an der Héicht vun 75% fir de regionale Charakter, deen den Diddelenger Centre d'Intervention huet, fir deem Rechnung ze droen, a mir hunn an dësem Gemengebudget och schonns déi Kreditter virgesi fir d'Studie vun der Implantatioun vum neie Centre hei zu Diddeleng, wou jo d'Zesummenaarbecht an d'Bestriewe besteet, datt Diddeleng a Beetebuerg deen zesumme plangen am Kader vum neien CGDIS.

Do hu mir 50.000 Euro virgesinn, do schaffe mir mam selwechte Büro, deen och um nationale Plang, d'Regierung, den Inneministère beréit an der Planung vun deene neie Rettungszentren, an ech mengen Der wësst, mir hunn och als Gemengerot hei zesumme scho Preconditioune geschaf fir dass den Diddelenger Centre d'Intervention an déi dote Richtung ka goen, andeems mir och deen néidegen zousätzleche Budget gestëmmt hunn 2016 wat déi zousätzlech Rou- a Schlofraim ugeet fir och dem Centre d'Intervention Kasernementsméiglechkeeten virzegesinn, well dat jo eng Preconditioun ass, par rapport zu der Opstellung en vue vum neie gesetz, vum CGDIS, wou eng kloer nei Affektatioun op den Diddelenger Centre d'Intervention zoukënnt, a wou och iwwert deen dote Wee der Asatzerhéiung méi ka Rechnung gedroe ginn, fir déi Leit déi all Dag, am Dag an an der Nuet fir eis Sécherheet do sinn.

Klenger Projeten déi awer och am Budget virgesi sinn, an op déi ech och nach aginn, an d'Kolleegen aus dem Schäfferot sécher och nach, Informationspanneauen déi mir virgesinn, 15.000 Euro, engersäits hei d'Gemengegebai, respektiv d'Kierchegebai, wou mir Informatiounen, respektiv Text an och Fotoen iwwert déi zwou historesch Gebailechkeeten, déi och zum Patrimoine architectural vun der Gemeng Diddeleng gehéieren, e Projet dee mir wëllen an Zesummenaarbecht maache mat den Amis de l'Histoire.

Dann e Budget vun 10.000 Euro, dee mir hei virgesinn hu fir d'Solidaritéit spillen ze loossen, mat den Äerdbiewenaffer an Italien, do kucke mer mat der Associatioun Séisme Italie Centrale, fir hinnen déi Suen zegutt kommen ze loossen. Si sinn amgaangen ze kucken, wéi eng Projeten si selektionéieren, a mir sinn amgaangen, och e Projet mat hinnen ëmzesetzen, och an Zesummenaarbecht mat der italienescher Ambassad, wou mir kierzlech eng Entrevue hate fir dat ëmzesetzen, mee den Obolus vun der Gemeng Diddeleng, dat sinn déi 10.000 Euro.

Dann awer nach e leschte Punkt éier ech zur Conclusioun vun dësem Deel kommen:

D'Kapitalerhéijung vun der Société nationale des habitations à bon marché, 142.000 Euro, dat ass eng Société anonyme, eng SA, wou d'Gemeng Diddeleng och Aktionär dran ass, dee klengsten Aktionär, mir hunn 1,42%.

Wann ech do rectifiéiere par rapport hei zu de Kolleegen aus der Finanzkommissioun, wou ech gesot hat, mir wären 10% Aktionär, do hat ech mech geiert, dat war en aneren Taux deen ech am Kapp hat. Also wéi gesot, mir sinn 1,42% Aktionär dovunner, dofir ass dee Budget, dee mir hei virgesinn hunn 142.000 Euro.

Wat sinn alleguerten déi Aktionären? De Staat ass mat 51% Aktionär, an och majoritairen Aktionär, de Fonds de compensation mat 23,58%, d'Spuerkeess mat 11%, d'Stad Lëtzebuerg mat 7%, Esch mat 4%, Déifferdeng mat 2,5% an dann Diddeleng mat 1,42%.

Déi Kapitalerhéijung, déi hei gefrot gëtt, dat sinn 10 Milliounen Euro, et ass esou, dass d'Société nationale des habitations à bon marché entweder Terraine vun de Gemengen zur Verfügung gestallt kritt, sou wéi mir dat ëmmer gemaach hunn iwwert d'Stad Diddeleng, dann iwwert d'Emphytéose kann drop bauen, oder awer d'SNHBM e proaktive Rôle kann huelen an Terraine ka erkafen, an dann en contrepartie, e Subsid vum Logementsministère ka kréien.



Natierlech, fir deem Rôle gerecht ze ginn, an och mat der nationaler Ausriichtung, déi och de Logementsministère wëll ginn, fir aktiv am Logementsbau méi ze bauen, brauch och d'SNHBM méi Kapital. De Staat ass jo och ee vun den Aktionären, an déi Kapitalerhéijung ass nëmmen da méiglech wann alleguerten d'Aktionären deem Ganze gréng Luucht ginn. Fir eis sinn et 142.000 Euro, all Aktionär muss kucken op en dat mécht, wann een decidéiert et net ze maachen, da kann déi Kapitalerhéijung net statt fannen. Mir hunn einfach mol dee Kredit hei virgesinn, well mir an deene leschte Joeren eng Rei Projete mat hinnen ëmgesat hunn, an och an nächster Zukunft och nach do weider wäerte mat hinnen zesummen schaffen.

Meng Kolleege ginn elo hei nach op hir Ressorten an, mir kënnen awer schonns d'Conclusioun zéien, dass dës Majoritéit fir eng realistesch Haushaltspolitik steet. Mir hunn eis Hausaufgabe ganz kloer gemaach, a mat dësem Budget an doriwwer eraus schafe mir gutt Viraussetzungen a Bedingungen. Mir ginn eis also deen néidege Kader fir weider an Diddeleng kënnen ze investéieren, weider Projete kënnen unzegoen, an am Fong, dat fënnt een hei gutt erëm, e Budget wou mir gréisser Projeten hunn, e Budget wou mir méi kleng Projet hunn, op alle Fall e Budget wou kee vergiess gëtt a wou fir all Altersklass ganz kloer eppes dran ass.

D'Prokappschold pro Awunner gëtt ofgebaut, mir hunn eng gutt Finanzsituatioun, an ech mengen, dass dat e gudde Kader ass fir de Flair an den Ambiente vun der Staat Diddeleng ganz kloer auszebauen, an déi Attraktivitéit an den Idealismus weider kënnen ze förderen.

Et ass dat wat dës Majoritéit sech op de Fändel geschriwwen huet, an och déi Voten déi mir unanime hei geholl hunn an déi dote Richtung ginn.

Dat ass dat wat ech zu där Presentatioun vum Budget wollt soen, an ech ginn d'Wuert weider un de René Manderscheid, dee mat sengem Ressort weider fiert, duerno un de Loris Spina, an dann duerno un d'Claudia Dall'Agnol. Merci.

René Manderscheid (LSAP – Schäffen): Merci, léif Frënn aus dem Gemengerot, da fänken ech traditiounsgeméiss mat deenen zwee gréissere Ressorten un, deen éischten ass de soziale Volet.

Dir wësst, Vie sociale, Zesummeliewen hei zu Diddeleng, dat Soziaalt hei zu Diddeleng, Solidaritéit, dat si fir eis keng friem Wierder, d'Gemeng Diddeleng wäert weider hin am Sozialberäich hir Verantwortung iwwerhuelen, an hei zu Diddeleng hu mir am soziale Beräich véier Stäipen, den Office social, eise Service de l'Emploi, eise CIGL an eise Service de l'égalité des chances et de la non-discrimination.

Net ze vergiessen eise Logement social, an dëst Joer wäerte mir dann op Lenkeschléi och 2 nei Appartementer kafen, dat mécht e Montant vun 900.000 Euro, deen der am Budget erëm fannt an ebenfalls eise Groupe technique, Surveillance de logement, wou mir ënnert anerem Cafészëmmere regelméisseg kontrolléieren, och dat ass ganz wichteg an deem sozialen Domän.

Solidaritéit an Zesummeliewen, am Telegrammstil, Aide Familiale, Subventioune beim Kaf vu Schoulmaterial, de Plan Action canicule, Repas sur roues, den Téléalarm, eise Weltbuttek, Fairtrade-Gemeng, och d'Entwécklungszesummenaarbecht, Diddeleng Hëlleft, de SPAD, wou mir och d'Kastratiounscampagne vu Katzen an Hënn ënnerstëtzen, an net ze vergiessen d'LNVL, déi heiteg Natur & Ëmwelt, wou mir och d'Pflegestatioun fir wëll Déieren ënnerstëtzen, alles dat si Voleten, déi eis Geld kaschten, déi mir ënnerstëtzen, an déi eis dat och wäert sinn.

Ech kommen dann op den 1. Pilier, dat ass den Office social.

Do erlaben ech mir awer net allzevill an den Detail anzegoen, well mir hu jo herno d'Geleeënheet de Rapport d'activité an och de Finanzrapport vum Office social presentéiert ze kréien, sou dass ech hei net wëll Double emploi maachen.

Ech wëll awer bemierken dass ech frou sinn, dass mir eis Maison sociale dëst Joer endlech konnten opmaachen, dat huet ëmmerhi mat 4,4 Milliounen Euro zu Buch geschloen, obwuel mir vum Staat 1,5 Milliounen Euro erëmkritt hunn.

D'Maison sociale ënnert enger neier Adresse, och en neien Ambiente, wou net nëmmen eis Mataarbechter kënnen an engem flotte Kader schaffen, mee virun allem, dass mir kënnen eis Clienten, eis Leit déi do mussen higoen, dass mir déi ënnert engem anere Kader kënnen empfänken, wou se e bësse méi diskret a méi benotzerfrëndlech emfaange ginn.



Aarmutsberäicher, dat gëtt et, Aarmut zu Lëtzebuerg ass eng Saach vun der Definitioun, d'Aarmutsrisiko an deem leschte Joer besonnesch säit Ufank vun der ekonomescher Kris 2008 ass konstant gewuess a läit elo bei eiser Bevëlkerung bei 19%.

Besonnesch säit 2011 ass e rasanten Trend no uewen ze verzeechne gewiescht, dat heescht ëmmer méi Leit lafe Gefor an d'Aarmut erofzerutschen. Wéi gesot, 2011 hate mir nach 13,6% vun der Lëtzebuerger Bevëlkerung déi an deem Fall sinn, haut leie mir bei 19%.

Wat Aarmut ass, mengt jiddereen ze wëssen, mä eng exakt Definitioun ass ganz schwéier ze maachen. De Begrëff Aarmut léisst sech nëmme subjektiv deiten, dat heescht, all Mënsch versteet eppes anescht ënnert deem Begrëff Aarmut. Dobäi muss een oppassen, dass Aarmut jo no Gesellschaftsform, sozial Roll a Geschlecht funktionéiert. Ouni staatlech Zouwennunge wéi zum Beispill déi sougenannten Sozialtransferen, an ech denken do un d'Allocations familiales, den RMG an de Chômage an sou weider, wären nach vill méi Leit hei zu Lëtzebuerg vun der Aarmut betraff.

Aarbechtslosegkeet, en deiere Loyer, en Onfall, eng Scheedung, eng Faillite, alles dat kënnen Ursaache si firwat d'Leit musse bei den Office social goen.

Ech picke just e puer Punkte vum Aktivitéitsprogramm vum Office social eraus, an dat sinn déi wou mir als Gemeng relativ direkt betraff sinn, ech denken un d'Allocation compensatoire fir d'Taxes communales.

Dir wësst, déi Leit déi beim FNS eng Ufro fir d'Allocation de vie chère maachen, kréie vun eis do 45% vun deem Montant rembourséiert.

Wann ech dann d'Situatioun op de 15. Dezember 2016 kucken, hate mir bis elo 584 Demanden, an dat kascht Diddeleng bis elo 484.382,63 Euro. Dat sinn am Moment 156 Ménagen, déi do betraff sinn.

A fir d'Prime post-scolaire hu mir 212 Demandë kritt, dat kascht eis 21.200 Euro, am Moment.

Den Cent Buttek, dee mir ënnerstëtzen, am Budget fannt Dir erëm de Montant vun 18.000 Euro, dat ass dee Montant dee mir beim Loyer bäidroen. Den Cent Buttek, do hu mir am Moment 321 Persounen déi dovunner profitéiert hunn, dat ass eng Moyenne vu ronn 28 Leit pro Mount.

De "Kleederschaf" zu Fréiseng ass och e Projet, dee mir ënnerstëtzen, an do hu mir am Moment 50 Leit op den 15. Dezember, déi dovunner konnten oder wollte profitéieren, dat ass eng Moyenne vu 5 Leit pro Mount.

De Repas sur roues, do si mir bei 84 Leit déi dee benotzen, an den Télé-Alarm, do hu mir zwee Provideren, den HELP an de Sécher doheem, do hu mir 228 Clienten déi dee Service och benotzen an Dir wësst, dass mir do als Gemeng 100% à charge huelen, wat d'Installatioun vum System ass, a 50% leeë mir bäi bei de Frais mensuels de location.

Wat am Office social nei ass dëst Joer, dat sinn zwou nei Déngschtleeschtungen, déi mir eise Leit ubidden, mir hunn eng Permanence Jugend- an Drogenhëllef agefouert, déi all éischte Méinden am Mount ass, respektiv all drëtten Donneschden am Mount ass.

Den zweete Service ass de Conseil de Surendettement, och déi hunn 2 mol an der Woch eng Permanence all éischte Freiden am Mount mueres an all drëtte Méinden am Mount mëttes, dat ass eng gratis Berodung déi all Mënsch kann an Usproch huelen, déi e brauch.

Weider hu mir och dëst Joer ugefangen, de Repas sur roues méi ze promovéieren, der hutt gesinn dass mir um Maart eng Degustatioun vum Repas sur roues agefouert haten, an dat wäerte mir och nach d'nächst Joer sou maachen, dass och Leit, déi op Diddeleng bäi plënneren, gewuer ginn, dass dee Service hei zu Diddeleng besteet.

Den zweete Pilier wou ech well dann drop agoen, dat ass e Pilotprojet, aus dem Joer 1994, eise Service local de l'Emploi.

Dir wësst, dass mir déi eenzeg Gemeng waren a sinn, déi sou ee Service sech wäert leeschten, et ass e Service dee ganz vill Aarbecht mécht, deen och eppes kascht. Op dee Service sinn ech besonnesch houfreg.

Wann ech de Bilan kucke vun eisem Service Emploi, 2016 respektiv Ausbléck 2017, wëll ech mol puer Zuele lass ginn, déi éischt Zuelen, déi ech kritt hunn, dat ass dass mer zënter 2004 bis elo am ganzen 2.173 Diddelenger Leit emfaangen hunn. Dat heescht, déi Zuel ass relativ héich, dat beweist dann och zwou Saachen, nämlech dass de Chômage hei am Land kee Randphenomen ass an dass all Mënsch kann am Laf vun sengem Liewen dovunner betraff ginn.





Dat zweet ass, eise Service Emploi huet am Moment e ganz héije Bekanntheetsgrad, am Verglach mat de Chiffere vun der ADEM kann ee soen, dass ronn 85% vun de Leit, déi bei der ADEM sinn, och de Wee bei eisen Service Emploi fannen, do och gehollef kréien op der Sich no enger Aarbecht oder enger Formation. Statistik fir 2015 hate mir dëst Joer ronn 300 Leit déi an dësem Service virstelleg waren, wann een dat kuckt, Männer a Fraen, do muss ee jo da soen, dass mer bei de Männer bei 47% a bei de Frae bei bal 53% leien.

Wat d'Nationalitéiten ubelaangt, do fält op, dass déi gréisste Bevëlkerungsgrupp awer nach ëmmer däitlech d'Lëtzebuerger Leit sinn, dat sinn 36%, an et muss ee soen dass déi Zuel vun de portugisesche Matbierger am Service Emploi liicht ofgeholl huet, vun 32% op 27%.

Wat awer nei bäi komm ass, dass de Service Emploi ëmmer méi nei Non-communautairen empfänkt, auslännesch Leit, aus Afrika an demnächst och e puer unerkannte Flüchtlingen aus Syrien an dem Irak.

Fakt ass, dass déi meeschte Leit bei de Service Emploi komme well se vu Bekannten oder vun der Famill op dee Service higewise goufen, déi aner gi vun deene bekannte sozial Servicer geschéckt, mee ëmmer méi oft och vun der ADEM. D'Zesummenaarbecht hei zu Diddeleng ass exzellent an déi zwou Instanzen, also d'ADEM Diddeleng an de Service local pour l'Emploi schaffe komplementar an exzellent zesummen.

Bei der Altersstruktur fält op, dass den Service Emploi ëmmer méi eeler Chômeure muss opfänken, d'Verhältnis vun deenen iwwer 40 Joer ass vu 36 op 38,5% geklommen, dat ass also méi wéi een Drëttel vun de Leit, an déi Leit si leider ëmmer méi schwéier ze vermëttelen.

D'Zuel vun deene ganz Jonken dogéint huet lues ofgeholl, dat huet domadder ze dinn, dass mir hei zu Diddeleng e lokale Büro vum ALJ, dat heescht vun der Action locale pour jeunes hunn, deen och ëmmer méi bekannt gëtt, an dofir wennen déi Jonk sech un dee Service éier se bei eis kommen.

D'Zesummenaarbecht mam Service local pour l'Emploi an der ALJ ass och ganz gutt, sou dass och déi komplementar zesumme schaffen.

Um Niveau vun der Formatioun versteet et sech, wat mir schonns woussten, dass déi Leit ouni Aarbecht meeschtendeels relativ schlecht forméiert sinn, an dat ass a bleift e grousse Mëssel.

Bal een Drëttel vun de Leit, déi bei de Service Emploi kommen, hunn eng Aarbecht, trotzdem sinn et der vill méi wéi soss. Déi Leit hu meeschtens nëmmen en CDD oder e Contrat an engem Kader vun Interimsméiglechkeeten, dofir sinn déi vu grousser Onsécherheet geplot a kucken, dass se iwwert den Service Emploi an e CDI kënne kommen, dat ass d'Ursaach dass se bei eis kommen.

Réckbléck 2016.

Weider hu mir mam Service Emploie d'Kontakter mat der ADEM verstäerkt souwuel mat der Diddelenger Agence awer och mam Service Employeur bei der ADEM-Direktioun, dat si Leit, déi am direkte Kontakt mat de Patronen stinn, doduerch hu mir an eisem Service méi en direkten Drot zu de Patronen déi Wëlles hunn, dann d'Leit anzestellen.

Och wat d'Flüchtlingen ubelaangt, ass eise Service aktiv ginn. Ab deem Moment wou eng Persoun als Flüchtling unerkannt ginn ass däerf se sech um Aarbechtsmarché presentéiere wéi all aneren och, den Service Emploi wäert also och déi Persounen ënnerstëtzen op der Sich no enger Aarbecht, a fir dat virzebereeden hu sech Mataarbechter e Bild op der Plaz gemaach, am Diddelenger Flüchtlingsfoyer, an si sinn an eng Formation gaange fir kënnen iwwert déi Situatioun vun de Flüchtlinge mat ze diskutéieren a fir villes méi gewuer ze ginn.

Ausbléck 2017.

Am neie Joer wäert de Service Emploi awer trotzdem eng Rei nei Akzenter setzen. Ganz generell well de Service Emploi méi eng proaktiv Roll anhuelen, a Richtung vum Patronat, an deem Kontext wäerte mir dann och 2017 wéi all Joer eisen Sommet économique organiséiere wou mir dann déi wichtegst Employeuren, déi hei de Sëtz um Territoire vun Diddeleng hunn, un den Dësch wäerte ruffen.

De Service Emploi erwaart sech och vill un Entwécklung vum Logistikszentrum hei zu Diddeleng an dofir hu mir och mam CFL Multimodal Kontakt opgeholl fir hei kënnen eng aktiv Roll ze spillen a mat hinnen direkt kënnen ze kucken, wou mir eventuell déi Diddelenger Leit kënnen do placéieren.




De Service Emploie huet awer och Wëlles eng Serie vu Konferenzen ze organiséieren, wou et ëm wichteg Theme geet, déi mat Aarbecht zesummen hänken, dat heescht de Reklassement, den Handicap, d'Invaliderent, d'Auslännerrechter an d'Autorisation de travail, dat sinn alles Projeten déi mir 2017 wëlle realiséieren.

Déi Conferenze riichten sech haaptsächlech un déi Professionell um sozialen Terrain, dat heescht mir wäerten eng Rei vun Employeuren a Vertrieder vun der Beschäftegungsinitiativ invitéieren.

En aneren Terrain wou se aktiv ginn, ass dee vun der Formation, dat heescht si bidden elo scho Formatiounen u fir déi Leit déi am Kader vun eiser Initiative sociale bei der Gemeng beschäftegt sinn, dat heescht Informatiounen iwwert den Aarbechtsmaart, wéi schreiwen ech e CV, wéi stellen ech mech bei engem Patron fir, berufflech Formatioun am Beräich Mécanique a Botzberäich, hei hu mir deelweis extern Formateuren engagéiert fir eis Leit kënnen do an d'Bild ze setzen an dann hu mir och neierdéngs eng Formation ugebueden iwwert de Surendettement a virun allem hu mir och Wëlles, eng Formation ze maachen, wou mir e Virstellungsgespréich kënne simuléieren, wou gefilmt gëtt, wou dann d'Leit gewise kréien, wéi se sech beim Patron kënne besser oder gutt presentéieren.

Ebenfalls wëll ech drop hiweisen dass mir dëst Joer d'Visite hate vum Aarbechtsminister Nicolas Schmit, dee war am Februar hei zu Diddeleng, an ech wëll drop hiweisen, dass mir him all eis Initiative virgestallt hunn, dat sinn der 6 déi mer hunn, dat ass d'Apprentissagen, dat ass d'Garantie Jeunesse, eis Initiative sociale, all eis sozial Mesuren, dat heescht Reklassementer, Postes aménagés, Leit déi eng Restriktioun hunn, um Niveau vun der Santé, den Encadrement de personnes à statut de handicapé, Convention de prêt de main d'oeuvre mam Kader vum CDR, der wësst dass mir do leit hate vun der Parapresse, déi mir konnten hei temporär beschäftegen.

Den drëtte Pillier wou mir hunn, ass eise CIGL, eis sozial Beschäftegungsinitiativ, do ass nach ëmmer d'Haaptzil d'Aglidderung an d'Erëmaglidderung vun de Leit ouni Aarbecht op den Aarbechtsmaart, respektiv an d'Aarbechtsliewen an dann d'Solidarwirtschaft, d'Haaptzil besteet doranner, de Besoin vun der Bevëlkerung ofzedecken, dee vun deem wettbewerblech orientéierte Maart net méi kann ofgedeckt ginn, respektiv der ëffentlecher Hand.

De CIGL huet dëst Joer 24 Leit am Budget genehmegt kritt, dat sinn 19 Bénéficiairen, also 19 Leit déi mir an engem CDD kënnen astellen, an eis 5 CDIen, dat sinn déi Encadranten déi déi Leit kënne betreien, an Der fannt dann am Budget och d'Mise communale vun engem Montant vun 373.824 Euro, dee mir virgesinn hu fir de CIGL ze ënnerstëtzen.

Dir wësst, de CIGL huet och eng Konventioun mam Aarbechtsministère et geet net nëmmen dorëms, dass déi Leit beschäftegt sinn, mee déi mussen och e Suivi kréien, dat heescht, si kréien eng Formation de base, och do ginn se gewuer wéi een e CV schreift, si ginn op en Entretien preparéiert an da gëtt et och en Accompagnement social, dat heescht Hygiéne de vie, Comportement au travail, Pénktlechkeet, Kommunikatioun, Gestion des conflits, all déi Saache ginn se do gewuer, dass se och gutt preparéiert sinn, wann se dann d'Chance hunn, mat engem CDI um Aarbechtsmaart ze landen.

An dann nach Zuelen do eriwwer eraus, der wësst eist Flagschëff am CIGL ass den Diddelenger Coup de main, de Service de proximité, deen ass dann och dëst Joer 2016 vun 1.382 Leit ugefrot ginn, an de Service Recycler 818 mol, an eis Leit maachen och nach de Fauchage tardif an der Zone Riedgen a Wolser a bekëmmere sech och am Wanter ëm den Ënnerhalt vun der Buerg um Gehaansbierg.

De véierte Pillier ass dann eise Chancëgläichheetsservice. Chancëgläichheet ass en Haaptuleies vun der LSAP ëmmer nach gewiescht, mir wëllen déi bis elo gefouerte Politik a Saache Chancëgläichheet an Integratioun konsequent weider féieren.

Mir si mat dem Schafe vum Service à l'Égalité des chances et la non-discrimination nei Weeër gaangen, niewent der Berodung kréien d'Leit hei konkret Hëllef ugebueden, eng Léisung fir hir Problemer ze fannen, dat heescht Zougang zum Aarbechtsmaart, Vereenbarkeet Famill a Beruff, den Ofbau vun der haislecher Gewalt an sou weider, dat sinn d'Themen déi se beschäftegen, weider Emissioune vun dem Service ass d'Chancëgläichheet, wéi Fraen a Männer op lokalem Plang ze promovéieren, an eiser Gesellschaft vun haut solle grondleeënd Viraussetzungen sinn, dass Fraen a Männer 1. selwecht behandelt ginn, 2. gläichwäerteg ugesinn a gläich gestallt bedeelegt sinn, also och eng Missioun fir eise Service op Gläichstellung vun de Geschlechter.





Hir weider Aktivitéiten sinn eng berodend Actioun par rapport zur Gemengepolitik, d'Ausschaffe vun engem jäerlechen Aktiounsprogramm op der Grondlag vun der Europäescher Charte, a Chancëgläichheet an der Verwaltung an an de Betriber, dat heescht, fréier eisen Audit Beruff a Familljen, dee gëtt weider gefouert, an de 4. Punkt ass d'Chancëgläichheet fir d'Bierger a Biergerinnen, an dat, fir hinnen d'Thema méi no ze bréngen, informéieren se vill an Informatiouns- an Sensibilisatiounscampagnen, wéi Ausstellungen, Konferenzen, Workshops a Formatiounen zu deem Thema.

Der fannt am Budget erëm d'Artikele fir eise Service mat 40.000 Euro, de Prix a l'égalité mat 3.500 Euro, d'Activité contre la discrimination schléit mat 15.000 Euro zu Buch an d'Kommissioun kritt 9.000 Euro, alles dat si Montanten déi den Service gefrot huet an déi och integral genehmegt gi sinn.

De Logement social ass en Domaine deen eis relativ no läit, an ech si frou an houfreg, dass mir ganz vill Efforten an deene leschte Joere gemaach hunn. Hei solle virun allem déi sozial schwach Leit déi vun der Wunnengsproblematik betraff sinn, gehollef kréien.

Besonnesch houfreg sinn ech, dass mir an der Tatteburger Strooss Wunnraum fir 19 Leit schafen, dat sinn 10 Zëmmere gewiescht, dat ass equivalent mat deenen Zëmmeren, déi esou genannte Cafészëmmeren, dass mir deene Leit en adequate Wunnraum konnte schafen.

2016 hate mir 2 Appartementer am Duerf kaf, an ech hunn et schonns gesot, 2017 gesi mer 900.000 Euro fir 2 Appartementer op Lenkeschléi vir.

Doniewent stellt den Office social op Käschte vun der Gemeng och nach eng Persoun à mi-temps zur Verfügung, déi sech ëm dee ganze soziale Volet bekëmmert, an ech wëll nach ervirhiewen, dass mer mat der Croix rouge zesumme schaffe fir de Service Perspective, dat heescht e Logement encadré an Insertion professionelle, dass mir mat deenen och kënnen, wann se Diddelenger Leit hunn, dass mir hinne kënne Wunnengen ubidde fir déi Diddelenger Leit da kënnen ze integréieren.

An dann eise Contrôle Logement, deen huet och dëst Joer vill geschafft, si haten 30 Visitë gemaach, wou se op 24 Plaze waren, dat waren iwwer 143 Kummeren, déi dëst Joer kontrolléiert gi sinn, do hunn se natierlech munches entdeckt, wat net esou ass, a mir schafen eis net vill Frënn mat deenen Saachen, mee mir ginn dee Wee weider, vu dass déi Wunnengssituatioun vun deene Leit, déi do wunnen, och wierklech verbessert gëtt, an eise Bannhidder, de Serge Binz mam Sarah Pétré, déi maachen dat op eng sérieux, flott a gutt Aart a Weis, an ech sinn iwwerzeegt, dass mir an deen nächste Wochen, Méint a Joren do eng vill besser Situatioun virfanne wéi déi wou mer au Départ ugefangen hunn.

Den 2. Volet, wou mech beschäftegt ass ëmmer d'Ëmwelt an den Naturschutz.

Dir wësst, Ëmweltschutz ass net nëmmen Natur a Landschaftsschutz, et ass eng partnerlech Zesummenaarbecht vum Staat an de Gemengen, zesumme mat de Wirtschaftverbänn a mat de Bierger, op lokalem Niveau sinn d'Gemenge gefuerdert eng Virreiderroll ze spillen, an Diddeleng mécht do keng Ausnam an als Klimaschutz-Gemeng an als Standuert vun engem vun deene gréissten Naturschutzgebitter hei zu Lëtzebuerg, d'Hardt, huet Diddeleng d'Pflicht nohalteg mat eisen natierleche Ressourcen ëmzegoen, d'Artevilfalt ze schützen, an domadder eng aktiv Ëmwelt- an Naturschutzpolitik ze bedreiwen.

Diddeleng ass a bleift eng Stad mat enger héijer Liewensqualitéit, an dofir ass d'Diddelenger Gemeng och konsequent dran, sech hirer ekologescher Verantwortung ze stellen. Et gëllt also global ze denken a lokal ze handelen, den Ëmweltschutz geet hei all Mënsch eppes un.

D'Haaptulafplaz ass a bleift fir mech ëmmer hei zu Diddeleng an der Ëmweltpolitik eist Gréngt Haus an der Jean Jaurès Stross, do sinn zwee haaptamtlech Mataarbechter all Dag fir eis Leit do, do gëtt een alles gewuer wat ee muss wëssen am Kader vum Naturschutz am Gemengegebitt: Offallkonzept, Spezial- a Container-Offäll, Recycling, Energiespuermoossnamen, Waasserspuermoossnamen, Kompostéieren, Ëmweltchemikalien, ökologesch Trennungsmaterialien asw. wéi gesot jiddereen ass do wëllkomm, sech do ze informéieren, do wou en och d'Informatiounsmaterial braucht.

Dunn hunn ech mir de Rapport komme gelooss vum Ëmweltamt, dat ass e Wälzer vun 32 Säiten, ech kann natierlech elo déi 32 Säiten à la lettre hei virliesen, da gëtt et eng laang Sitzung.

Ech wëll Iech just soen, dass dat en zäitintensiven Job ass wou eis zwee Kolleegen do maachen, ech géif awer proposéieren, dass mir dat am Telegrammstil



géifen hei maachen. Et ass esou, dass ech de Rapport krut an et fänkt u mam Klimapakt, deen ech awer net wëll am Detail ausféieren, dat selwecht gëllt fir d'Klimabündnis, well dat alles vill technesch Saachen sinn, ech wëll mech just drop beschränken, de Klimapakt läit am Moment bei 63% vum Kritär.

Dat ass drop zeréck ze feieren dass d'Kritäre vu Myenergie nei definéiert gi sinn, an eise Klimaberoder huet missen all déi bewäert Punkten nei bewäerten, der wësst mir si fortgefuer am August 2014 mat 56,7%, mir leien elo bei 63%, dat ass net das mir lues geschafft hunn, mee wéi gesot, d'Kritäre sinn nei bewäert ginn, dofir ass dat e bëssen e verfälschte Prozentsaz. Mee mir schaffe konsequent fir op déi 75% ze kommen, fir eis Goldmedail do ze kréien.

Mir kréien och dëst Joer am Kader vum Klimapakt wahrscheinlech 250.000 Euro, et ass schonns gesot ginn, an am Kader vun de Klimapaktaktivitéiten hu mir niewent eise Fotovoltaikanlagen um Hartmann an op der Diddelfamill eng nei an der Schoul Gaffelt geplangt.

Dësweideren hu mir och wéi d'leschte Joer hei gefuerdert, am Budget e kommunalen Energiefonds agerriicht, deen ass och budgetär esou festgehalen.

Dësweideren hu mir fir all eis Gemengegebaier Energieberodungen duerchgefouert, déi sinn néideg fir d'Sanéierungsmoossnamen duerchzezéien, an domadder déi staatlech Förderungsmettelen och kënnen ze beantragen.

Den Energieverbrauch an eise Gemengegebaier, dee gëtt dann elo ganz nei erfaasst, an do ass d'Strossebeliichtung nei bäikomm, dat heescht niewent de Gebaier gëtt elo d'ganzt Geliits op de Stroossen erfaasst fir dass mir och do wëssen, wou mir mam Energieverbrauch stinn.

Eis Energiekonzepter fir déi Gemengegebaier, do hu mir ëmgesat, am Turnsall vun der Schoul Butschebuerg dëst Joer hu mir eng thermesch Isolatioun vun der Buedemdecke gemaach.

D'Schoul Strutzbierg A, do hu mir eng thermesch Isolatioun och vun der Buedemdecke gemaach am Erdgeschoss, a mir hunn am Gemengemusée de ganzen Dach ganz nei gemaach.

Weiderbildung am Energieberäich, do hu mir all eist Personal elo duerch, dat heescht, si konnten an de Centre d'Information goe fir eng Ecodrive Schoulung ze maachen sou dass se, wann se mam Auto ënnerwee sinn, ökologesch an CO2-fräi kënne fueren.

Eisen Ëmweltberoder an aner Mataarbechter vun eisem techneschen Dingscht gi weider u Weiderbildungsseminaren am Energieberäich deelhuelen.

D'Stroossebeliichtung, dat wësst dir, dat ass och alles nei opgeholl ginn, a mir hunn 2016 op LED ëmgestallt, ënnert anerem am Quartier Lenkeschléi. Park Le'h, rue du Nord, a rue Large sinn an Ëmsetzung d'Aloyse Kayser Strooss an och de Parking Lycée Nic Biever, an d'Ëmgéigend vum Hartmann sinn an Ëmsetzung mat LED an am ganze sollen 130 LED-Luuchten dëst Joer installéiert ginn.

"Energiespuere mécht Schoul", dat ass e Projet, dee leeft tipptopp zesumme mat de Schoulen, déi mat ganz vill Engagement do schaffen, a mir konnten dëst Joer dann 13.000 Euro agespuerten Energiekäschten un d'Schoulen zeréck ginn. Dee Projet ass 2015 ausgelaf a mir hunn en 2016 ëm weider 5 Joer verlängert.

Wéi gesot, Klimabündnis hunn ech gesot, Klimapakt, dat ass alles zevill technesch, de Gemengerot ass awer häerzlech invitéiert, wann Der Detailer wëllt, am Gréngen Haus steet de Responsabelen Iech zur Verfügung fir Iech do kënnen drop ze äntweren.

Energiespueren an den Haushalter - Dir wësst dass mir als Gemeng Diddeleng mam STEP-Syndikat eng Berodungsstruktur mat Myenergy opgebaut hunn, do kennen déi privat Stéit sech eemol pro Woch gratis vum Myenergy-Beroder berode loossen. Déi Offer ass 2016 leider Gottes net oft an Usproch geholl ginn, mir wäerten da kucken, dass mir dat d'nächst Joer nach e bësse méi public maachen, 13 mol am Joer 2016 ass net grad vill.

Mir haten am November och eng Aktiounswoch, Stromfresser bei Ihnen Zuhause, mir wollten do d'Leit informéieren, mat hirem Material wou se doheem hunn, wou se kënne spueren, wat se kennen ersetzen, an do hunn nëmmen 10 Stéit drun deelgeholl, vu dass den Intérêt och net grouss ass, wat eis e bësse wonnert.

Dann hu mir 2016 am Abréll eise Solarkadaster virgestallt, deen ass dëst Joer scho 430 mol opgeruff ginn, wat e gutt Zeechen ass.



Subventioune fir Energiealternativen, dat heescht 2016 hu mir 20 Demandë kritt gehat fir Gemengenbäihëllefe fir energetesch Sanéierungsmoossnamen, respektiv d'Notzung vun alternativer Energie, do hu mir 23.500 Euro dëst Joer ausbezuelt.

Subventiounen ebenfalls och fir Reewaassernotzung, an der Héicht vun 1.400 Euro sinn ausbezuelt ginn, do hate mir der dräi, déi sech gemellt hunn.

Eist Ëmweltamt huet och mat gemaach am September bei der Journée de la Mobilité.

Offallwiertschaft, do gëtt permanent gekuckt dass mir déi optiméiert kréien.

Superdreckskëscht, Label fir Betriber an all den Diddelenger Schoulen, mir sinn also elo ganz bäi mat eise 14 Schoulgebaier, an och déi 7 Maisons relais, déi sinn alleguerten ausgezeechent gi mam Superdreckskëschtlabel, sou dass mir do ekologesch gutt do stinn.

An an der Schoulufanksrentrée maache mir et wéi ëmmer, mir hu 214 Kanner aus 26 Klassen, déi hunn hir Broutdous an hir Drénkfläsch kritt, fir kënnen de Staniol an de Pabeier ze beschränken.

Floumaart, och dës Kéier hate mir dee fir d'zwieleft mam STEP zesummen, wou d'Veräiner konnte matmaachen, iwwer 60 Veräiner hunn do matgemaach, dat ass en décke Succès an dat wäert och esou weider gefouert ginn.

Eist Fairt Frühstück hate mir dëst Joer, och dat gëtt weider gefouert, an 2016 hu mir och erëm de Label Fairtrade-Gemeng confirméiert kritt.

Den Nationalen Dag vum Bam ass all Joer och bei eis zu Diddeleng. An Zesummenaarbecht mat eise Gäertnereibetriber a mat de Grénge Scouten hate mir an der Rue des Champs Uebstbeem geplanzt, mir haten och mat de Peaux Rouges op hirem Terrain Beem geplanzt.

Des weideren huet dann och d'Associatioun Soroptimistes wéi all Joer de Bam vum Joer spendéiert, an och déi Blo Scouten haten eis ënnerstëtzt, op hirem Site hate mir dann och e puer Uebstbeem geplanzt. Déi dräi Scoutsgruppe maachen ëmmer gutt mat, an ech si frou dass déi Jugend dat ëmmer mat mécht.

Baumpatenschaften, do hu mir 128 Baumpaten, do wier ech frou wa mir kéinten den een oder anere bäi kréie mee och do wäerte mir d'nächst Joer eng kleng Campagne maachen.

Naturschutz, de Sicona, d'Aarbecht an Heckeschnëtt, Biotop uleeë gëtt och weider gefouert, op de Sicona kommen ech nach eng Kéier zeréck.

Dann eisen Heckekadaster, opgrond vun deem Heckekadaster ass de Sicona dann all Joer aktiv, an do gëtt den Heckeschnëtt dann och gemaach.

D'Ëmweltkommissioun huet sech 2016 véiermol getraff an d'Klimateam koum dräimol zesummen a wann ech mech richteg erënneren, da kommen se d'nächst Woch fir Enn des Joers nach eng Kéier zesumme fir de Point ze maachen.

Routinaarbechten, eis Bierger ginn am Gréngen Haus beroden, all Froen am Energieberäich, ënnert anerem stellt eise Service dann och den Offallkalenner op a si kréie vill Reklamatiounen am Kader vum Lärmschutz eran, wou se musse behandelen, an da gi se och regelméisseg Klimatipps un eis Belegschaft weider.

Selbstverständlech mussen se och Commodo-Incommodo- Genehmegungen archivéieren a verwalten, an da schaffen se och an Aarbechtsgruppen zesummen, betreffend Klimapakt, PRO-SUD, Myenergy, STEP an dann och am Projet Neischmelz sinn se mat aktiv.

Ausbléck 2017, do wäert den Haaptakzent vun der Aarbecht selbstverständlech um Klimapakt leien. Mir mussen nach ëmmer e Leitbild festleeën, an dat Leitbild soll zesumme mat Myenergy dann 2017 awer ofgeschloss sinn.

Solarkadaster, do hu mir vun enger Studentin vun der Uni Lëtzebuerg, déi wëllt iwwert eise Solarkadaster hir Bachelor-Aarbecht schreiwen, an do wäerte mir hir den Zougang zoukomme loossen.

D'Fotovoltaikanlag an der Gaffelt, 80.000 Euro, ass dëst Joer dobäi, an da gëtt eis Stroossebeliichtung progressiv op LED ëmgestallt. Dëst Joer hu mir och eng nei Chrëschtbeliichtung, an déi ass och vollkommen op LED agestallt ginn.

Energiespueren, wéi gesot dat gëtt weider gefouert, an dem Kader gëtt awer och eppes verlängert, dat heescht dass net nëmmen d'Schoulen dat maachen,





mee och hei an der Gemeng gëtt dat esou gemaach dass mir och hei probéieren d'Energie kloer ze spueren.

Offallwirtschaft hate mir dëst Joer am Gemengerot, do hu mir jo och e puer Optiméierunge virgeholl, an déi Bestëmmunge wäerten dann elo ab éischte Januar gëllen.

Superdreckskëscht fir Betriber gëtt weider gefouert, d'Schoulufanksfest, de Floumaart, d'Fairt Frühstück, eis Baumpatenschaften, den Dag vum Bam, de SICONA, all déi Saache ginn 2017 weidergefouert an domadder géif ech da mäin Telegrammstil vun deem grousse Wälzer ofschléissen. Wann do Froe sinn, kënnt Dir am Laf vun der Woch am Gréngen Haus laanscht goe fir méi Detailer gewuer ze ginn.

Och den FSC, do hu mir 2016 e Certificat kritt fir nohaltege Bësch, och dat ass net ëmmer selbstverständlech.

Mir hunn och am Kader vum Klimapakt, do kéint een sech aschreiwen an en Newsletter, do kann dann all Bierger gewuer ginn, wat an deem Kader geschitt.

Frou war ech och dass mir et ronn bruecht hunn, eng grouss Informatiounsversammlung hei am Gemengenhaus ze hunn, dat ass e Pilotprojet, Gesond Entreprise, et geet drëm Betriber hei an der Emgéigend vun Diddeleng a Beetebuerg verstäerkt an dem Beräich Energieeffizienz an nohalteg Entwécklung ze ënnerstëtzen. Do hate mir eng grouss Conferenz mam Camille Girard an der Madame Closener, déi gutt besicht war, a wou mir de Leit konnte wäertvoll Informatioune mat op de Wee ginn.

An dann e ganz klenge Projet, deen ech trotzdem wëll erwänen, e Stopp fir de Mupp. Ech ginn dervun aus, dass déi wéinegst dat kennen. Et ass esou, dass eis Maison relais Plastiksstëpp sammelen, an do hu mir an Zesummenaarbecht mam STEP eng Collecte gemaach, wou all déi aner Leit kënnen hir STEP féieren. Et ass sou dass déi Stëpp bei der Firma Hein gewie an da ginn d'Suen déi do era kommen, un d'ASA, dat ass d'Amicale vun der Schoul vun den Assistenzhënn, an domadder gëtt den Dressage vun de Blannenhënn finanzéiert. Et ass net vill, mee et ass e flotten an e klenge Geste, deen do gemaach gëtt, an och nach e Geste fir d'Ëmwelt.

Deen drëtte Volet, deen ech hunn, dat ass Hygiène a Propretéit, Waasser a Kanalwiesen. Dir wësst, mam Wuesstem vun eiser Stad, der positiver Entwécklung vun eiser Bevëlkerung, stellen sech ëmmer méi Erausfuerderungen un eis Gemeng. Nei Ufuerderungen a punkto Propretéit an Hygiène. Ëffentlech Plazen a Parkanlagen, Trëttoiren a Stroosse musse gepflegt a geheegt sinn, an déi musse propper sinn, jiddereen soll Säint also zu der Aktioun "Propper Diddeleng" bäidroen. Eis Gemengenservicer hu mir verstäerkt, sou dass Propretéit an eiser Gemeng ze garantéieren ass, an eis Sensibilisatiounscampagnë ginn natierlech weider gefouert. Virun allem eis Aktivitéiten, de richtege Reflex, eng Propper Stad wäerte mir weider féieren an 2017 hu mir Wëlles eng nei Campagne ze starten, hei ass e klenge Flyer an eng Këscht, dat ass e mobilen Zigarettenäschebecher, dat heescht mir hu Wëlles 2017, zemools wou mir elo de Shared Space am Zentrum hunn, wou alles nei a flott a propper ass, wollte mir am Fong eng Campagne starte fir d'Zigarettestummele vun de Stroossen ze verbannen. Dat heescht, d'Leit sollen se an den Äschebecher geheien an net op d'Strooss. Dir gesitt, dat ass eng nei Campagne, déi mir starten, mir mussen do mat de Caféen zesummeschaffen, mir hunn eis inspiréiert un eise Kolleege vu Betebuerg, mir hunn den Trend net nei erfonnt, dofir hunn ech dat matbruecht, déi wäerte mir dann do elo lancéieren.

Gas, Waasser a Kanalisatioun do konsequent Weiderféierung vun eise Froen an dem Beräich Ofwaasserentsuergung a Kanalwiesen, am Sënn vum Ëmweltschutz an enger Präventioun vun Iwwerschwemmungen.

Eist Ofwaassersystem gëtt permanent erneiert an ausgebaut, dat alles si Saachen déi gesäit een net op den éischte Bléck, dat ass alles am Buedem dran, et kascht immens vill Geld, gëtt awer konsequent ëmgesat.

Ebenfalls an nei ëffentlech Toiletten a Muppentoilette musse mir investéieren. Dir gesitt, dass et dobaussen net ëmmer sou evident ass dass d'Leit vun sou Saache profitéieren, dofir musse mir drop hiweisen an hinnen d'Méiglechkeete ginn, dovunner ze profitéieren.

All Bierger soll matmaache fir an enger propperer Stad ze liewen.

Am Budget 2017 fannt Dir erëm, d'Installéiere vun intelligente Waasser- a Gaszieler, dat huet de Virdeel dass de reelle Verbrauch direkt ofliesbar ass, d'Fuitë ginn ugewise wann eng am Circuit ass, an och eis Leit, also déi Leit déi ofliese ginn, mussen net méi eran an d'Haus, si kënnen dat vu bausse maachen, alles dat ass dann am Budget 2017 virgesinn.



An da kommen ech op deen nächste Ressort, dat ass den drëtten Alter, d'Senioren an eeler Leit. Dir wësst, hei zu Diddeleng hu mir e gudden Ambiente fir eis eeler Matbierger, jidderee ka sech hei wuel fillen a liewen an enger Gesellschaft an Autonomie. Diddeleng bitt eisen eelere Matbierger en Doheem. Altersgerecht Liewen ze garantéieren ass a bleift eent vun eisen Ziler, an Diddeleng verfügt do iwwer munch Moosnamen.

Wann ech kucken, d'Ziler vun eiser Politik, do ass alles fir en altersgerecht Liewen ze erméiglechen, si sollen sech hei wuel fillen, autonom fillen an an der Gemeinschaft kënne liewen.

Konkret, wéi gesäit sou e Liewen an der Gemeinschaft aus?

Mir hunn zu Diddeleng relativ vill Clibb, déi sech dorëms bekëmmeren, mir hunn de Club Senior, de Schwaarze Wee, eise Centre de rencontre fir eeler Leit, awer net nëmme fir eeler Leit. Dee Club gëtt et jo schonns méi wéi 10 Joer, deen organiséiert ganz vill Aktivitéiten. Mir hunn d'Amiperas, wou d'Leit sech kënnen treffen, mir hunn d'Amicale Gëlle Joeren, a mir hunn eis Alterskommissioun déi ënnert anerem all Joer d'Journée de Nostalgie organiséiert, och dat ass eng flott Aktivitéit.

An dann net ze vergiessen, d'Clibb wéi de Foyer de la Femme, d'Amis de la Fleur, Gaart an Heem, alles dat si Veräiner, déi mir net nëmme finanziell mee och materiell a logistesch ënnerstëtzen, an dann hu mer weider Infrastrukturen hei zu Diddeleng, den Télé-Alarm, de Service Repas sur roues, mee mir hunn och weider Infrastrukturen, wéi de CIPA, den ALA, dat ass en Dagesfoyer vun der Association Alsheimer, an de Foyer de jour vun der Croix rouge.

Dat si Saachen, déi dozou bäidroen, dass déi eeler Leit sech kënnen hei wuel fillen.

Herno komme mir nach eng Kéier drop ze schwätzen, Senior plus ass en neie Service dee mir ubidden. Wéi gesot, dat steet um Ordre du jour haut, da ginn ech méi genee op déi Konventioun vu Senior plus an. Senior plus, dat heescht, mir probéieren dass déi eeler Leit esou laang wéi méiglech kënnen an hirem eegenen Haus wunnen, an dofir ass den Senior+ geduecht fir dass d'Leit kënne beroden an dirigéiert ginn, wéi se dat an der Praxis kënne maachen.

Da kommen ech zum Schluss op eis Syndikater ze schwätzen. D'Syndikater schloen all Joer massiv am Budget zu Buch, déi hunn deen Nodeel dass een se hei net an Diddeleng gesäit, si si wäit vum Schoss an awer sinn se no, vu datt se eis finanziell belaaschten.

De STEP, 1979 gegrënnt ginn, Betebuerg, Rëmeléng, Reiser, Kayl an Diddeleng si Member vun dem STEP, 2005 ass en erneiert gi fir ronn 95.000 Awunner, an de Budget 2017 bleift stabil, do ginn et keng Schwankunge par rapport zu dem leschte Joer.

Net wéi dat deemools beim Minettkompost war, op dee kommen ech elo ze schwätzen, 1993 gegrënnt ginn, 21 Gemengen, Liwwerung vun 30-35.000 Tonnen organeschen Offall all Joer, et wäerten do landen eng Biogasproduktion, déi 2011 a Betrib geholl ginn ass, dat heescht eng Kapazitéit vu 25.000 Tonnen, an do ass de Budget dëst Joer ganz stabil, well mir ënnert anerem eng nei Präisstruktur gemaach hunn, an zweetens an dat ass dat wichtegst, funktionéiere mir dëst Joer ab September an Eegeregie. Dat heescht, déi Montanten déi mir hu misse gi fir Bedreiwer konnte mir anescht asetzen, sou dass mir déi konnten op Gemengen zeréck ginn, dat heescht aner Präisser, sou dass mir elo mat Minettkompost duerch déi Eegeregie ganz gutt kënne wirtschaften an och fueren.

Dann den drëtte Syndikat, dat ass d'SIDOR, gegrënnt 1971, dat heescht, dëst Joer ass d'SIDOR 45 Joer al ginn, dat sinn 36 Membergemengen, mat +/- 350.000 Awunner dat ass bal zwee Drëttel vun der Populatioun hei zu Lëtzebuerg. D'SIDOR ass eng héich modern Müllverbrennungsanlag, wou ongeféier 70% vum jäerlechen Offall verbrannt gëtt, si huet eng Kapazitéit vun 165.000 Tonnen, déi 2010 och da ganz moderniséiert ginn ass, zu engem Präis vun +/- 100 Milliounen Euro.

Aus dem Offall gëtt Stroum gemaach deen an d'Netz vun der CREOS gespeist gëtt, dat sinn +/- 100.000 Megawattstonnen, dat geet duer fir 28.000 Stéit permanent mat Energie ze versuergen, an och do bleift de Präis vum Tonnage mat 86 Euro d'selwecht wéi 2016, sou dass d'Syndikater dëst Joer ganz konstant bliwwe sinn.

An dann dee leschte Syndikat, wou ech vertrueden sinn, dat ass den Sicona Westen, gegrënnt 1989 an do si mir säit 2001 Member, an do sinn 21 Gemenge vertrueden, an do wäert de Romy Rech als Member a senger Interventioun op Detailer vun dem Syndikat agoen, an domadder géif ech meng Presentatioun ofschléissen. Merci.



Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem René Manderscheid fir seng Presentatioun, ech ginn elo d'Wuert weider un de Loris Spina.

Loris Spina (LS AP - Schäffen): Léif Leit aus dem Gemengerot, éier ech zu menge Ressorte kommen, wollt ech awer am Numm vum ganzen Schäfferot eisen eenzele Mataarbechter vun der Gemeng e grousse Merci ausschwätzen, déi bei der Opstellung vum Budgetsdossier bedeelegt waren.

Jiddweree vun eis hat an senge Ressorte ganz vill an intensiv Gespréicher mat den eenzelen Servicer, sou dass mer hei kënnen esou e flott Dokument presentéieren, dass ee kloer gesäit wat de politesche Wëllen ass, an dat op eng kontabilitéitsaart a -weis déi dann och dee legale Kader respektéiert.

Dëst Joer war eng nei Mataarbecht a Kooperatioun mam neie Gemengesekretär deen ech och vun dëser Plaz aus am Numm vum Schäfferot wëll Merci soen, fir déi ganz Koordinatioun, well sou e Budgetsdokument opzestellen ass eng ganz dynamesch Geschicht, do sinn ëmmer rëm nei Momenter, Saachen déi bäikommen, Saachen déi ewech falen, an do mussen se alleguerte vill Gedold mat eis hunn, an an dem Sënn wollt ech all deene Leit aus de Servicer Merci soen.

Dat gesot, fänken ech mat der Informatik un, well déi am Budgetsdokument als éischt virkënnt, wat meng Ressorten ubelaangt.

D'Informatik ass e liewenswichtege Service fir all moderne Betrib, a mär als Gemeng sinn e moderne Betrib, dofir ass dat heit net aneschters. Et ass e Service, deen aus e puer ganz motivéierte Spezialiste besteet. Déi Spezialiste maachen awer am Alldag e bëssen vun Alles, soss géif dat net goen. Ech probéieren dann hei e kuerzen Iwwerbléck ze ginn iwwert dat, wat si am Alldag musse leeschten. Am ordinäre Budget fannt Dir den informatesche Volet mat 1,6 Milliounen Euro erëm.

Ech wäert awer elo net zevill an dat agoe wat se wierklech geréieren, well wann ech elo hei zevill Zuele präis ginn, da ginn Fournisseuren, wibbeleg an nervös, an da kommen se muer bei eis a wëllen eis nei Saache verkafen. Also, dofir wollt ech mech hei global halen.

Dir kënnt Iech awer virstellen, dass mer mat ronn 100 Gebaier, eng 80 Servicer, déi natierlech um informatesch leschte Stand musse sinn, do sinn eng ganz Rei vun Telefonsnummeren, déi ze geréiere sinn, Faxgeräter, Voicemailen, Barrièren, Dieren, déi ze verwalten sinn, déi ze configuréiere sinn, a wou mer och ëmmer en technesche Support brauchen. Wann iergendeppes vun deenen Apparater net funktionéiert, kann ech Iech soen, dann ass der Däiwel lass.

Et ass jo kloer, wann ech moies wëll schaffen, a mäi Computer wëll net, oder mäin Drucker streikt, oder mäin Telefon geet net, dass déi Leit dann a voller Panik Kontakt mam Service ophuelen, an do ass da Reaktioun gefuerdert, et geet net ëmmer direkt, et geet net ëmmer ganz séier, heiansdo ass Gedold erfuerdert, an déi mussen och probéieren, no hire Prioritéiten ze schaffen, an dat ass net ëmmer sou evident wann dir Iech virstelle kënnt, wéi penibel et ass, wa mäin Aarbechtsmaterial net richteg funktionéiert. Mee wéi gesot, mat vill Asaz a vill Flexibilitéit sinn déi Leit am vollen Asaz fir de Leit entgéint ze kommen.

Déi Gebaier si matenee verbonnen, do hu mer 8 Zentralen, d'Haptzentral ass natierlech hei op der Gemeng, eng Redundanz hu mer beim CID, wa mol eng Kéier hei sollt eppes geschéien.

All eenzele Computer ass praktesch individuell configuréiert, well all Mënsch seng eege Programmatiounen huet, seng eegen Aarbechtsweis huet, fir kënnen ze schaffen, sou dass dat ëmmer ganz opwenneg ass.

Et gëtt e Mix aus virtuellen a physesche Maschinnen, wat och net ëmmer ganz evident ass. Et ginn eng ganz Rei Programmer, déi op deenen eenzelen Server zesummekommen, et gëtt alles an engem Réseau verbonnen, et gi grouss Switchen et gi méi klenger, et gi Routeren et gi Firewallen, et ginn Netzwierkgeräter déi Kameraiwwerwaachungen steieren, déi Pointeusen oder Zentrale mussen steieren, jee et ass ganz komplex an et muss een sech ëmmer um neisten Stand halen, well d'Entwécklung geet dramatesch schnell virun.

Laangfristeg geet et natierlech drëm, dass all eis Gebaier mat Glasfaser verbonne sinn. Iwwert d'Halschent, mer si bei ronn 60% vun eise Gebaier si mëttlerweil mat Internet verbonnen, de Wifi gëtt regelméisseg ausgebaut, wéi Der kënnt an de Conferenzraim feststellen.

Dëst Joer hate mer 20 Antennen am Hartmann opgestallt, wat Iech sécherlech och schonns opgefall ass, wat an Zesummenaarbecht mam Hot City, respektiv



mat PRO-SUD awer och e ganz flotte Projet war.

Hei am Gemengerot, déi Kameraen, Dir gesitt et gëtt opgeholl, et gëtt gefilmt, och dat ass e wichtege Projet, deen eis Informatiker ze geréieren hunn.

Eis Owncloud an der Gemeng fir och do kënne virtuell Dossieren ze traitéieren, ass natierlech och net méi ewech ze denken, an et dierf een net vergiessen dass all eenzele Changement am Service, wann eng Persoun de Service wiesselt, wann eng nei Persoun agestallt gëtt, dat ass ëmmer rëm verbonne mat vill informatescher Aarbecht, déi Leit mussen dann erëm begleet ginn, mussen nei Konfiguratioune kréien, alles dat ass net esou einfach, wann dann eise Service informatique dat muss geréiere mat dem normalen Alldag a mat deene Pannen, déi awer mol eenzel kënnen entstoen.

Am Budget extraordinaire ass eis opgefall, dass mer do 55.000 Euro fir en neie Callswitch virgesinn hunn, dat ass fir e Backup-System ze hu fir d'Gemengenzentral hei, an och do fanne mer 30.000 Euro erëm fir d'Klimaanlag, well do wou déi Geräter stinn, produzéiert sech Energie an Hëtzt a fir dass dat net eng gewëssen Temperatur iwwersteigt, wëlle mer do an eng weider Klimaanlag investéieren.

Beim Matériel informatique ass lech villäicht och opgefall, dass mer do vu 45.000 op 70.000 Euro erop ginn, dat ass haaptsächlech geduecht fir den Demandë vun den eenzelen Schoulen entgéint ze kommen, déi Wifi froen, respektiv I-Pads, fir do a pädagogesche Projeten ze schaffen, fir dass hir Kanner och virbereet sinn op déi modern virtuell informatesch Welt.

De Syndikat, deen do drun hänkt ass de SIGI, do ass lech net entgaangen, dass mer als Gemeng en Apport en capital fir en neie Siége investéiert hunn, dat fannen an eisem Budgetsdokument mat 147.000 Euro erëm, de SIGI wäert an den nächste Jore plënneren, an déi 1. Etappe ass den Apport en capital fir déi eenzel Membersgemengen.

D'Cotisation wäert och liicht erop goen, dat ass haaptsächlech geschëlte Personalfraisen an nei Projeten, de Gescom Plus steet virun der Dier, de Gescom ass de Core business vun all eisen Apparater hei, respektiv all Programmationen sinn dorop baséiert, ech wëll awer nach erwänen dass de Siggi de Partner ass, wann et dorëms geet, SMS to citizens, en Service deen ëmmer méi beléift ass, an och do, wéi och de Ma Commune, wat en Deel dovunner ass, ass den SIGI deen deen eis do ënnerstëtzt.

Weiderhi sinn 2017 och eis Informatik-Coursë fir Grouss a Kleng virgesinn, déi och säit Joeren hei eng laang a gutt Traditioun sinn, an och dëst Joer grousse Succès haten, sou dass mer och do wäerten domadder weider fueren.

Mer bleiwen dann am Syndikatswiesen, ech wëll do kuerz iwwer den SES schwätzen, do ass et esou, dass de Budget 90% vum Sebes virgi gëtt, dat heescht dass mer do als SES wéineg Sputt hunn.

De Waasserpräis bleift och fir 2017 dselwecht, déi lescht Hausse war 2010, also och do hu mer ganz gutt geschafft. Et kann ee villäicht zeréckbehalen, dass 2016 manner Waasser benotzt ginn ass, manner Waasser verbraucht ginn ass, an dass weiderhi vill investéiert gëtt an d'Sécherheet an d'Qualiteit vun den eenzele Waasserquellen, an och vun der Waasserzoubereedung, d'Analyse ginn erop geschrauft.

Et muss een soen, dass mer als SES säit 25 Joer en exzellenten Drot zur Landwirtschaftskammer hunn, mer schaffe gutt zesummen, d'Schutzzone gi weider erweidert an d'Pestizide ginn op e strikte Minimum reduzéiert, notamment duerch alternativ Dünge gëtt dëst Ziel erreecht.

Da wäert ech fléissend eriwwer goen op de Volet Famill. Diddeleng ass definitiv eng familljefrëndlech Stad, dat ass engersäits geschëld well d'Infrastrukture ronderëm d'Enfance a Jeunesse an engem top Zoustand sinn.

Dat ass engem laangfristege Konzept geschëld wat eis Infrastrukturen ubelaangt ronderëm d'Schoulen, d'Maison-relaisen, d'Spillplazen, awer och eis Bëscher an eis Parken, also Noerhuelungsméiglechkeeten.

Diddeleng ass eng kannerfrëndlech Stad, et ass eng faarweg Stad, an och eng sécher Stad.

Eis Veräinswelt bléit op, an eis Associatiounen, mer hu ronn 211 Veräiner an Associatiounen, déi ageschriwwen sinn, déi gi gutt ënnerstëtzt, sou dass se och kënnen den eenzelne Familljen a Bierger op den Aktivitéitsprogramm presentéieren.

Eltere ginn an Eltere sinn ass sécherlech engersäits en emotionalen Highlight awer och de schwieregsten Job





ever an dofir probéiere mer als Gemeng, déi Familljen esou gutt wéi et geet ze begleeden, an och ze ënnerstëtzen, engersäits mat deene Servicer intern, awer och mat Kooperatiounen a Konventioune mat externen Servicer.

Am Budget fannt dir ënnert anerem de Baby+ erëm, dee mat 39.000 Euro do chiffréiert ass, dëst Joer hate mer bis den 15. November 69 Gebuerten hei zu Diddeleng enregistreiert, a knapp 60% vun deene Familljen déi do betraff waren, déi hunn op de BabyPLUS zeréckgegraff, dat waren 153 Visiten, dat weist och, dass dëse Service méi wéi ukomm ass zu Diddeleng an dass d'Leit frou sinn, dass mer dat hei sou zu Diddeleng weiderhi wäerten ubidden, well do probéiere mer, de Leit ze hëllefen, wat déi eenzel Risikofaktoren ubelaangt.

Meeschtens ass et esou dass e Risikofaktor, dass dat éischter eng Multiplikatioun ass, et ass sielen een eenzele Faktor alleng, deen optaucht.

Fir se kuerz ze ernimmen, et ass den Immigrationshannergrond, en nidderegt Akommes, feelend familiäert Netz, eng psychesch Belaaschtung oder awer och ongënschteg Wunnsituatiounen, dat si lauter Belaaschtungsfaktore fir eng Famill.

Weiderhin hu mer och d'Eltereschoul erëm dëst Joer an d'nächst Joer virgesinn, fir déi Familljen ze ënnerstëtzen.

Wat bei der Eltereschoul flott ass, dëst Joer hate mer ronn 10 Séancen zu Diddeleng, dat gëtt am Fong de Programm mat deenen Acteuren déi um Terrain no bei den Elteren sinn, spréch, d'Schoulen, d'Maisonrelaisen oder och d'Jugendhaus, déi zesummen de Programm ausschaffen, an d'Owender virschloen, an d'Eltereschoul ass esou flexibel dass si dann ëmmer en spezialiséierten Intervenant schécken zu deene verschiddenen Themeberäicher, déi do opgelëscht sinn.

Ganz interessant war dëst Joer d'Thematik ronderëm d'Flüchtlingen oder d'Demandeurs de protection internationale, déi sech gutt integréiert hunn, well mer festgestallt hunn, dass déi Kanner an déi Jugendlech déi hei an d'Schoule ginn a mat deene Kanner a Kontakt komm sinn, eng Rei vu Froe mat heem geholl hunn, well se wollte wëssen, wéi ass de kulturellen Hannergrond, wéi muss ech mech verhalen, wat dierf ech net maachen?

Do sinn eng Rei vu Froen opkomm, an do hu mer zesumme mat der Eltereschoul en Owend organiséiert fir all deene Froen Äntwerten ze ginn.

Mer hu wéi gewinnt eng ganz aktiv Familljekommissioun wou d'Josianne Di Bartolomeo-Ries do un der Spëtzt sécherlech den dreiwende Motor dovunner ass. Déi Familljekommissioun wäert och d'nächst Joer weider aktiv si mat deene bekannte Projeten, a virun allem awer och e ganz neie Projet, deen hutt Dir sécherlech am Budget entdeckt, dat ass de Familljendag, dee mer mat 15.000 Euro ugesat hunn.

Ech ëmräisse kuerz, et geet eis drëm fir den Diddelenger Familljen en Dag ze offréieren, wou se kënnen zesumme kommen, e puer flott Momenter zesumme verbréngen, d'Konvivialitéit ass sécherlech grouss, spilleresch an e bësse Spaass hunn, awer och eng ganz Rei vun Informatioune kréien, dat heescht, deen Dag wäert organiséiert ginn zesumme mat aneren Acteure aus dem Familjewiesen, fir dass een och gesäit, wat hu mer alles hei zu Diddeleng hun an dësem Bereich, fir dass do eng besser Vernetzung ka stattfannen.

De Projet ronderëm Makerspace wëll ech och hei bei de Familljen erwänen, well do de Motor eis Maison relais an och eis Schoul am Brill sinn.

De Makerspace, mer haten et dëst Joer schonns ugekënnegt, mer haten och eng Aktivitéit am Foyer Diddelfamill, wat dat doten ubelaangt, an dat war e flotte Succès ginn, sou dass mer gesot hunn, mer probéieren do eng Kontinuitéit eran ze kréien.

Engersäits fänke mer un, d'Acteuren déi dat wëllen encadréieren, fortzebilden, dat heescht dat pädagogescht Personal.

Wat wëlle mer mat dem Projet Makerspace erreechen?

Engersäits d'Förderung an d'Stäerkung vu basiswëssenschaftlechen an ICT-Kompetenze vun de Kanner, Selbstwirksamskeetsefahrunge ginn do gesicht, an natierlech d'Förderung vu soziale Kompetenzen.

D'Grondschoul am Brill an d'Maison relais an der Schwämm sinn d'Haaptacteure ronderëm deen dote Projet an do kënnen awer och Leit oder Kanner vu baussen sech do umellen a mer si ganz frou, dass mer Makerspace op Diddeleng kritt hunn. Dat ass e Projet, dee vum SNJ mat ënnerstëtzt gëtt.

D'Biergerbedeelegung huele mer zu Diddeleng ganz eescht.



Et gi ganz vill Weeër a Moyene fir mam Schäfferot, mat de politesche Responsabelen a Kontakt ze trieden, mer hunn do eng ganz Panoplie vu Méiglechkeeten, déi mer den Diddelenger Bierger zur Verfügung stellen. Dat kann natierlech iwwer Telefon sinn, dat kann iwwer Mail sinn, dat kann iwwer Bréifkontakt sinn, ganz strukturéiert an eise Permanencë mëttwochs moies, eis sozial Medien sinn och e Moyen fir kënnen a Kontakt ze trieden oder ganz einfach iwwert d'Sekretariat e Rendezvous ze huelen, ass och méiglech.

Strukturéiert un déi Biergerbedeelegung gi mer eru wann et dorëms geet, dass d'Leit mat schaffen am PAG, ronderëm d'Frichen, ass et natierlech méiglech kënnen do mat ze schwätzen, bei de Modifikatioune iwwert d'PAPen, do siche mer och ëmmer de Kontakt mam Bierger, ëffentlech Plazen an de Quartiere ginn och net ouni Bierger decidéiert, eis Comitéen an deenen eenzelne Quartieren sinn e wichtegen Acteur an der Biergerbedeelegung.

Ronderëm den Shared Space hate mer vill Entrevuë mat den eenzele Bierger, mat de Geschäftsleit, den FCAD och e wichtege Partner am Austausch wat dat doten ubelaangt, an natierlech bei all deene Manifestatiounen ass dann och de Biergerforum mat present.

Vu Jonkem u probéiere mer d'Leit an d'Kanner dorop hin ze erzéien, dass se herno verantwortlech Bierger sinn, déi sech aktiv fir hir Gemeng asetzen.

Mer hunn do natierlech de Kannergemengerot, deen encadréiert gëtt vum Jessie Hencks, Jill Degreef, Nadine Grein, Antonella Zangarini an dem Mady Wegener. Firwat ernimmen ech dat? Majo, ech wëll domadder ervirhiewen dass et Asaz brauch vun Erwuessenen, vun Encadranten, fir sou Projeten duerchzesetzen, engersäits ass et de politesche Wëllen, anerersäits brauchs de och Leit, déi motivéiert, déi sech dann awer och fir sou e Projet asetzen.

De Kannergemengerot huet d'nächst Joer virgesinn, e Floumaart ze organiséieren, an och e Sportstournoi an si hu Wëlles, dass wann do en Erléis zustane kënnt, dat fir e gudden Zweck ze spenden. Dat heescht, och do ass schonn dee richtege Geste virprogramméiert.

An si wäerten awer och als Kannergemengerot um Familljendag mat Deel huelen.

Nom Kannergemengerot ass d'Suite logique natierlech de Jugendgemengerot, do wëll ech deene Leit Merci soen, déi sech do engagéieren, dat ass d'Vanessa Reich, d'Tamara Cozzi an de Sven Loscheider, déi do probéieren, mat deene Jonken Ideeën ze sammelen, wéi een Diddeleng aus hirer Vue nach ka weider verbesseren. Si si ganz engagéiert ronderëm de Flüchtlingsprojet, och do wëllen se hëllefen, déi Leit an déi Jonk do besser ze integréieren an si wëllen och Diddeleng an engem Selfie-Projet vun hirer Vue aus positiv duerstellen.

Deen neie Site vun eiser Gemeng wëll ech och an dem heite Sënn erwänen, well dat eng grouss Fënster ass no baussen zum Bierger. Et ass eng Plattform wou mer eis als Gemeng kënnen no baussen duerstellen a präsentéieren.

Ganz vill Informatioune fënnt de Bierger do erëm, awer och eng Rei Kontakter wou en da ka seng Meenung äusseren.

Deen neien CMS ass zesumme vu villen Acteuren erstallt ginn, natierlech eise Service Informatique war do mat am Boot, eise Service de Communication et de Relations publiques, de SIGI huet gehollef, well dat Ganzt baséiert op hirer Technologie an zwar dei vum Sharepoint, dee mer hei scho säit Joeren hunn, an extern Kommunikatiounsboîten hu probéiert do en neie Wand mat eranzebréngen an den Avis vun der Mediekommissioun war hei och ganz relevant.

Dat Ganzt baséiert natierlech op eiser Charte, eis Identité graphique an awer och emotionelle, déi eis ganz wichteg ass. Basis war och eis Analyse vun der User experience, déi mer hei zu Diddeleng haten, déi gewisen huet, wéi d'Leit virdrun um Site ronderëm gesurft si fir eben déi eng oder aner Informatioun ze fannen, an dorauser hu mer probéiert ze léieren, fir de Wee zu de jeeweilege Formulairen ze verkierzen.

De Site ass faarweg, en ass lieweg, en ass userfriendly an natierlech en huet e Responsive Design, en ass ganz flott strukturéiert, d'Arborescense sinn iwwersiichtlech, a mat de 6 Rubrike flott ënnerdeelt.

Et si méi Fotoen a méi Videoen erëmzefannen, an natierlech och e Link mat deenen anere Medien, wéi Twitter, Facebook an och Instagram dierf do net méi feelen.

Sport ass zu Diddeleng och 2017 e grousst Thema, ähnlech wéi de Buergermeeschter et op der Sportleréierung sot, wann s de eppes am Sport hei zu Lët-



zebuerg wëlls erreechen, da muss de mol fir d'éischt Diddeleng klappen, an dat ass och an deem Sënn am Budget erëmzefannen, dass mer ronn 5 Milliounen Euro an de Sport am Ordinaire investéieren, wat e considerable Chiffer ass.

Op der Recettësäit ass et virun allem de Lycée, deen eis do Suen era bréngt fir d'Locatioun vun de Schwämmen, an och vun der Hal, mat 800.000 Euro.

De Subsideschlëssel, dee mer jo all zesummen hei méi wéi eng Kéier diskutéiert hunn, huet awer an der Praxis als grouss Akzeptanz fonnt um Terrain, dat fënnt ee virun allem an den Assemblées générales erëm, wou wierklech mat ganz ganz wéinegen Ausnamen d'Leit aus de Veräiner méi wéi zefridden sinn, well se och wëssen, dass de Subsid een Deel vun der Ënnerstëtzung ass, dee mer als Gemeng eise Veräiner och ginn. De gréissten Deel ass natierlech ronderëm d'Infrastrukturen, d'Personalkäschten déi mam Sport verbonnen sinn, d'Material dat mer hinnen zur Verfügung stellen, den Ënnerhalt vun den eenzelen Siten a Materialien, den Nettoyage, alles wat ronderëm d'Energie ass, Gas, Waasser an Hëtzes an och déi logistesch Ënnerstëtzung bei deenen eenzelen Evenementer ass de gréissten Deel vun der Ënnerstëtzung.

Mer probéieren, hinnen déi beschte Viraussetzungen ze ginn, fir dass se kënnen hiren Aktivitéiten nogoen, dat ass och eng Form vun Ënnerstëtzung am Bénévolat, sou wéi mer et verstinn.

Dëst Joer ass och nei, dat fält lech villäicht am Budget op, dass mer e Prix de Benevolat hunn, wou mer zesumme mat de Leit do och wëlle stellvertriedend Merci soen.

D'Sportskommissioun ass och e wichtegen Acteur wat den Sport ubelaangt, an och op der Sportleréierung gesi mer all Joer erëm, dass dat seng Friichten och dréit.

Wéivill Sport gëtt dann hei zu Diddelang an der Veräinswelt gedriwwen?

Wann een den Iwwerschlag mécht wat an engem Joer zesumme kënnt an eisen Halen, an eisen Schwämmen, an eise Gymnasen, do sinn da ganz impressionant Chifferen déi do zesumme kommen.

D'Veräinswelt déi ass mat iwwer 12.000 Stonne present an eisen Infrasrukturen, d'École fondamentale mat 1.300 Stonnen, de Lycée mat 525 Stonnen, an de Public mat 1.100 Stonnen ass an eisen Infrastrukture present. Dobäi kommen nach d'Maison relais mat 100 Stonnen, ouni d'Visiteuren an d'Zuschauer ze vergiessen. Dat doten ass ganz impressionant wann ee bedenkt wéivill do duerch eis eenzel Sportsinfrastrukture lafen, sou dass och eise Service des Sports, d'Conciergerie, eis Equipe am Nettoyage sécherlech net wäerte langweilen iwwert d'Joer an och permanent mussen op Volltoure lafe fir dass dat doten assuréiert ass.

Am Ordinaire sinn 3 nei Artiklen derbäi, engersäits wéi schonns erwänt de Leasing vun Antenne vum Hot City am Hartmann, dat sinn 10.500 Euro, eis Cafeteria, do hu mer 40.000 Euro agedroen, eng Cafeteria déi sécherlech Sue kascht, awer och dee ganze familiären Aspekt vun der Haal nach wäert verstäerken, sou dass do vill Leit kënnen zesumme kommen, eppes zesummen drénken, zesumme schwätzen, et huet och e frëndschaftlechen a soziale Charakter, wat zum Charme vum Hartmann bäidréit.

An et sinn och 5.000 Euro Frais de gardiennage, well mer festgestallt hunn, dass ab enger gewëssener Unzuel vun Zuschauer et net onwichteg ass, do fir d'Sécuritéit ze suergen, respektiv och ze hëllefen, deene Veräiner, wann et drëm geet, d'Sécherheet op den Tribünen ze garantéieren, an dofir fanne mer dëst Joer deen Nidderschlag do am Budget.

Am Extraordinaire hu mer engersäits déi 50.000 Euro fir den Noutstroum am Hartmann ze garantéieren, wann do sollt eng Panne mol geschéien.

Am Grimler gëtt massiv investéiert, mer hunn engersäits 100.000 Euro wat d'Tribünen ubelaangt, dat ass ähnlech wéi et elo am neien Hartmann ass, respektiv och op der Alliance soll et dat ginn. Dat ass engersäits de Sëtzconfort, an anerersäits awer och dass mer eran an erauszéie vun dem Prallschutz, dass et méi séier wäert goen, wat och eisem Personal entgéint kënnt, well d'Manipulation vereinfacht wäert ginn.

Weider gëtt investéiert an d'Sonorisatioun an och an d'Mikrosanlang am Grimler mat 100.000 Euro an den Éclairage mat 80.000 Euro gëtt och do op LED ëmgeswitcht, wat natierlech am Ufank e bësse méi deier ass, awer wäert sech no 2-3 Joer sécherlech amortiséieren. A mer hunn och dann d'Méiglechkeet bësse méi individuell d'Luuchten un an aus ze maachen, an do kann ee flott an den Szenerie spillen, wat sécherlech de Veräiner wäert entgéint kommen.



Déi aner aussergewéinlech Ausgaben, do ass de Buergermeeschter drop agaangen, engersäits Tribünen a Vestiairë mat enger moderner Ventilatioun um Nosbaum, awer och alles wat ronderëm de Strutzbierg wäert geschéien, do ass e gréisseren Invest virgesinn, an och an eis oppen Schwämm musse mer investéieren, an an engems eng Etüd maachen, wéi déi nächst Joeren do soll weidergoen.

Awer net nëmmen an de Veräinssport gëtt investéiert, mee mer setzen och vill op Fräizäit, mer ginn de Leit och d'Méiglechkeet, sech ausserhalb vun deene feste Veräinsstrukturen sech ze bewegen, well mer wëllen en aktiven a bewegungmotivéierte Bierger.

An dat ass och d'Aufgab vun der Gemeng fir deene Leit eppes zur Verfügung ze stellen, fir dass se kënnen eppes Neits ausprobéieren, a Loscht kréien op Bewegung.

E puer wëll ech der ernimmen, engersäits eis Mountainbike-Weeër déi op der Haard erhale ginn, mer hunn awer och eng Dirtline an eng Skatepiste, wou vill Leit sech kennen op fräiwëlleger Basis bewegen, de Calisthenics ass e grousse Succès, an och do wäerte mer nach de Projet ausbaue mat 25.000 Euro d'nächst Joer.

De Ministad um Ribeschpont gëtt och erneiert mat 25.000 Euro. Déi Mini-stade si ganz wichteg fir dass Jonker an Aler sech do sportlech kënne treffen a betätegen.

An eis Schwämm gëtt souwisou d'Méiglechkeet fir dass de Public sech do kann e bëssen austoben.

Nieft den Infrastrukturen investéiere mer och an d'Eventer, eise Service des Sports probéiert mat aneren Acteuren do Promotioun ronderëm déi Eventer ze maachen, an awer och an der Organisatioun wäerte mer hëllefen.

Mer sinn erëm wéi vun Ufank u bei der 3. Europäescher Sportswoch dobäi, mer probéieren eventuell och en éischte Calisthenics Event hei zu Lëtzebuerg op d'Been ze kréien, an och wat d'Event ubelaangt, fannt dir am Ordinaire mat 10.000 Euro, Evénements sportifs pour le grand public erëm, fir alleguerten déi Eventer wéi gesot e bësse méi strukturéiert ze encadréieren.

Nei Ideeën, déi opkomm sinn, dat ass engersäits de Ladysrun d'nächst Joer hei zu Diddeleng ze organiséieren an och den Senioren-Fussballturnéier, wat och ganz flott wäert ginn.

De Schnupperdag wäerte mer och oprecht erhalen, zesumme mat eise Veräiner, fir de Kanner d'Méiglechkeeten ze ginn, de Sport kennenzeléieren, awer och de Veräiner anersäits d'Méiglechkeet ze ginn, sech kënne virzestellen.

E weidert Beispill wat fir flott Eventer mer hei organiséieren, dat ass d'Nuit des Sports. D'lescht Joer waren do 15 Acteure present fir kënnen déi Nuit des Sports ze organiséieren, mar haten 673 Participanten, a ronn 1.000 Visiteure fir kuerz ze weise wéi sou en Event Succès fënnt.

De Pierre de Coubertin huet senger Zäit schonns gesot "Sport ist das Erbe aller Menschen und nichts kann sein Fehlen ersetzen", dofir huele mer dat ganz eescht hei zu Diddeleng.

Wat sinn d'Objektiver, déi mer mam Service des Sports wëllen erreechen?

Engersäits d'Verbesserung vun der ëffentlecher Gesondheet, Fairplay gëtt do grouss geschriwwen, och zesumme géint den Doping, Erzéien a Wäertervermëttlung iwwert de Sport ass sécherlech méiglech, de Benevolat an den aktive Bierger gëtt iwwert deen dote Wee ënnerstëtzt.

Sport als soziale Facteur fir Chancëgläichheet als en Integratiounsinstrument ze ënnerstëtzen, an den Sport ass och als Präventioun géint Gewalt an och Rassismus ze gesinn.

Wou komme Leit nach zesummen? Natierlech bei allem wat ronderëm d'Kultur geet, begéine Leit sech, treffe Leit sech an hu flott Momenter zesummen.

Diddeleng ass e bëssen e Streber an der Kulturlandschaft, dat kréie mer beim Ministère ëmmer rëm gesot wann et dorëms geet d'Konventioun ze erneieren. D'Konventioun, déi mat 245.000 Euro dotéiert ass, déi eis sécherlech hëlleft fir deene Missioune gerecht ze ginn, déi an der Konventioun festgehale ginn, woubäi mer déi Missioune méi wéi respektéieren, awer als Musterschüler natierlech och nach weider Missiounen erfëllen déi mer ganz eescht huelen.

D'Flagschëff ass do eise Kulturcenter opderschmelz, deen zesumme mat denen eenzelne Galerien e festen a wichtegen Acteur hei zu Lëtzebuerg ass, awer och iwwert d'Groussregioun eraus, mer huelen och do déi



regional Aufgab méi wéi eescht.

Wann een awer kuckt, dass déi lescht Joeren ëmmer méi Acteuren sech breet gemaach hunn, an ëmmer méi Gemengen investéieren an d'Kultur, ass heiansdo d'Fro gestallt, op de Kuch méi grouss gëtt, oder ob just jiddereen e bësse méi e klengt Stéck vun deem Kuch behält, et muss ee kucke wou déi Tendenz higeet.

Am Joer 2016 sinn 62% vun deenen Dépensen a Gage gaangen, an d'Artisten, d'Kulturwelt ass domadder ënnerstëtzt ginn, dovunner 35% u Lëtzebuerger Artisten. Dat hu mer grouss um Fändel stoen, dass mer wëlle Lëtzebuerger Artisten eng Bühn ginn, a ronn 70% vun deene ganzen Dépensë fléissen erëm an eis Lëtzebuerger Lokalekonomie eran, fir do nëmmen d'Publicitéit, d'Hotellerie an och d'Restauratioun ze ernimmen nieft dem artistesche Volet.

De Kulturcenter war all zweeten Dag besat, do donieft kommen nach eis Outdoor Inventer, déi der jo och kennt, Fête de la Musique, Zeltik oder Summerstage fir nëmmen déi ze ernimmen déi och vum Kulturservice mat organiséiert ginn.

Do donieft si regelméisseg Ausstellungen am Kader vum Art contemporain an eise Galerien. Do ass ëmmer bei der Inauguratioun samschdes e flotten Event, wou ganz vill Leit aus a ronderëm Diddeleng zesumme kommen. Och dat ass eng Plattform fir Lëtzebuerger, awer och Diddelenger Artisten, wéi mer viru kuerzem konnte mat eise Locals feststellen, well och do ginn et vill flott Talenter. Awer och fir Externer ass den Auditoire zur Verfügung gestallt ginn.

Am Joer 2016 waren niewent der Presseconferenz vum Youth Cup och d'Assemblée générale vun eisem Geschäftsverband do, eng Rei vun Anniversairë goufen do gefeiert, vun de Scouten, awer och vum Cercle philatélique, vill Diplomiwwereechungen an och eng Rei vu Formatioune fannen do statt.

2017, wat huet eise ganz äerdege Service do virgesinn?

E Service, deen och elo net zevill grouss ass, mee duerch vill Engagement an Asaz dat kompenséiert fir da kënnen sou e Programm op d'Been ze stellen.

Mer fänken d'Joer u mat der 8. Editioun vum Kannerbicherdag, wou e ganz flotte Projet erauszehiewen ass, dee mer zesumme mat der SACEM hunn, wou Kanner och eege Lidder schreiwen, dat Ganzt nennt sech "La fabrique à chansons".

Weider geet et mat de Kanner, déi e flotten Theaterprojet hunn, mat dem Préscolaire vum Eecherdall. Theater gëtt och d'nächst Joer ugebuede mat dem Jay Schiltz an dem Roland Calté.

Jazz gëtt och d'nächst Joer zu Diddeleng ugebueden, do hu mer eng Niche fonnt an der Kulturlandschaft fir déi mer méi wéi renomméiert sinn. Mer maachen e belschen Jazz-Owend, mer wäerten awer och weider fuere mat deene Projeten, wou mer déi lescht Joren ëmmer méi ausgebaut hunn, mat den Enseignanten, Museksproffen aus der regionaler Musekksschoul zu Diddeleng, an do wäerte mer och nächst Joer erëm 4 Concerte mat deenen op d'Been setzen.

Am Mäerz ass et de We Love Girls Programm, deen och ëmmer méi Succès fënnt.

De 25. Abrëll, den Dag vun der portugisescher Revolutioun, do hu mer dann och Fado, e portugisesche Poet an och soss nach Museker déi presentéieren, wat och e flotten Highlight wäert sinn.

Mat eisem Residenzeprojet fuere mer och weider, do hu mer ënnert anerem dräi Museksresidenze geplangt, woubäi och do zwee Lëtzebuerger sinn, also den Akzent ass och ëmmer rëm do fir Lëtzebuerger Museker ze promovéieren an hinnen d'Méiglechkeete ze ginn, eppes ze presentéieren.

Mir wäerten och d'nächst Joer erëm e ganz ofwiesselungsräiche Programm do hunn, dat heescht, musikalesch geet dat an all Richtungen, nieft dem Jazz, hu mer och klassesch Sing- a Songwriter, a Chanson a World Music wäerten och net ze kuerz kommen.

Theater an Danz gëtt erëm ugebueden, an dat Ganzt op engem héijen qualitativen Niveau, awer och op engem accessibele Präisniveau well Konscht soll net eppes Elitäres sinn, mee all Mënsch soll Zougang dozou kréien, an dat ass eis och ganz wichteg.

Mer probéieren, de Leit Loscht drop ze maachen, si sollen de Courage hunn Neies ze entdecken an Neies ze erliewen.

D'Iddi ass awer och, esouvill wéi méiglech Kreatiounen ze förderen, do geet et drëm fir déi kulturell Identitéit



vu Lëtzebuerg weiderhin opzebauen, well mer hunn och als Kulturzenter e Bildungsoptrag.

Et geet engersäits drëm, dass d'Leit sech ameséieren a flott Momenter hunn awer net nëmmen.

20.000 Euro fannt dir erëm am Budget fir den Atelier D, deen hate mer d'lescht Joer och schonns zu Diddeleng op Besuch, an zesumme mam Fonds de Logement hu mer et dann elo fäerdeg bruecht, dass mer d'nächst Joer den Hall Fondoucq hinnen zur Verfügung stellen.

Well de Mich, d'Marlène, d'Nora, d'Justine an och den Neckel 2016 esouvill Erfolleg hei haten, ware mer der Meenung, mer géifen deem Ganzen eng Kontinuitéit ginn. Mer wëllen domadder erreechen, engersäits e kreatiivt Opschaffe vun der Geschicht vun der Stad Diddeleng op engem historesch wichtege Site. Et geet dorëms kreativ Fräiraim ze schafen, et ass eng Plattform awer och fir Recherche, en Echange an Experimentatioun, an awer och Konvivialitéit an et geet och drëm fir Leit natierlech op dee Site ze bréngen, fir dass dee lieweg bleift, fir dass do Aktivitéite solle stattfannen, awer och do ass Participatioun gefuerdert, do brauch een och Partner.

Engersäits de Bierger an d'Leit dobaussen awer och de Service opderschmelz, de Centre Doc, de CNA, de Projet Ensemble, eist Jugendhaus, d'Maison-relaisen an och d'Schoule sinn do Partner, a firwat och net, eng Rei vu Firmen, déi zu Diddeleng implantéiert sinn, at an d'Boot ze huelen. Et ass en eemolege Projet, den Atelier deen zu Diddeleng hei presentéiert a mer wäerten do zesumme mat hinnen nei Forme vu Konscht entdecken a partizipativer Kreatioun do weider förderen.

E weideren Acteur hei am Kulturlandschaft ass eis Bibliothéik, déi och konventionéiert ass mam Staat an déi fanne mer mat 45.000 Euro erëm, an 20.000 Euro fir d'Ënnerstëtzung wat Bicher an de Mobilier ubelaangt.

De Mobilier huet een déi lescht Joere gesinn, do ass e bëssen investéiert ginn, a mer hunn och do eng nei Nues an eis Bibliothéik kritt, dat Ganzt ass méi offe mat nach méi engem fréndlechen Accueil. Dat huet och eng grouss Akzeptanz fonnt.

Wat e bëssе méi deier gëtt, dat sinn d'Publicitéitskäschten. Fir dass méi Leit an d'Bibliothéik ginn, muss ee vun sech schwätzen doen, an alles dat kascht, dat mierkt een an all eise Projeten, ob dat elo ronderëm d'Bibliothéik ass, wéi gesot an der Kultur oder och am Sport, alles wat mat Pub ze dinn huet, ass méi deier ginn. An der Bibliothéik gëtt weider geschafft um nationale Pilotprojet ronderëm d'E-Books, dee lues a lues awer sécher uleeft.

Villäicht, fir e klenge Chiffer ze ginn, wéivill Leit an der Bibliothéik sech ronderëm fannen, mer hunn am Dag eng Moyenne vu ronn 40 Visiteuren, an an engem Mount hu mer bal 1.000 Prêten, déi awer do gemaach ginn, wat schonns e flotte Chiffer ass. A mer haten och dëst Joer 400 nei Memberen ze verzeechnen.

Eis Bibliothéik gehéiert 31.000 Titelen, déi fannt Dir och all am Bibnet erëm, wéi gesot, well se jo och iwwer d'Konventioun am nationale Réseau mat dran sinn.

Nei Akzenter, déi mer wëllen 2017 an deem Beräich maachen, dat ass ronderëm d'Kanneranimatiounen, do probéiere mer, samschdes moies eemol am Mount Workshops a Liesungen unzebidden, respektiv Ateliers créatifs, ronderëm d'Märecher an awer och mat musikalescher Animatioun, fir dat Ganzt e bësse méi lieweg ze maachen a fir dass d'Kanner déi Bibliothéik entdecken.

Kanner, Schüler, Studenten, Erwuessener, schaffend Leit an och Pensionären, déi zu Diddeleng sinn, déi hunn alleguerten e ganz chargéierten Agenda, an dofir ass et wichteg dass mer als Gemeng hinnen d'Méiglechkeet ginn, sech ze ameséieren, e bëssen ofzeschalten, sech ze erhuelen, an einfach Spaass ze hunn, dat heescht mer si bei de Manifestatiounen an de Festivitéiten hei zu Diddeleng.

Déi sinn och 2017 an eisem Budget erëmzefannen, well mer kënne ganz gutt a ganz vill hei zu Diddeleng feieren, dat hu mer als Gemengeverantwortlecher erkannt, a wëllen dat och weiderhin ënnerstëtzen.

D'Fester sinn do fir dass d'Leit sech begéinen, sech kenneléieren, sech ameséieren, schmaachen an entdecken. Dofir si mer zu Diddeleng bekannt an dofir kommen och ëmmer rëm Leit vun auswäerts gären op Diddeleng, wouvu mer och alleguerte vill profitéieren, och eis Geschäftswelt profitéiert dovunner, eis Restauratioun, eis Cafetieren an natierlech all Mënsch, deen dovunner ka genéissen.

Dëst Joer steet am Budget eis Fête de la Musique, dat gréisste Fest, awer och den Zeltik, den ass regional méi wéi beléift well mer déi Eenzeg sinn, déi esou eppes maachen.



De Summerstage huet och eng nei Nues kritt, dat huet sech bewäert.

Um Kiosk fënnt sech dann och d'Harmonie aktiv erëm, zesumme mat Lëtzebuerger Artisten, dëst Joer waren et Diddelenger Museker, déi beim Public méi wéi e groussen Succès hat.

De Virowend vum Nationalfeierdag huet sech als Familljendag festgesat, wou mer ronderëm d'Lëtzebuerger Nationalitéit an den Nation Branding flott Fester fir all Mënsch kënne presentéieren.

D'Buergfest, ech mengen dëst Joer hate mer esouvill Visiteure wéi nach ni, natierlech kritt dat nach ëmmer d'Ënnerstëtzung vun der Gemeng.

De Chrëschtmaart, wéi mer en am Moment kennen, ass och eemoleg, engersäits de medievale Charakter, dee mer do rëm fannen, awer och eis Veräinswelt a Benevollen, dat gëtt deem Ganzen eng Ambiance wéi een se néierens fënnt, an dat soen och ëmmer rëm d'Visiteuren eis.

Nei ass am Budget den Summerevent "Wéi am Süden", mat 15.000 Euro, am Fong hu mer do virgesinn, dass mer déi Transatgeschicht, déi d'lescht Joer e flotte Succès hat, wëlle bäibehalen awer och gär ausbauen, an dofir ass dat dote virgesinn.

Alleguerten déi Eventer hunn zwee Voleten déi eis ëmmer erëm am Budget erëmkommen, engersäits dass d'Sécherheet garantéiert ass ronderëm déi Eventer, an och d'Publicitéit, do erëm ze fannen, natierlech muss een de Leit soe wat een ubitt, an d'Publicitéit ass en deiere Posten.

Ofschléissend wëll ech soen, dass dat heiten e ganz dynamesche Budgetsprojet ass, deen engersäits ganz verstänneg an op enger zolitter Finanzbasis baséiert, et si ganz präzis Investitioune mat héijem Niveau erëmzefannen, en Niveau deen awer ganz verstänneg ass, et ass fir jiddereen eppes dobäi, et ass sécherlech kee Favoritismus vun deem engen oder anere Beräich, et erkennt een e gesonde Wuesstem vun Diddeleng erëm, et ass eng Kontinuitéit déi een do erëm fënnt, et verbënnt een d'Vergaangenheet, d'Traditioun hei zu Diddeleng mat den aktuelle Gegebenheeten awer och mat zukunftsweisenden Impakter an Impulser. Et erkennt een, dass eng regelméisseg an eng konzeptuell Investitioun hei hannendru stécht, iwwert déi lescht Joren, wat d'Infrastrukturen, fir nëmmen d'Schoulen, d'Maison-relaisen oder de Sport ze ernimmen.

Dat erlaabt eng ganz héich Liewensqualitéit hei zu Diddeleng, mer sinn déi gréng Long hei am Süden, déi gëtt weiderhin eescht geholl an ënnerhalen, déi gëtt méi wéi respektéiert, a ganz verantwortungsbewosst gi mer mat der Natur ëm fir de Mënsch an d'Natur eben.

Fir gutt Stëmmung a gutt Ambiance gëtt weiderhi gesuergt.

Famillje villen sech hei wuel.

D'Schoulen a Maison-relaise wéi gesot op engem exzellenten Zoustand.

D'Veräinswelt an de Benevolat gëtt ënnerstëtzt, wat de Familljen an de Kanner sécherlech wäert entgéint kommen.

Diddeleng vun de kuerze Weeër gëtt weiderhin ausgebaut, jidderee fillt sech hei wuel.

De Sport, d'Kompetitioun gëtt ënnerstëtzt, an d'Fräizäit an de Loisir ginn awer och net vergiess.

D'Kultur an d'Bibliothéik geet weiderhin ënnerstëtzt sou dass een och do weiderhi genuch fënnt fir sech Zäit erëm ze kréien, fir sech et gutt goen ze loossen a mat anere Leit a Kontakt ze kommen.

D'Informatik gëtt op engem héije Standard gehalen, wat eis erlaabt dem Bierger gutt entgéint ze kommen, dem Bierger gëtt nogelauschtert hei zu Diddeleng, et gëtt diskutéiert mam Citoyen, et gëtt diskutéiert iwwert säin an eist Diddeleng, an zesumme fanne mer ëmmer rëm déi beschte Léisunge fir Diddeleng weider dynamesch awer gemässegt weider ze entwéckelen.

Deemno ass dat heite Budgetsdokument genee dat wat mer hei zu Diddeleng brauche fir eng liewensfrou a faarweg Stad ze bleiwen, wou et dorëms geet, sech et gutt goen ze loossen, wou et sech gutt liewe léisst, wou ee ganz vill schéi Momenter ka matenee verbréngen, a wou deen eenzele Mënsch och eescht geholl gëtt. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Loris Spina fir seng Presentatioun an domat komme mer elo zum Claudia Dall'Agnol.



Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): De Virdeel ass, dass dat meescht gesot ass, an dass een sech e bësse méi kuerz ka faassen. Den Nodeel ass natierlech och, dass dat meeschte gesot ass, mee vu Virdeel ass, de Servicer ass schonns emol Merci gesot ginn, ech géif mech dann einfach mol deene Mercien uschléisse.

Dir hutt alleguerten elo schonns e Koup Detailer zum Rectifié an zum Budget fir d'nächst Joer kritt, sou dass ech wäert probéieren, et esou kuerz ze maache wéi et mir méiglech ass, ouni an all Detail ze falen oder op déi divers Zommen anzegoen, vu dass Dir déi alleguerten am Budgetsdokument jo erëm fannt.

A meng Fraktiouns Kolleege wäerte sécherlech vun deene Presidencen, déi si an deenen eenzelne Kommissiounen hunn, och nach dat Eent oder dat Anert berichten, sou dass mär verhënneren, dass Dir alles musst zwee- oder dräimol nolauschteren.

Zum Verkéier kommen ech net laanscht e puer Zuelen. Op den 1.1 dëst Joer ware 453.837 Véhicules toutes sortes confondues hei am Land immatrikuléiert, dat sinn der ëmmerhin 10.587 méi wéi dat op den 1.1 2015 de Fall war.

Wann Dir déi Chiffere vum STATEC héiert, da gesitt Dir, dass déi eng kloer Sprooch schwätzen, nämlech dass de Verkéier net ofhëlt mat wuessem, mee dass et de Contraire ass. Mär bräichten déi Chifferen hei zu Diddeleng net vum STATEC fir dat selwer ze mierken, spéitstens wann Der wëllt moies aus Diddeleng eraus fueren oder owes, wann Der probéiert, erëm heemzekommen, da bräicht Dir déi Zifferen net.

Dir wësst awer och, dass mär keen Zauberstaf hu fir de Problem sou séier ze léise wéi mär dat wéilten, well den Duerchgangsverkéier duerch Diddeleng ass e ganz grousse Problem. Deemno wier et gutt, wann déi vun der Regierung ugekënnegt Park & Ride Parkinger séier géife gemaach ginn, an och méi verstäerkt grenziwwerschreidend Busser géifen agefouert ginn, mee déi och attraktiv fir hir Benotzer sinn. Domadder mengen ech wier eis als Gemeng an och eisen Nopeschgemenge scho ganz vill gehollef fir deen Duerchgangsverkéier ze reduzéieren.

Mär wëssen alleguerten selwer, dass mär dacks bequem sinn, dass mär gäre bis bei de Buttek, de Café oder de Restaurant virun d'Dier fueren, an natierlech si mär dann domadder alleguerten en Deel vun dem Problem dee mär wëlle léisen, an och dat bezitt sech net op Diddeleng alleng, well wann ech mat menge Kolleeginnen a Kolleege vun alle Couleure schwätzen, an aus alle Gemengen, dat ass op deenen anere Plazen net ganz vill besser.

Et bréngt also näischt wa mär eis iwwert den Stau opreegen, wa mär selwer dran stinn, wa mär also en Deel vum Problem sinn, an et bréngt awer villäicht eppes wa mär alleguerte mol iwwert Alternativen nodenken déi mär kënnten huelen, ob et sech villäicht rentéiert mam Auto ze fueren, wa mär fréier vläit de selwechte wee ze Fouss gaangen sinn, Eenzeler heibannen och mam Vëlo. Virun allem, de Loris Spina sot et, Diddeleng vun de kuerze Weeër déi et hei ze meeschtere ginn, an déi kéint een och dacks ze Fouss goen amplaz den Auto ze huelen. Villäicht och mam eegene Vëlo, mat eisen elektresche Vëloen, oder Eenzeler och mam Zuch oder mam Bus, oder mam Citybus.

Laut enger Etüd vun der EU-Kommissioun, stoung de Lëtzebuerger am Joer 2015 duerchschnëttlech 32 Stonnen am Stau, 2014 waren et der nëmmen 31. Net nëmmen de Verkéier hëlt zou, mee och d'Zäitverschwendung déi do mat fort geet, wann een am Stau steet.

Ech fannen et trotzdem och ëmmer bësse culotéiert, wann ee seet et sinn déi aner, et sinn d'Frontalieren déi de Stau maachen, a wann een sech dann driwwer oprecht, um Comptoir oder an de sozialen Netzwierker, selwer dann awer näischt wëllt u senge Gewunnechten änneren. Et muss ee jo näischt änneren, mär kënne keen dozou forcéieren eppes u senge Gewunnechten ze änneren, mä wann een näischt wëllt drun änneren, da soll een sech och net kënstlech iwwert déi aner, well et si jo ëmmer déi aner, opreegen, wann een am Stau steet.

Da vum Stau bei d'Parkplazen, do gouf an deene leschte Joer vill gemaach, éischtens fir méi Parkraum ze kreéieren, zum Beispill dann och elo mam neie Post-Parking. Mär hu jo probéiert a mer hate virdru beim Ordre du jour schonns driwwer Rieds, fir d'Camionnetten aus Diddeleng eraus ze kréien, mär hunn eis e Parking résidentiel wäitraimeg ronderëm den Zentrum ausgebaut, fir ze probéieren de Laangzäitparker ofzeschrecken, fir dass méi Parkplazen do sinn.

D'Ausweidung vum Camionnettereglement, dat hat ech virdrun och schonns gesot, dat suergt och dofir dass owes, a virun allem an deene Stroosse wou de Problem ass, méi fräi Parkplazen sinn.



Et sief awer nach eemol ze soen, an ech ginn es net midd et ëmmer rëm ze widderhuelen, dass och dee Parking résidentiel net all d'Problemer léist, well och deen ass keng Garantie, dass all Mënch eng Parkplaz bei sech doheem virun der Dier kritt. Dat bedeit just, dass Friemer déi net do wunnen, a keng Vignette hunn, an och de Besuch, dass déi musse bezuele wann se wëllen do stoen, an dass déi Zäit begrenzt ass, déi se kënnen do stoen, éier s de riskéiers, e Protokoll ze kréien.

Genau sou wéi et och a villen anere Gemengen de Fall ass, a wann Dir déi lescht Deeg Zeitung gelies hutt, dann hutt Dir och gelies dass eng ganz Partie Gemengen dat am Laf vum nächste Joer och wëllen aféieren, an dass se dat am Kader vun hire Budgetsdiskussiounen dann och nach eng Kéier betount hunn.

Ech wëll dann och eppes betounen, nämlech dass et a villen Stroossen en hausgemaachte Problem ass, ech sot virdrun, wéi mär vun der Schmelz Rieds haten, dat ass e Quartier mat enke Stroossen, mat net ville Garage well et eben al Haiser sinn, et sinn och dacks keng Afaarten do, a mer hunn an de Stroossen och nëmmen eng Hand voll Parkplazen. Mär entspanen natierlech d'Situatioun, doduerch dass dann owes keng Camionnettë méi do stinn, mee et bleift keng Garantie op eng fräi Plaz, wann een owes heem kënnt, an all Haus oder Appartement trotzdem nach ëmmer dräi oder véier Autoen huet, an dat ass haut ganz oft de Regelfall, an et wier och e falscht Signal wa mär géifen higoen, méi Vignetten auszegi wéi déi zwou wou mär elo ausginn. Mär géife soss de Problem op der Voie publique nach verschlëmmeren.

Ech bleiwe beim Parken, de Fohrmann an de Crassier-Parking sinn zënter November anescht geregelt, nämlech dräi Stonne kann een um Fohrmann stoen amplaz vun zwou, dat war eng Demande vun de Bierger, well hinnen dat erlaabt, sech méi Zäit ze huele fir verschidde Kommissiounen.

An um Crassier hu mär op dëser Säit vum Centre eng gratis Méiglechkeet, ech erënneren drun, et muss ee just en Ticket huelen an dann dierf ee fënnef Stonnen do stoen.

Leider ass stonneméisseg do net méi dran, mär kënnen net méi erop goe wéi 5 Stonnen, ech hat dat alles hei gesot, wou mär am Juli driwwer diskutéiert hunn, well soss verfale mär erëm do dran, dass d'Leit hiren Auto de ganzen Dag do stoe loossen, mär hunn dann erëm Laangzäitparker do stoen, respektiv d'Leit maachen, sou wéi se et virdru gemaach hunn, éier et payant gouf, stellen se sech dohinner, behandelen dat als Park & Ride, fueren dann an d'Stad oder wou och ëmmer schaffen, a fir déi Leit déi hei zu Diddeleng wëllen akafen, een huele goen oder iesse goen, géif dann alt erëm keng Plaz bleiwen, an dat war jo awer eigentlech de But wéi mär de Parking Payant agefouert hunn.

Mär wäerten och vun 6-9 Méint, nodeems dat neit Reglement vum Parking résidentiell a Kraaft ass, déi éischt Zielunge maache fir ze kucke wéi de Parking résidentiel gräift, an ob de Problem sech eventuell verlagert huet, an da kënne kucke wou mär sollen oder mussen nobesseren. Firwat eréischt dann? Ech hunn déi Ziffer jo net einfach esou erfonnt, mä mär maachen et da well d'Experte soen, dass d'Leit op mannst soulaang brauche fir hire Wee ze fannen, éier d'Leit sech dru gewinnt hunn, dass sech eppes an enger Gemeng geännert huet, an éier se dann och sech selwer ëmgestallt hunn.

Mär wëllen dann awer d'nächst Joer e System aféieren, dat de Leit via Smartphone erlaabt, e Parkticket kënnen ze huelen, sou ähnlech wéi an der Stad Lëtzebuerg dat schonns de Fall ass, respektiv och a Gemengen am Ausland funktionéiert.

Eis Agenten, am Volleksmond Pecherte genannt, wäerten och en Auto zur Verfügung gestallt kréien, fir dass se méi séier vun A op B kommen, fir ze kontrolléieren, well mer eben dat Gebitt wat ze kontrolléiere gëtt wäitraimeg ausgedehnt gëtt an d'Cammionettereglement eben um ganzen Territoire vun der Gemeng Diddeleng a Kraaft ass.

Et muss een och wëssen, dass se ëmmer méi dacks geruff ginn, op Plazen déi guer net am Parking résidentiel sinn, mee wou Leit einfach falsch stinn, op enger Busspur, um Trëttoire, wou se also blockéieren, an dat ass meeschtens net ëm den Eck, dat kann um 8 Auer am Greisendall sinn, an um 9.15 ënnen zu Biereng sinn, a wa mär wëllen, dass se efficace kënnen dat kontrolléieren, an dass se och séier solle maachen, da musse mär se och deementspriechend équipéieren. Dat selwecht gëllt och fir déi Apparater, déi eis Agenten hunn, déi wäerten och d'nächst Joer mussen ersat ginn, fir dass se technesch rëm um neiste Stand sinn.

Ech wonnere mech ëmmer e bëssen, wann ech gefrot gi vum Personal vun de Butteker, Patrone vun de Caféen, de Banken, fir dass si Vignette fir sech selwer zur Verfügung gestallt kréien. Firwat wonnert dat mech e



bëssen? Mä well déi nämmlecht Leit eis Jore laang an den Ouere louchen, an eis gesot hunn et wieren net genuch Parkplaze fir hir Clienten do. Elo wou mär dann dofir gesuergt hunn, dass der genuch do sinn, an dass do e Flux dra kënnt, solle mär dat erëm ëmdréinen, an si wëlle selwer erëm déi Parkplaze beleeën. Wann ee wëll, dass Cliente séier a bëlleg eng Parkplaz zur Verfügung hunn, am beschte souguer gratis, da muss een als Patron oder als Personal och bereet sinn, villäicht méi wäit ze goen, fir senge Clienten dat kënnen ze garantéieren.

Nach eppes, mär stellen ëmmer fest, dass d'Biergerinnen an d'Bierger manner tolerant ginn, wéi se dat fréier mol waren, a sech direkt beschwéieren an opreegen, wann en Dauerparker bei hinnen an der Strooss oder virun hirer Dier steet.

Och do muss een awer differenzéieren. Do wou wierklech duerch friem Dauerparken e reelle Parkdrock entsteet, wou déi déi do wunne wierklech keng Parkplaz méi kréien - dat gëtt et leider och - do musse mär kucken, ob mär do ausweide sollen, mee do wou et awer un der Toleranz läit, do wou et d'Leit einfach steiert, dass ee bei hinnen an der Strooss steet, ee virun hirer Dier steet, an ech weien elo meng Wieder mee ech kréie ganz dacks gesot, "deen ... Fransous, deen de ganzen Dag do steet...", wann doduerch kee Parkdrock entsteet, ass dee Fall op alle Fall net prioritär.

Mär solle kucken, wou wierklech Parkdrock ass, wou de Parkdrock entsteet, wou e sech verlagert huet, doduerch dass mär de Parking résidentiel ausgeweit hunn, a wa mär déi Zielunge bis hunn, da solle mär kucken, ob mär do kënnen a sollen nobesseren.

Wéi gesot, all Mesure déi mär huelen, steet a fält natierlech mat der Kontroll, an och wann eenzel Bierger sech wënschen dass eis Agenten an eis Police 24 Stonnen op 24 a 7 Deeg op 7 an am beschten 365 Deeg am Joer an hirer Strooss kontrolléieren, da wësse mär, dass dat net méiglech ass, an ech mengen och dass dat net wënschenswäert wier, mär ginn och regelméisseg gefrot, fir an hirer Strooss och fir nei Parkméiglechkeeten ze suergen, a mär verstinn dat natierlech, dass et e Problem ass, wann Dir an Ärer Strooss keng Parkplaz fannt an e bësse méi wäit musst goen, wann Dir keng bei Ärer Dier hutt, a gleeft mir et, do wou ech wunnen, weess ech vu wat ech schwätzen. Mä dat ass net ëmmer méiglech, well weder d'Strooss nach Diddeleng dehnt sech mat der Mass vun neien Autoen déi d'Leit hunn, oder déi d'Leit wäerte kafen, aus. Et ass eis also guer net méiglech, an eenzelne Stroosse fir nei Parkméiglechkeeten ze suergen, sou gär mir dat alleguerte géife maachen, an esouguer mat enger Vignette gëtt et keng Garantie op eng Parkplaz eben a senger Strooss.

Vum Auto bei de Vël'ok. Eise Vël'ok ass gutt ukomm, sou dass mär un eng nei Statioun denke fir d'nächst Joer, viraussiichtlech am Quartier Biereng. Mer haten Enn September op Ufro vum Här Gangler hei laang driwwer diskutéiert, dofir ginn ech net méi op all Detail an, ech ginn Iech just déi nei Chiffere vun den Abonnéen, déi sech den 31.11 vum CIGL krut, deen déi geréiert. Do hate mer der zu Diddeleng 228, an am September, Oktober an Dezember sinn all kéiers eng ronn 24 Abonnéen dobäi komm.

Mär haten de Mobilitéitsdag am September dëst Joer an dee wäerte mär natierlech och widderhuelen. Den Transportministère huet zesumme jo mam PRO-SUD de Projet zesumme fir en nohaltege Beruffsverkéier an d'Weeër geleet. All d'Betriber sollen hei matschaffen, fir ze kucken, wéi een Alternativen zum Individualverkéier ka schafen, déi éischt Informatiounsversammlung war Enn November an och eng Rei Diddelenger Betriber sinn do dobäi, sou dass och si sech bewosst sinn, dass mer mussen alles maache fir vum Eenzelkämpfer a sengem Auto ewech ze kommen, mee éischter op Fuergemeinschaften, Bus, Vëlo, Zuch an och eis E-Bikes huet de Minister als Léisungsvirschléi genannt, ëmsteigen.

Wann nëmmen d'Halschent vun deene Leit géifen ëmklammen, dann hätte mär scho vill fir d'Entlaaschtung vum Verkéiersnetz net nëmmen hei zu Diddeleng mee allgemeng gemaach.

Den Zuch a Bus méi attraktiv maachen, dat ass eng Erausfuerderung, dat maache mer souwuel hei um Terrain, wéi am Verbond mat den TICE-Gemengen, an d'Regierung via CFL an och den RGTR, dat RGTR-Netz gëtt och komplett iwwerschafft, do kann och all Bierger sech via Internet abréngen, mat sengen Ideeën.

Citybus, do fiert den TICE jo elo déi nei Linnen, zënter dem 5. Dezember ech mengen ech brauch net all Detail ze ernimmen, dat sinn déi Linnen déi mer hei diskutéiert hunn, déi déi bei den Ëmfroen, bei de Bierger majoritaire eraus komm sinn.

Mer haten am Juli an eiser Conseilsreunioun driwwer geschwat, dat ass alles nozeliese fir déi déi sech wëlle



méi genau mat de Positioune vun alle Parteien oder Membere vun dësem Gemengerot befaassen, sou dass ech drop verzichten am Detail drop anzegoen, dat spuert eis alleguerten Zäit.

Mär probéiere mam TICE als Haaptacteur a Partner zur Zefriddenheet vun eiser Populatioun a vun den TICE-Gemengen ze schaffen, dozou gehéiert virun allem hei zu Diddeleng an dat koum bei der Ëmfro eraus, dass all eis Linnen erëm solle bei d'Gemeng fueren, an dat ass jo elo ab dem 5. Dezember, geschitt.

Dir wësst, mär kënnen natierlech ni 100% vun der Populatioun zefridden stellen, an dat mengen ech souwuel wat den Tracé ubelaangt, wéi och d'Plaz wou d'Busarrête sech befannen, alles dat hu mär och am Juli hei diskutéiert.

Den TICE huet zenter dem Summer och eng Smartphone-App, do kënnt Dir dann och relativ liicht kucke wann Dir e Smartphone hutt, wou de Bus an Echtzäit drun ass, oder ob e Verspéidung huet.

TICE bestellt och nei Busser am Joer 2017 an zwar ginn 8 Solo-Busser bestallt, dat sinn déi normal kleng Gasbusser, an et ginn 6 Gelenkbusser bestallt, zesumme mat der Mobilitéitszentral, do komme mär herno nach eng Kéier am Ordre du jour drop.

Et komme jo och dräi nei Afficheuren, FIA genannt, wéi schonns ee bei der Gare ass, bei d'Kierch, bei d'Gemeng a bei de Fohrmann, dat sinn déi Écrane wou d'Leit gesi wéi laang et nach dauert bis hire Bus kënnt, wéi ee Bus och kënnt a wat et fir si och méi einfach mécht, dee richtege Bus ze fannen. Fir déi wou nach net wësse wat dat ass, bei der Gare steet schonns sou e Fernseh beim Hild.

Fir d'nächst Joer kucke mär och fir e Foussgänger-Leitsystem ze plangen, wou de Bierger da soll motivéiert gi méi ze Fouss ze goen, wann se gesinn, dass et eigentlech vun der Gare bis bei d'Gemeng nëmmen e puer Meter sinn. Dat gëtt et schonns op verschiddene Plazen, an et dréit derzou bäi fir d'Zefoussgoe méi attraktiv ze maachen, mee och dass d'Leit sech bewosst ginn, fir wat fir kuerz Distanzen se eigentlech den Auto huelen, an dass se villäicht dacks méi séier ze Fouss wieren, wann se nach d'Parkplazsich mat arechnen.

Op all déi wichteg Punkten an eiser Gemeng soll mat deem Leitsystem higewise ginn, do sollen dann d'Distanzen drop stoen, et soll op den ëffentlechen Transport opmierksam gemaach ginn, zum Beispill weist deen u wéi wäit et op déi nächst Bushaltestell, Gare oder Vël'OK-Statioun ass, dat ass ee Projet fir d'nächst Joer.

Dir konnt déi lescht Zäit all an der Zeitung verfollegen, dass de Minister haart iwwert e sougenannte Superbus nodenkt, deen de Süden an d'Stad iwwer ee bis zwee Knuetepunkte kéint verbannen. Dëse Bus à haut niveau dee gëtt et am Ausland schonns op ville Plazen, dat nootste fir eis ass, zënter 2013 zu Metz. Sou e Bus fiert an engem ganz héijen Takt fir dass en och attraktiv ass, dat Ganzt mat wéinegen Haltestellen, fir dass et ebe méiglech ass, séier fir d'Pendler vun A op B ze kommen an se eben op hiren eegenen Auto kënne verzichten.

D'Idee ass gutt, et musse keng Schinne verluegt ginn, deemno kéint dat séier realiséiert ginn, méi séier wéi en Tram. An der éischter Phase ass virgesinn Diddeleng mat Déifferdeng ze verbannen.

Mär bleiwen do um Ball, et ass alles nach an der Etüdëphas, mee sécher net vu Muttwëll fir de Süden ze erschléissen, an d'Südgemengen ënnert enee besser a virun allem méi séier mateneen ze verbannen.

D'nächst Joer wëlle mer dann och zesumme mat eisem Projet Ensemble mat Kënschtler a Kanner zesummen e Projet realiséieren, deen et esou schonns an der Belsch gëtt. Et geet nämlech drëm, an engem Quartier bei den Zebrasträife lénks a riets grouss Kannerstatuen opzestellen, den Autofuerer gesäit déi vu wäitem a reduzéiert sou seng Vitesse. Et ass e flotten an innovative Projet, ech hunn ee Komentar erausgesicht vun engem Usager vun deeër Belscher Gemeng, déi sot: "Bravo au responsable de cette initiative, ces statues d'enfants attirent vraiment l'attention et incitent à ralentir. J'ai moi-même été surpris de loin et j'ai ralenti encore plutôt que prévu. Aux autres communes, prenez l'exemple."

Deen Exempel huele mär fir d'nächst Joer. Dir fannt de Projet op der Säit 177 vum Budget zeréck.

De Projet Nightrider gëtt och mam PRO-SUD weidergefouert, mär haten do ronn 116 Abonnente mat der Nightcard dëst Joer, mär hu jo bis elo zweemol de Mount de Nightlife Bus gehat, dee Jonker a manner Jonker nuets zeréck op Diddeleng bréngt, mär wäerten dat, well et en Erfolleg war, ab nächst Joer dann op all Woch, op all Freiden ausbauen.



Och den TICE fiert zënter dem 9. Dezember op den Haaptachsen, also op deenen normale Linnen, freides a samschdes nuets, säin Takt.

Dat selwecht gëllt och fir d'Virowender vu Feierdeeg, wou Jonk an Al ënnerwee sinn, natierlech op de selwechten Arrêten an zum selwechte Präis, wéi am Dag, sou dass keen sech muss ëmstellen, fir eis sinn dat d'Linne 4 an 5, wou och tëschent 1 a 4 Auer Nuets am Stonnentakt sou e Bus d'Leit heem bréngt oder heihinner bréngt fir erauszegoen, well dat heiten ass jo och attraktiv fir Leit aus anere Gemengen, villäicht emol op Diddeleng iessen ze kommen oder een huelen ze kommen, dat soll während enger Testphase vun 2 Joer elo de Fall sinn.

D'CFL wäert och nuets fueren op der Streck vun der Stad op Esch, weekends, an och d'Nuet vun de Feierdeeg, dëst an enger Testphase bis enn 2017, an duerno gëtt unhand vun den Erfahrunge gekuckt ob d'Angebot ausgebaut wäert ginn och eventuell op den Niewestrecken.

Mär hunn dem Minister op alle Fall schonns am Juni geschriwwe gehat, fir en op eis opmierksam ze maachen, an de Minister selwer sot, dass en un de Succès vu sengem Projet gleeft, an dass se Wëlles hunn, genuch Pub ze maachen, sou dass mär hoffen, an der 2. Phase och kënnen dobäi ze sinn.

D'TICE-Nuetsugebuet ass och komplementar zu der CFL-Verbindung ze gesinn, virun allem well déi zwee Acteuren hir Fuerpläng openeen ofgestëmmt hunn.

Alles an allem bidde mär mat all deem jidderengem d'Geleeënheet nuets sécher zeréck op Diddeleng ze kommen.

Zu der Voirie, Dir wësst, wann ech Voirie soen, da gëtt gebuddelt, dat ass fir déi eng eng gutt Saach, déi aner si generft vum Schantchen. De René Manderscheid sot schonns, mär wëllen all eisen Awunner an de Leit déi am Dag op Diddeleng kommen, fir hei ze schaffen oder anzekafen, wëlle mer natierlech e gutt Netz bidden, Leitungen hunn eben nëmmen eng begrenzte Liewensdauer éier se mussen ersat ginn. Aner Chantiere kommen duerch déi modern Technik dobäi, op déi awer och kee méi wëllt verzichten, ech nennen de séieren Internet, wou dann d'Post muss Glasfaser verleeë fir dësen Zougang kënnen ze garantéieren.

Wann ech soe Leitungen, da wësst Dir, dass déi meescht Leitungen ënner Botz leien, ënnert der Stroоss also, an da komme mer net laanscht Schantercher mam Bagger, während de Schantercher sinn d'Leit dacks net frou, an dofir maache mär zesummen alles mat den impliz\éierte Partner wéi zum Beispill d'Post, déi ech elo genannt hunn, fir déi Schantercher sou kuerz wéi méiglech ze halen, mär kucken dass all Acteure sech koordinéieren, fir dass mär eben d'Liewensqualitéit net all ze staark strapazéieren, wa mär amgaang si mat schaffen, et awer ëmmer e gudde Grond fir e Schantchen, och wann deen net ëmmer op den éischte Bléck ze gesinn ass, ech kann lech garantéieren et rappt keen aus Freed einfach mol op, oder mär spären och net einfach sou eng Strooss, mä mär investéieren 2017 gären an d'Optiméierung an an d'Verbesserung vun eise Gasleitungen an eis Leitunge vum Ofwaasser a vum Drénkwaasser.

Dir wësst dass d'Post als Projet huet iwwerall am Land Haususchlëss mat Glasfasernetz ze verbannen, an och eis Gemeinschaftsantenne huet Uschlëss déi momentan am aérien sinn, mär hunn dofir e Budget Divers Chantier PT Mise sous terre de l'antenne collective virgesinn, fir deen Deel mat der Post matzemaachen, wann d'Haususchlëss nei gemaach ginn an d'Eltrona kann dann en Deel vun den Haususchlëss vum aérien an de souterrain maachen. Nach ass allerdéngs näischt Genaues definéiert wéi wat wou soll gemaach ginn, vu dass mär net kënne wëssen, wou d'Post schafft, dofir hu mir hei net nominativ, also ouni Stroossennimm, Artiklen dra mam Chantier Poste. Wann opgerappt gëtt, a wann et néideg wier vun eiser Säit, kéinte mer eis uschléisse fir ze verhënneren, dass zweemol muss opgerappt ginn.

Wann ech elo bei de Chantiere sinn, da villäicht nach eng méi allgemeng Remarque, ech hunn lech en Extrait aus enger däitscher Zeitung vu Görlitz erausgesicht, ech wëll lech deen elo Virliesen, an dee sollte mär eis all zu Häerz huelen, éier mär eis iwwert d'Chantieren opreegen.

"Eine Stadt ohne Baustellen hätte ein Stück Lebendigkeit eingebüßt. Wo Baustellen sind, wird Geld ausgegeben, wird es besser, haben Leute zu tun, also freuen wir uns doch."

Deem Zitat ass näischt bäizefügen, ausser dass Baustellen ëmmer de Verkéier behënneren, mee leider geet dat och an Diddeleng a ronderëm Diddeleng net anescht, wa mer wëllen eis Réseauen um leschte





Stand hunn, modern bleiwen an net stoe bleiwen an eiser Entwécklung.

Da kommen ech eriwwer bei d'Museksschoul: Mär hunn eng ganz aktiv regional Museksschoul, si waren och dëst Joer all Dag um Dill fir de Kanner, Jugendlechen an Adulten e qualitativ héichwäertege Museksunterrecht kënnen ze bidden. Eis Präisser garantéieren och, dass se sou sozial sinn, fir dass jiddereen, dee wëllt och ka Musek leieren, well dat ass wichteg, well dës Museksschoul e grousse Reservoir ass fir eis Harmonien, an natierlech och fir d'Museken aus eise Partnergemengen.

Dir wësst, dass d'Museksschoul e Projet d'établissement iwwert 5 Joer ausgeschafft huet, dee gouf och an der zoustänneger Kommissioun virgestallt, diskutéiert a beim Vote vun der definitiver Schoulorganisatioun ass den Direkter jo och méi am Detail hei op Froen zu Musek fir all Kand zu Diddeleng agaangen.

Vu, dass dat eréischt knapp 6 Wochen hir ass, spueren ech mer och do, an all Detail ze goen.

Dëst Joer konnten d'Museksgesellschafte vun alle Partnergemengen op der Porte ouverte vun eiser Schoul sech och presentéieren, genau wéi och bei der Fête de la musique, an och dat koum gutt un, sou dass mer wäerte probéieren dat ze widderhuelen.

All Joer mécht déi Museksschoul jo och e Compte-rendu vum vergaangene Schouljoer, deen Dir zu all Moment kënnt konsultéieren. Den Directeur a säin Adjoint sinn och ëmmer bereet fir heihinner ze komme wann et ëm d'Museksschoul geet, sou dass mär kënnen d'Informatiounen aus éischter Hand kréien, an Dir kënnt Är Froen direkt un déi concernéiert Leit stellen, a wéi gesot, weider Detailer fannt Dir op hirem Internetsite.

Jugend: Dir wësst, dass mär e ganz aktiivt Jugendhaus hunn, dass mer dat och weiderhin ënnerstëtzen, dofir hu mer am Budget dat néidegt Geld ageschriwwen, fir datt eis jonk Leit weiderhin eng Ulafstell hunn, wou se gutt encadréiert ginn.

D'nächst Joer gi mär e Stéck méi wäit. D'ASBL, déi d'Jugendhaus säit 20 Joer geréiert huet, déi stellt den 31.12 dëst Joer leider hir Aktivitéiten an. Si hunn eis an de zoustännege Ministère doriwwer iwwer Bréif informéiert, mär haten dunn zwou Alternativen, d'Haus a friem Hänn, also enger bestehender ASBL ze ginn, oder et selwer geréieren, an dës Majoritéit huet sech fir déi 2. Alternativ entscheet.

Mär ginn domadder keen neie Wee, well dee selwechte Wee huet d'Gemeng Munneref schonns den éischte Januar 2016, also dëst Joer gemaach, ouni Problemer, an och mam Accord vum zoustännege Ministère. Natierlech ass de Ministère och bei eis d'accord, dat ännert och näischt un hirem Subsid, fir si ass alles kloer, dat eenzegt wat mär musse maachen, ass de Staff, deen nach do schafft, iwwerhuelen, dat nennt sech eng Reprise économique, dat sinn den Änder, den Antonio, dee jo nach a Formatioun ass, an d'Liliane, eis Damm déi sech ëm den Entretien vum Haus këmmert. Ech mengen hei banne kënnt all Mënch déi dräi Leit, déi ech genannt hunn, ech hunn och ni en negative Kommentar zu hirer Aarbecht kritt, och ni iwwert de Fonctionnement vum Jugendhaus, ganz am Contraire, et ass queesch duerch d'Bänken ëmmer gelueft ginn. Dofir wëll ech profitéieren, alle Membere vun där ASBL, op se kuerz oder laang do aktiv waren, e groussen an oprichtege Merci ze soen. Ech huelen un, ech kann dat an Ärer all Numm maachen, well wann si net soulaang, 20 Joer laang, déi Staang riicht gehalen hätten a vill Aarbecht a benevol Aarbecht gemaach hätten, da kéinte mer haut guer net vun esou engem gutt funktionéierenden Haus schwätzen, dat mer kënnen iwwerhuelen.

Wat d'ASBL an d'Jugendaarbecht allgemeng ubelaangt, wäerten zwee vu menge Fraktiouns-Kolleegen, de President vun der Jugendkommissioun, de Marc Lazzarini an och d'Josiane Di Bartolomeo-Ries, déi och nach Member ass vun där bis zum 31.12 bestoender ASBL vum Jugendhaus, Iech sécherlech kënne méi Detailer ginn.

Zum Tourismus: Mär organiséieren nach weiderhin eis Visites guidées, déi kënnen d'Leit bei eis an der Gemeng buchen. Mär schaffe jo schonns eng Zäit am Verbond mat anere Gemengen, also ORT-Süden, et gëtt en Internetsite www.redrock.lu, an och zwee flott Mountainbike-Trails, déi och vum ORT-Süde mat ausgeschafft gi sinn, wou ee vun de Startpunkten zu Diddeleng beim Boulodrom ass, si hunn am Summer vill Succès, net nëmme bei den Einheimeschen, also bei den Diddelenger oder bei de Lëtzebuerger, mee och vill Touriste sinn heihinner komm, an dat ass jo eigentlech de But.

Et kënnt regelméisseg eng Brochure eraus, wou Der dat wat am Süde lass ass erëm fannt, dës Brochure heescht Whats on, eng aner Brochure heescht Guided tours, also Visites guidées, an do fannt Der alles



erëm wat ee ka visitéieren am Süden an och eng Rei Rondgäng.

Alles an allem huet sech an eisen Aen déi Aarbecht mat professionelle Mataarbechter gelount, an dofir gëtt se dann och d'nächst Joer weidergefouert, well nëmmen am Verbond kënne mär eis Regiounen - an ech schwätze vun der Regioun Süden, net vun Diddeleng alleng - professionell vermaarten, well Eenzelkämpfer kréien an dem doten Domän kee Fouss op de Buedem.

Et geet nämlech dorëms, ze vernetzen, Leit déi an eis Regioun kommen zu den eenzele Sehenswierdegkeete weider ze leeden, déi mär uechter eis Minettsgéigend hunn, fir dass se eben esouvill an esou laang wéi méiglech hei bleiwen, an duerno wann se heem ginn, och nach Reklamm maache wéi flott et bei eis war an dann hir Frënn oder hir Famille eis visitéiere kommen.

D'Gemeng selwer huet jo och en neie Plang erausbruecht, wou ganz vill Infoen op der Récksäit stinn, wat een alles zu Diddeleng ka maachen, wat lass ass, an och mat Infoe zou den interessanteste Siten.

Zum Jumelage bleift ze soen, do huet sech en eegenen Aarbechtsgrupp innerhalb vun der Kulturkommissioun gegrënnt, an d'Presidentin vun där Kommissioun, d'Jessica David, wäert lech méi genau kënnen erziele wat dëst Joer gemaach gouf, a virun allem wat se 2017 in petto hunn.

D'Scouten an d'Guiden, d'Peaux Rouges, hunn hire Summercamp d'nächst Joer zu Feltre, eiser Partnerstad am Norde vum Italie geplangt, si waren och schonns op Inspektiounsrees dohinner, et huet hinne gutt gefall, si si gutt emfaange ginn, sou dass dat sécherlech wäert e Succès ginn. Et bleift ze hoffen, dass méi Clibb an Associatioune mat eise Partnergemengen zesummekommen an den een oder anere Projet zesumme maachen. D'Gemeng an déi zoustänneg Kommissioun soe bestëmmt net Nee fir si ze ënnerstëtzen, wann hire Projet gutt ass.

Vum Jumelage ass et net wäit zur Integratioun, mär hunn d'Chance hei zu Diddeleng bal 100 verschidden Nationalitéiten ze hunn, allegeurte liewe mär flott zesummen. Och hei schwätzen erëm d'Zuelen op Landesniveau eng kloer Sproch. De STATEC huet op den 1. Januar dëst Joer gesot, dass 46,7% vun allen Awunner hei am Land Net-Lëtzebuerger sinn. De Schäfferot ass och der Meenung, dass all Nationalitéit eng Beräicherung fir eis Stad ass, a genau aus deem Grond ënnerstëtze mär eis Integratiounskommissioun weiderhin.

Bei eiser Fête des cultures 2014 hat sech d'Integratiounskommissioun staark gemaach fir d'EU-Auslänner un d'Walen erun ze kréien, a mär haten dann deemools 970 Biergerinnen a Bierger ageschriwwen.

Mär sinn natierlech iwwerzeegt, dass een nach méi Leit soll dovu kënnen iwwerzeege fir sech bei de Wale ze bedeelegen, an d'Kommissioun wäert sécher och hei net labber loossen, well och dësen Integratiounsfaktor ass fir d'Kommissioun an deem Sënn, an dat wëssen déi Leit, déi Member waren oder Member sinn, et si schonns vill verschidde Methoden am Laf vun de Jore probéiert ginn.

Mir hunn dofir an deene leschte Reuniounen driwwer diskutéiert, dass et villäicht wichteg fir eis Clibb ass, eis Associatioune mol mat anzebauen, well et ass do wou vill auslännesch Matbierger aktiv sinn, an si hu sécherlech och Vertrauen an hir Responsabel, hir Encadranten an hir Traineren, an den Delai fir sech anzeschreiwe fir déi nächst Walen, deen ass jo eréischt de 4. Juli 2017.

Mär wëllen also kucken, wéi wäit mär si kënnen dozou bréngen, iwwer innovativ Projeten am Kader vun der Integratioun hëllefen ze realiséieren, ebe wat d'Ausschreiwung op d'Walléschten ugeet.

Zu eisem Foyer mat den DPIen, deen ass jo mëttlerweil hei zu Diddeleng gutt verankert, respektiv et ass villäicht besser ze soen, hir Bewunner sinn et, well op all Manifestatioun gesäit een se, si maachen aktiv mat, an och am Jugendhaus huet deen een oder anere Jonke schonns seng Plaz fonnt, an am Sport, do soen ech lech näischt Neits souwisou.

Dat ass och gutt, well mär wëssen allegeurten, dass vill Leit Angscht haten, éier dëse Foyer deemools opgaangen ass.

Zum Volet Integratioun gehéieren och d'Sproochecoursen, déi mär och wäerte weider féieren. Mär haten d'lescht Schouljoer 2015/16 iwwer 600 Participanten an de Coursë Lëtzebuergesch, Franséisch, Englesch a Portugisesch, déi meescht vun hinnen hu Lëtzebuergesch geléiert, iwwer 370 Leit, mär konnten och 339 Certificats de participation iwwerreeche fir d'Period vun Oktober bis Juni 2016, an dee kritt een nëmme wann ee mindestens 70% Präsenz opzeweisen huet





an deem Cours, an et ware vill méi Dammen, déi sou e Certificat krute wéi Hären, dat awer wéi gesot just als kleng Niewebemierkung.

Niewent eisen eegene Coursen, wësst Dir dass och nach Italienesch ugebuede gëtt an dass mär och déi ënnerstëtzen.

Da bidde mer iwwert de Projet Ensemble och nach eisen Tandem de langues un, dat ass e Projet fir d'Méisproochegkeet an d'Interkulturalitéit ze stäerken, hei treffen sech Leit vun allen Alteren an ënnerschiddleche Kulture fir sech an enger Sproch, déi deen ee kann, an deen aneren amgaangen ass ze léieren, auszetauschen.

D'Zil ass, och Lëtzebuerg eisen auslännesche Matbierger méi no ze bréngen. Wann ech schonns beim Projet Ensemble sinn, da wëll ech och nach profitéiere fir dem Anola Bracaj, wat eis eng Rei Jore begleet huet, a vill a wonnerbar Aarbecht geleescht huet, mee zënter dem 1. Dezember net méi bei eis schafft, Merci kënnen ze soen.

Ech mengen, ech kann an Ärer Aller Numm soen, dass hatt sech vill dofir agesat huet, fir d'Integratioun an eiser Gemeng ze maachen a mir wënschen him alles Guddes a sengem neien Job, an a senger neier Erausfuerderung.

Mär wënschen eis eng genau sou gutt Zesummenaarbecht mat senger Nofolgerin, d'Madame Ina Tereziu, ech menge mär sollen hir awer am Ufank emol d'Chance ginn, sech anzeschaffen, sech och mat Diddeleng a virun allem mat den Diddelenger bekannt ze maachen, a wann se all déi lafend Projete bis kennt, da wäerte mär mat hir genee sou eng gutt Zesummenaarbecht hunn, wéi dat mam Anola de Fall war.

An domadder kéim ech zum Schluss, ech soen et schonns e puer Joer hei zu Diddeleng bei de Budgetsdebatten, dass dat heiten e Budget ass, deen ech ënnerstëtzen, well en deene Prinzipie fir déi meng Partei, d'LSAP, d'Sozialisten, steet an déi mär perséinlech um Häerz leien, gerecht gëtt.

Fräiheet, Solidaritéit a Gerechtegkeet an awer och Sécherheet, dat ass dëst Joer, nodeems wat Dir alles héieren hutt net anescht, dofir kann ech dëse Saz nëmme widderhuelen, an ech weess, dass e gudden Deel hei bannen dat genau esou gesäit, an do soen ech Iech Merci dofir, dass Dir mir nogelauschtert hutt.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Claudia Dall'Agnol, dat war d'Presentatioun vum Budget initial 2017 hei aus dem Schäfferot, den nächste Freide kënnen d'Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Gemengerot drop agoen, respektiv komme mär dann och zum Vote eriwwer d'nächst Woch, ech géif awer elo soen, dass mär wat den Ordre du jour ugeet weider fueren an zwar komme mer zu der Modifikatioun vun engem Taxereglement, wat de Citybus ubelaangt. An och hei ginn ech d'Wuert weider un d'Claudia Dall'Agnol.

### 4.3. Modifikatioun vum Kapitel VII - City-Bus – vum allgemengen Taxereglement

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Hei geet et drëm, nei Tariffer fir eise Citybus ze stëmmen. Der wësst dass dësen ermässegten Tarif de mer am November 2001 gestëmmt hunn, ënnerdeelt war an en Dagesticket zou 1,10 Euro, e Monatsabo zu 10 Euro an e Carnet vun 10 Ticketen, déi een Dag laang gülteg sinn, fir 11 Euro. Déi nei Tariffer wären e Monatsabo vun 10 Euro, et gëtt e Joresabo agefouert vun 50 Euro, an et gëtt e Carnet mat 10 Tickete vu 5 Euro, déi een Dag gülteg sinn.

Den Dagesticket gëtt ofgeschaaft, well mer 2016 net ee verkaf hunn, an 2015 och quasi keng. Firwat awer dës nei Tariffer? Well se eis op enger mKaart geliwwert ginn un d'Gemeng, dat heescht amplaz vun dass Dir elo e Pabeiersticket kritt, kritt Dir elo eng mKaart bei eis ze kafen, wou dat drop ass, wat Dir wëllt, an den Apparat, wéi dat iwwerall am Zuch oder am Bus de Fall ass, dee liest dann déi Kaart. An den TICE géif eis déi Kaarten och liwweren, dat ass och uniformiséiert, dat heescht, dass den Escher Citybus déi selwecht Tariffer wéi mer wäerten an Zukunft hunn, natierlech nëmme wa mer se hei wäerte stëmmen.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci, et wier just fir eng Fro: Déi mKaart ass dat déi allgemeng bekannten mKaart vum Verkéiersbond, oder ass dat déi, déi mer hei zu Diddeleng kréien, zum Beispill wa mer de Vel'ok maachen? Ech froen dat well ech hat de Pech wéi ech de Vël'Ok gebraucht hunn, dass ech meng mKaart verluer hunn. Déi ganz Prozedur hunn ech missen nei maache mat der Déclaration de perte bei der Police. Wéi ech um Verkéiersbond ugeruff hunn, do hunn déi mer awer gesot, si hätte guer keng Trace vu menger M-Kaart, déi géifen si an hirem System net fannen. Ech hoffe jo net, dass mir hei zu Diddeleng eng mKaart verdee-



len, déi nëmmen hei zu Diddeleng valabel ass, an déi de Verkéiersbond net kennt oder net unerkennt. Wann dat esou wier, wier dat schuet, et sollt ee jo schonns eppes maache mat enger Zesummegehéiregkeet, well dat anert ass jo awer schonns e bëssen e primitiivt lokaalt Denken. Merci.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Ech wollt wëssen, wou een déi mKaart maache léisst, op een déi hei an der Gemeng ka maache loossen. Dat war eng Fro vun interesséierte Leit, well ech hu schonns am Viraus Reklamm gemaach fir dee ganz soziale Präis vu 50 Euro fir e Joresabonnement.

Ech denken, dass dat vill Leit bewege wäert fir de Citybus sech ze interesséieren, net well et virdrunner esou deier war, mee well dat doten einfach immens bequem ass.

Wat awer sécher e Problem ass, wat mer och passéiert ass well ech nach ëmmer mat menger mKaart probéieren, am Bus ze bezuelen, an dat gëtt ëmmer méi schwiereg. Ech sinn elo schonns zweemol schwaarz gefuer well dee System net funktionéiert huet. Ech hat e fuerchtbar schlecht Gewëssen an ech sinn duerno natierlech bei de Chauffer getrëppelt, fir ze bezuelen an deen huet gemengt, dat wier net esou schlëmm. Ech war zwar dankbar dofir mee ech géif awer mengen, dass wa mer dëse System elo aféieren an d'Leit wëllen dozou bewegen, dass dann awer och de System vun der mKaart muss an de Busser funktionéieren. Merci.

Romy Rech (LSAP): Léif Kolleegen aus dem Gemengerot, mech freet déi Flexibilitéit, dat ass eng gutt Saach, déi gehéiert an den ëffentlechen Transport, déi ass leider nach net iwwerall ukomm, déi Flexibilitéit vun där elo d'Madame Goergen geschwat huet. Ech fannen déi Tariffer do ganz sozial, ganz an der Rei, dat doten ass fir en Abonnement annuel exzellent, fofzeg Euro, wann s de bedenks wéi s de dat kanns ausreize bis dort hinaus, dann och de Mensuel an déi 10 Ticketen, dat ass schonn tipptopp an der Rei esou, dat doten ass en Tarif dee jidderengem misst zegutt kommen.

Joseph Thill (Déi Lénk): Merci Här Buergermeeschter, mär als Déi Lenk hate schonns emol gefrot, dass de Citybus ganz gratis géif ginn, well d'Recetten u sech 6.000 Euro am Joer ausmaachen, dat ass kee risege Chiffer. Ech muss soen, mer fannen dat eng gutt Idee, mee e Joresabonnement ze hunn, zu engem Sozialen Tarif, vun 50 Euro, also mer kënne mat där Propos och liewen. Ech soen Iech Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, nach weider Stellungnahmen? Dat ass net de Fall.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Also, dat mat der MKaart, wat den Här Gangler elo sot, dat froen ech no, well ech hunn déi normal MKaart, an do kanns de verschidde Produiten drop lueden, dat war jo am Ufank mat deenen éischte MKaarten iwwerhaapt net de Fall, do konns de nëmmen ee Produit drop lueden, a wann s de deen zweete wolls drop lueden, da waars de um Enn, dann hues de rëm vu vir ugefangen.

Ech froen dat awer elo nach no, wat fir eng Kategorie MKaarten dat dote sinn, a wann se der awer neier schécken, op dat dann och déi sinn, wou ee puer Produite kann drop luede well dat wier net vu Muttwëll dass de nëmmen eng häss, an du kanns jo och mëttlerweil gesinn un den Apparater wéivill s de iwwerhaapt drop hues.

Ech muss awer och soen, ech hu mussen op der Chamberstribün zouginn, dass ech och schwaarz gefuer sinn, dunn hunn se och all gelaacht, an och deemools war et dem Chauffer egal, dass den Apparat net gaangen ass, wann awer de Kontroller kënnt, ass dat natierlech meeschtens dem net sou egal, deemools krute mer dann do erkläert, mer wéissten net mat eiser Kaart ëmzegoen, an et géif guer net um Apparat leien, a mer missten se méi laang dowidder halen, dat hutt Dir sécher och alles erkläert kritt. Ech kann Iech just soe wann Dir feststellt, dass an engem Bus den Apparat net geet, an dass Dir gesitt, dass de Chauffer net ganz reaktiv ass, schreift Iech den Nummer vum Bus op, a mellt et och beim TICE, well wann si net wëssen, dass den Apparat net geet, kënne si en och net flécken.

Ech war eng Kéier hei op Gare, do hunn ech gemellt dass den Apparat um Quai net geet, do ass kee bis op den aneren Enn gelaf. Déi sinn dann alleguerten dee Moment schwaarz gefuer, bon wéi gesot, soulaang kee Kontroller kënnt, lass dich nicht erwischen.

Dat anert froen ech nach eng Kéier no, dass esou dass den TICE eis déi Kaarten, wéi Dir sot fäerdeg liwwert, mat de Produiten drop, an dass d'Leit déi kënnen hei



an der Receptioun kafen, wéi dat virdrun och de Fall war, just dass et kee Pabeiersticket méi ass.

Effektiv muss ee kucken, ob se sech selwer nach kann en anere Produit do drop lueden, woubäi ech net weess op jiddereen iwwerhaapt interesséiert ass, nach en anere Produit drop ze lueden, do ass och jiddereen individuell, mee et wier natierlech net schlecht, wann et zumindest méiglech wier.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Claudia, de Gemengerot hëlt also zur Erkenntnis, dass hei zwee Gemengerotsmemberen en deviant Verhalen un den Dag leeën, nach gitt Dir net manu militari ofgefouert, och wann Dir et hei zouginn huet, mä wann de Gemengerot elo hei unanime där Regelung zoustëmmt, dann hutt Dir d'Méiglechkeet, kee gréisseren Ecart méi un den Dag ze leeën.

Ech géif also soen, dass mer zur Ofstëmmung kommen: Wien ass mat deene **Modifikatiounen averstanen?** Dat ass **unanime**. Den ëffentlechen Transport seet Iech Merci.

### 4.4. Approbatioun vun engem Acte d'échange vun Terraine mat der Koppel Wegener-Wiltzius

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da géife mer weiderkommen un en Acte d'échange, mat der Koppel Wegener-Wiltzius, deen d'Gemeng Diddeleng mat hinne mécht, et ass mam Här René Wegener an der Madame Sonia Wiltzius, wou mer hei en Echange maachen zwëschent engem Terrain, deen der Gemeng gehéiert, "Hinter Boibel", dat sinn 62,40 Ar. Pour mémoire, mer haten hei eng Kéier en Acte d'échange zwëschent Gemeng a Staat, wou mer deen doten Deel kritt haten, a respektiv kréie mer hei en échange 4 Parzelle vum Här Wegner an der Madame Wiltzius, dat heescht mer kréien dee vun hinnen, dat ass "im Gebrannten", dat sinn am Fong 4 Parzellen, eng vun 12 Ar, eng vun 11,70 nach eng vun 11,70 an eng vun 22,50 Ar, sou dass mer hei ronn 60 Ar zesummen hunn.

Den Echange gëtt gemaach, am Kader vun der Utilité publique, déi Terrainen déi mer hei vun der Famill Wegener kréien, déi befanne sech hannert der Fleegestatioun, déi jo en nationale Charakter huet, do ass eng Parzell, déi huet Natur & Ëmwelt scho kaf, wou se un e private Propriétaire erugetruede sinn, wat en anere Propriétaire ass wéi dee wou mer hei den Echange maachen, an déi heite 4 Terrainen, déi mer vun der Famill Wegener-Wiltzius kréien, ginn dorops aus, dass mer herno Natur & Ëmwelt eng Mise à disposition maachen, sou wéi dat ursprénglech war, op eiser aktueller Fleegestatioun, wou d'Gemeng Propriétaire ass vun de Terrainen, an Natur an Ëmwelt se zur Verfügung gestallt huet fir d'Fleegestatioun, an dat Ganzt schreift sech an ëm d'Ausweidung vun der nationaler Fleegestatioun well se zousätzlech Plaz brauchen, wou se Volièrë maache fir déi Gräifvullen an eng Rei Moderniséiatiounsaarbechten.

Haut ass déi éischt Etapp, wou mer den Echange vun den Terraine maachen, an da komme mer sécherlech nach eng Kéier an de Gemengerot zeréck, wou mer dann d'Mise à disposition maachen un Natur & Ëmwelt fir das se dat dote kënne maachen.

Béid Echangë vun Terraine sinn op 30.000 Euro gestëmmt ginn, sou dass mat deem heiten Echange och dann Natur & Ëmwelt 5 Parzellen zousätzlech huet, par rapport zur aktueller Situatioun, wat hinnen erméiglecht sech auszeweiden, wat natierlech weider am Intérêt vun der Stad Diddeleng ka sinn, fir engersäits de Site ze konsolidéieren, well och iwwert dat neit Gesetz, dat demnächst wäert gestëmmt ginn, dee Volet och e wichtege Punkt ass.

Dat als Erklärunge wat sech ronderëm befënnt, a wat den doten Acte ugeet. Sinn dozou Froen oder Stellungnahmen? Dat ass net de Fall, da géif ech proposéieren dass mer stëmmen. Wien ass domat **averstanen?** Dat ass **unanime**. Da soen ech Iech Merci a mir wäerten nach eng Kéier hei am Gemengerot iwwer dat doten diskutéieren.

### 4.5. Approbatioun vun engem Acte de vente mat de Konsorte Rinaldetti

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mer zu engem Acte de vente mat de Konsorte Rinaldetti, dat ass d'Madame Sylvie Rinaldetti, den Här Fernand Rinaldetti an den Här Roby Rinaldetti, vun deene mer als Gemeng Terraine kafen. Dat ass an der Route de Kayl, 9,22 Ar, dat heescht, dat mécht e Gesamtmontant vum Kaf vu 46.100 Euro.

Hei befanne mer eis an der Situatioun, wou mer ëmmer esou Terraine vu 5 000 Euro den Ar kafen, och dat





mat den normalen Dispositiounen, dass den Terrain fräi ass vun all Hypothéik an dass d'Jouissance antrëtt an deem Moment wou de Gemengerot gréng Luucht gëtt fir déi Terrainen ze kafen, an och dat maache mer am Kader vun der Utilité publique.

Déi Terrainen, wéi och aner Terrainen, wou mer amgaang sinn, mat Propriétairen ze schwätze fir och do en Echange ze maachen, schreiwe sech an an d'Ausweidung vun der sportlecher Infrastruktur, déi mer um Stade Meyer hunn.

Dat heiten ass eng Méiglechkeet, wann een zousätzlech wëllt do bauen, dass een do och Terrainen huet. Dat zur Erklärung a wéi ee Kader dës Vente sech aschreift.

Huet de Gemengerot Froen dozou? Neen. Sidd Dir dann domat **averstanen?** Dat ass **unanime**. Ech soen Iech Merci an da gi mer weider op eng Konventioun fir d'Sproochecourse fir Erwuessener an do ginn ech dem Loris Spina d'Wuert.

**4.6. Approbatioun vum Qualitéitslabel an der Subventiounskonventioun mat dem Ministère fir national Erzéiung, Kandheet a Jugend, Service Formatioun fir Erwuessener, betreffend d'Coursë fir Erwuessener 2016/2017;**

Loris Spina (LSAP - Schäffen): Hei hu mer déi Konventioun virleie wéi all déi Jore virdrun och, et huet och grondsätzlech näischt dru geännert, et geet drëm dass eis Coursen eng gewësse Qualitéit hunn, engersäits wat d'Enseignanten ubelaangt, déi déi Coursen halen, awer och wat de Kader ass fir déi Coursen ze halen.

Am Objet huet sech näischt geännert, a mer kréien ëmmer nach 15 Euro als Gemeng bäigeluecht. Ech wëll ernimmen, dass mer déi Course wäerte weiderfeieren, sief et engersäits Sproochecoursen, awer och déi aner Informatik-Coursen, déi mer ubidde fir Adulten a Kanner.

Fir dass d'Leit sech aschreiwe maache mer Annoncen am Bliedchen, an d'Kanner, déi ginn alleguerte vum Cycle 3 an 4 individuell ugeschriwwe fir se ze informéieren, wéini a wou déi Coursë stattfannen.

Där kënnt Iech erënneren dass d'Informatik-Course säit kuerzem an der Brillerschoul ugebuede ginn, wou se besser Lokalitéite virfannen, wéi sengerzäit an der Bibliothéik, an do gëtt de Sall genotzt fir der Bibliothéik zur Verfügung ze stellen, déi do och schonns e Projet hunn, wéi et do soll virugoen.

Et ass am Fong näischt Spezielles dozou ze soen, et ass wéi déi Jore virdrun, villäicht just nach kuerz, d'lescht Inscriptiounen hate mer der 232 bei de Cours d'adultes, wat TIC-Coursen ubelaangt, a mer haten 62 Kanner, déi sech dëst Joer erëm do gemellt hu fir an deene Course matzemaachen, déi Coursen déi op eng flott a spilleresch Aart a Weis sinn, net ze vergläiche mat deenen dréchene Schoulcoursen, mee hei geet et dorëms dass ee praktesch leiert mat deenen Apparater ëmzegoen, et ass jo am Fong geholl och dat wat ee braucht.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Also, et ass same procedure as every year, et gëtt net vill Neits ze soen, besonnesch well ech d'Chiffere vum leschte Schouljoer, dat wat ofgeschloss ass, hunn, well dat si jo déi eenzeg wou definitiv sinn. Wéi schonns an der Budgetsried gesot, mer haten 2015/2016 iwwer 600 Participanten, déi meescht, 375 hu Lëtzebuergesch geléiert, 339 Certificats de participation konnte mer iwwerreechen, dofir muss een 70% présent sinn, ech kann ebe just déi Chifferen Iech nenne, well dat anert Schouljoer jo eigentlech nach amgaangen ass.

Colette Kutten (Déi Gréng): Merci, ech hunn e puer Froen zu de Sproochecoursen: Engersäits ass am Budget de Montant erof gaange fir d'Sproochecoursen an dofir wollt ech wëssen, wourun dat elo läit, a wéi eng Course reduzéiert goufen? Ech wollt nach froe wéivill Lëtzebuergeschcoursë ginn et elo dëst Joer par rapport zum leschte Joer well do jo och Ännerunge stattfonnt hunn an ech denke jo, dass d'Franséischcoursen och wichteg sinn, besonnesch fir DPIe well si déi jo och staark an Usproch huelen; och fir den Zesummenhalt zwëschent Lëtzebuerger an Net-Lëtzebuerger ze stäerke wär et wichteg, dass déi Sproochecourse géifen erhale bleiwen, an éischter ausgebaut wéi ofgebaut ginn.

Dann ass jo nach um Site vum Lycée Nic Biever, wou d'Course stattfannen, e Problem mat dem Portier, wat awer och fir d'Leit an d'Enseignanten eng Rei vun Onannehmlechkeeten zur Folleg hat. Ass dat elo geléist? Anscheinend war et sou, dass am Nic Biever eng Portiersplaz ofgebaut ginn ass, an da muss elo d'Gemeng asprangen, ass dat och der Gemeng hir Aufgab? An ass dat elo wierklech gekläert well ech hu matkritt wéi wann dat nach net esou evident wier.



Dann nach eng Fro: An deene Säll vum Lycée Nic Biever, do si Beameren. Firwat dierfen d'Enseignante vun de Sproochecoursen déi Beameren net benotzen?

Da war nach eng Fro; et ass gesot ginn, et muss een zu 70% Präsenz weisen an de Course fir de Certificat ze kréien. Elo ass et esou, dass zum Beispill d'Lëtzebuergeschcoursen zu Diddeleng ëmmer zweemol d'Woch stattfannen, an deene meeschte Gemengen ass et eemol pro Woch; fir vill Teilnehmer an Teilnehmerinnen, schéngt zweemol d'Woch wierklech oft ze sinn, an doduerch schéngt och d'Zuel vun den Ofbriecher(inne) méi grouss ze sinn.

Dofir d'Fro, op een net kéint zumindest och mol e Cours ubidde fir d'nächst Joer, wou dann d'Leit nëmmen eemol d'Woch kommen amplaz vun zweemol d'Woch, einfach just fir d'Ugebuet ze verbesseren. Merci.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Ech hunn elo d'Zuele fir d'Coursë fir 16/17 dobäi, ech muss vergläiche mam leschte Joer, do sinn 12 Coursë Lëtzebuergesch, an 8 Coursë Franséisch, fir d'laafend Schouljoer, déi aner liwweren ech no, well ech hunn déi elo an der Mappe, soss muss ech hei sichen, mee dat ass kee Problem, respektiv, Dir erënnert mech drun, dass ech Iech déi noliwweren.

De Beamer, dat ass net eise Beamer, do huet de Lycée eis gesot, dass et net méiglech ass, dass si déi notzen, well s de dech do muss an hiren Informatiksystem aloggen, an dass se dat eben net wëllen.

Mer hunn e puer Gespréicher gefouert, mir hunn och gesot kritt, dass do eng aner Associatioun wier, déi dat géif maachen, ech kann dat net kontrolléieren, ech krut dat just erzielt.

Mer wäerten d'Gespréich nach eng Kéier lancéiere fir déi Coursen, déi am Januar uginn, mee wéi gesot, do wou mär net Här a Meeschter sinn, kënne mer och net decidéieren. Där wësst genau firwat déi Coursen am Lycée sinn, well mer keng Säll hunn, wou se kënne stattfannen.

Wa mer déi nämlech hätten, da géif dat doten sech erleedegen, mer hunn och an deene leschte Méint, do si mer duerch eis Säll alleguerte gaangen, an déi eenzeg Säll déi a Fro kommen, sinn entweder ze kleng fir déi Participanten, oder awer wann se an de Schoule sinn, da sinn se mat klenge Still ausgestatt, a mer kënnen de Leit kaum zoumudden, dass Dir Iech op déi kleng Still do setzt. Dofir och de Problem mam Portier, dat ass deen, dass si eng Plaz am Lycée net besat kruten, dat heescht iwwert de Ministère, do ass ee fortgaangen an déi kruten déi Plaz net besat, an do huet den Direkter mat Recht gesot, et wier awer net un hinnen, fir jiddereen dee hire Lycée benotzt, do de Portier ze stellen, a mer sinn eis elo eens ginn, fir eben d'Trimester wat elo wäert ugoen also d'nächst Joer, dass mer eis dat deelen, dat heescht de Lycée, dann déi aner Leit déi alleguerten do Coursen halen, plus d'Gemeng, dat heescht dass mer dat zu dräi opdeelen, mat oppassen, an dass eis Coursen alleguerten op zwee Deeg geluet ginn, fir ze kucken dass net permanent ee vun eis muss do sinn. Dat anert ass, Lëtzebuergesch Coursen nëmmen eemol d'Woch, dat ass en zweeschneidegt Schwäert, natierlech kann deen da méi oft dohinner goen, mee ech brauch Iech jo wuel net ze soen, ech weess net ob ee vun Iech Erfahrung huet, a selwer Sproochecourse gemaach huet, wann d'Woch drop de Cours rëm ugeet, dann hutt Dir schonns praktesch rëm alles vergiess wat Dir an dem geléiert hutt. An dofir, Jo an Neen, et ass eng gutt Idee, fir dee wou et betrëfft, dass deen da villäicht méi dacks kann do sinn, op déi aner Manéier bréngt et ëm awer manner. Do muss ee kucken, wat ass eigentlech dat bescht fir de Schüler.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Claudia Dall'Agnol, da komme mer zum Vote vun dëser Konventioun: Ass de Gemengerot domat **averstanen?** Merci, dat ass **unanime**.

**4.7. Approbatioun de la Konventioun mat der Aktiegesellschaft Creos Luxembourg fir d'Bereetstelle vun engem Gemengenterrain an der Rue Louis Rech;**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da géife mer weider goen, do hu mer eng Konventioun déi mer hei mat CREOS maachen, an am Fong geet et ëm en Terrain dee sech beim Staatslabo befënnt, an der Rue Louis Rech, dat sinn 376,74 Ar.

Et ass sou, dass CREOS hir Statioun muss réckelen, dat hënnert beim Ausbau vum Echangeur, déi gëtt elo niewent eis Gasstatioun gestallt, dat ass also eisen Terrain an iwwert deen heite Wee gi mer hinnen déi Méiglechkeet, dat do nei opzeriichten.



Dat heiten ass am Fong keng aner Dispositioun wéi och déi wou mer zu Diddeleng hunn, wou d'CREOS hiert Haische stoen huet mat all hiren Ubillen, mee natierlech, fir um Territoire vun der Stad Diddeleng dat ze maachen, zemools wann et eisen Terrain ass, muss een dat iwwer d'Konventioun regelen, dass se och eng Servitude kréien, fir dat kënnen ze maachen, och fir d'Concessioun, fir do hir Kabele kënnen ze maachen, hir Tuyauterie, an och dass en Accès garantéiert ass iwwert déi Servitude, dass se kënnen eng Interventioun maachen, wann dat néideg ass.

Mer fannen hei keng aner Dispositioun wéi dat hei zu Diddeleng gang und gebe ass mat de CREOS-Statiounen, wéi gesot, probéieren dat iwwert deen heite Wee ze formaliséieren, well dat och muss geréckelt ginn. Dat ass dat, wat déi heite Konventioun ugeet. Si Froen dozou?

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci, mech huet just do een Artikel gestéiert an där Konventioun, wou drasteet, dass do op deem Terrain, wat jo awer e relativ groussen Terrain ass, näischt méi dierf geplanzt ginn, an dass do och näischt dierf gebaut ginn. Da froen ech mech: verschléisse mer eis dann deen Terrain net total, wa mer zum Beispill eng Kéier wëllen eng Penetrante maachen a Richtung Näerzeng oder sou, verbarrikadéiere mer eis do net de Wee fir eventuell Konstruktiounen, déi mer wëlle maachen?

Joseph Thill (Déi Lénk): Ech hunn och eng Fro zu der Konventioun: Am Acte do steet, dat wier eng Terre laborable, ëmmerhin 3,76 Ha, wann de Bauer dat verlount kritt, da muss deen och dofir bezuelen, och wann dat elo keng gigantesch Zomme sinn. Wann ech déi Konventioun richteg gelies hunn, dann huet d'Gemeng do awer eng Rei Contrainten an d'CREOS bezilt näischt, dofir awer do zu dem Punkt och eng Fro. Also, e Loyer schéngt mer do net vu Muttwëll.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Mer bezuelen och net, ech ginn elo op déi zwou Froen an. Éischtens hypothekéiere mer eis Situatioun net, well déi Statioun befënnt sech niewent eiser Gasstatioun, direkt beim Parking vum Staatslabo. Dat als Präzisioun. Dat heescht, mer verbauen eis et net.

Zweetens ass dës Konventioun näischt aneschters wéi déi Situatiounen, déi mer schonns an Diddeleng hunn. D'CREOS gëtt regéiert zënter dem Gesetz vun 2007 iwwert den Elektrizitéitsmarché zu Lëtzebuerg, an do si mer verflicht, hinnen als nationalen Organisateur vum Elektresch Terrain zur Verfügung ze stellen, wou se dat kënne maachen.

Dat kënnt net nëmmen dem Staatslabo zegutt, mee dat kënnt och ganz Diddeleng zegutt, dat ass den nationalen Opérateur, wat deen dote Volet ugeet, dofir maache mer hei iwwert déi Konventioun näischt aneschters wéi op anere Plazen, an dat gëtt disposéiert iwwert d'Gesetz vun 2007, dat ass dee Kader, un dee mer eis halen. Dat nach zur Präzisioun. Mer hunn hei keng aner Méiglechkeet, an et gëtt net weiderhin hypothekéiert. Kënne mer zum Vote iwwergoen?

Ass de Gemengerot mat där Konventioun **averstanen?** Dat ass **unanime.** Da soen ech Iech Merci.

### 4.8. Approbatioun vun der Konventioun mat der Fondatioun "Stëftung Hëllef Doheem" wat de Service Senior plus ugeet

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da gi mer vum Elektresch eriwwer bei eis Senioren, an do hu mer eng Konventioun virleie mat der Stëftung Hëllef doheem, an do ginn ech dem Här Manderscheid d'Wuert.

René Manderscheid (LSAP – Schäffen): Merci, ech wëll mech kuerzfaassen, ech hu grad den Depliant ausgedeelt wou mer kritt hu vun der Stëftung Hëllef doheem.

Ech hat schonns bei menger Budgetsried ugeschwat, dass dat en neie Service ass, et geet dorëms, dass Leit méi laang, méi sécher a méi confortabel kënnen am Alter doheem wunne bleiwen.

Der gesitt an der Konventioun dass dat sech riicht un d'Leit déi hei zu Diddeleng wunnen, âgés de plus de 65 Joer, 65 Joer accomplis dat geet schonns duer, déi kënnen déi Dingschtleeschtung an Usproch huelen.

Déi Konventioun leeft op 2 Joer, vum éischte Januar 2017 soll dat ulafen, an da gesitt Dir op der Säit 2, den Artikel 3,dass et esou ass, dass mer eis mat hinnen eens gi sinn dass all Ménage kann eng Berodung kréie pro 2 Joer, an déi gëtt dann och vun der Gemeng iwwerholl.



Dir gesitt beim Artikel 5 beim Budget, Senior plus, de Service dee kascht 88,25 Euro pro annerhallef Stonn, sou dass mer als Gemeng de Montant géifen zu 100% iwwerhuelen, awer eng Consultatioun an 2 Joer.

Soss gëtt et net all zevill zu där Konventioun ze soen, mer hunn am Budget elo mol 25.000 Euro ageschriwwen, vu dass mer nach net wëssen, wéi grouss de Succès ass vun där Dingschtleeschtung.

Jiddwerfalls hate mer schonns am November eng éischt Konferenz gemaach, déi hate mer jo am Blietche schonns annoncéiert, a mer wäerten och d'nächst Joer am Februar oder Mäerz sou eng Konferenz organiséieren am Club Senior. Méi wier de Moment net dozou ze soen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, also wéi gesot eng nei Dingschtleeschtung déi mer hei ubidden ab dem nächste Joer, dat och kloer eng Rei Ménagen ab 65 Joer an hirer Autonomie kloer ënnerstëtzt, dat ass net sou onwichteg. Si Froen dozou?

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Éischtens wëll ech mol bemierken, ech war elo op eisem neien Internetsite vun der Stad Diddeleng, do steet jo, dass d'Konventioun schonns ënnerschriwwe ginn ass, den 9.12. dat ass ëmmer e bësse Moutarde après dîner, wa mer elo hei sollen iwwer eppes decidéiere wat jo schonn ënnerschriwwen ass.

Ech fannen dat net ganz korrekt, ech fannen et misst ee waarden, der Héiflechkeet halber, fir d'Signature eréischt no der Diskussioun am Gemengerot ënnert sou en Dokument ze setzen.

Zweetens huet d'CSV allgemeng e Problem mat dëser Konventioun, an ech erkläre mech och, well mer fannen dass awer hei e gewëssene Favoritismus vun enger Associatioun gemaach gëtt, a mir hunn e bëssen déi Angscht, dass déi eeler Leit bëssen an d'Gräpp vun enger Associatioun orientéiert ginn, dass also eng Orientation ciblée gemaach gëtt an dass d'Gemeng dat och ënnerstëtzt.

Mer fannen, dass d'Gemeng éischter eng neutral Positioun soll anhuelen, schliisslech ginn et ganz vill Intervenanten déi déi selwecht Offeren hunn, wéi Hëllef Doheem, mer hunn hei d'Presidentin vun der Croix Rouge Diddeleng setzen, hire Service HELP bitt déi selwecht Saachen un, da ginn et nach aner Servicer wéi Camille, Verbandskëscht, ech weess se elo net alleguerten, an déi och eng Konventioun mam Staat hunn, déi och iwwert d'Fleegeversécherung iwwerholl ginn, an ech fannen dass all Associatioun op deem Gebitt soll gläich behandelt ginn, an dass mer als Gemeng eis do net sollen op d'Äis woen an eng Associatioun wéi Hëllef Doheem, déi der Caritas nosteet, méi ënnerstëtze wéi anerer.

Da wollt ech awer och nach soen, wat ass dann elo de Budget? Do si 25.000 Euro virgesinn, déi iwwerhuele mir fir déi éischt Consultatioun, wat ass dann elo wann aner Associatioune sech bei eiser Gemeng mellen, an déi soe mer kënnen dat doten och ubidden, maache mer dann och eng Konventioun mat jidderengem, a firwat musse mer dann iwwerhaapt sou eng Konventioun maachen?

Dofir si mer net begeeschtert vun dëser Saach.

A wat mécht d'Gemeng?

Gëtt si d'Donnéeë vun den Awunner un déi Associatioun weider? Oder maache mer et just esou, dass mer e Flyer ausdeelen, wat ech mech och froen, op dat net eng Ënnerstëtzung ass vun engem Intérêt commercial?

Elo sot Dir bestëmmt, mer hu jo och d'Konventioun mat BabyPLUS, mee BabyPLUS ass eppes ganz aneschtes, dat ass eppes wou keen Intérêt commercial dohannert ass, dat ass e Berodungssystem, dee komplett anescht gelagert ass, an hei sinn esouvill Acteuren um Terrain, an ech denken, dass mer do awer villäicht Problemer kënne kréien.

Da wollt ech nach op e puer Detailer vun dëser Konventioun agoen.

Am Artikel 1 vum Objektif, do steet och, de "Service Senior Plus vise à renforcer l'autonomie et la participation sociale des personnes âgées par le biais d'une orientation ciblée et de consultation individuelle». Dat «ciblée» dat stéiert mech dann, well ech mer denken dass si wahrscheinlech dann och soen, mer bidden dat doten alles un, Handwerkliche Dienstleistungen, Freizeitgestaltung, Begleitung beim Einkaufen, dat maachen déi aner awer och alleguerten an dofir hunn ech d'Angscht dass mer do e Favoritismus maachen, wa mer dës Associatioun ënnerstëtzen.

Da wollt ech nach konkret nofroen, am Artikel 3 steet dass do déi Leit déi dohinner ginn, sollen och iwwer

HELP AIDES ET SOINS

déi verschidde Formes d'aide et de soutien, sollen se d'Leit dann informéieren, an d'Konsultation soll gemaach ginn duerch e Personnel qualifiée.

Wat heescht e Personel qualifié?

Hu si fir d'Berodung extra Leit, oder sinn dat déi Normal Leit déi do och bei déi aner Familien heem ginn, an da virun allem eng Formation als Infirmière, Aide-soignante, Auxilliaire de vie oder ginn do éischter d'Assistant-sociauxen oder Psychologen och dohinner, dat ass nach eng Fro déi een sech ka stellen.

Am Resumé ass et esou, dass d'CSV selbstverständlech all Projeten déi eis Senioren hei zu Diddeleng zu Notze kommen ënnerstëtzt, a mir sinn dichteg, den Här Manderscheid huet et virdru schonns gesot, mer hunn e Club Senior, mer hunn eng Amiperas, mer hunn d'Gëlle Joren, mer hunn en exzellente CIPA, dee gutt funktionéiert, mer hunn de Repas sur roues, mer hunn den Téléalarm, an de Coup de main, an ech denke wa mer mat deene Saache Reklamm bei de Leit maachen, dann hunn d'Leit schonns ganz vill Offeren, déi se kënnen notzen, an ech weess net ob mer do elo mussen en extra Service op d'Bee stelle fir de Leit déi Informatiounen ze ginn, well da misst een et och sou maachen, dass mer hinnen ausser deene kommunalen Offeren, déi mir hei hunn, och alleguerten déi aner Servicen ubidden an hinne soen, et gëtt och nach HELP, et gëtt och nach d'Verbandskëscht, et gëtt och nach Camille, an esou weider, déi lech och kënnen ënnert d'Ärem gräifen.

Mir als CSV, mer hate jo och schonns e Projet, dee mer schonn oft hei virgestallt hunn, deen och virun allem de Seniore géif hëllefen, well wann ech hei liesen, "Einschränkung der Mobilität, Beweglichkeit, Transportmittel...", ma da kommt mer ginn op de Wee, wat d'CSV schonns öfters gesot huet, kommt mer maachen e Callbus zu Diddeleng och wéi an allen anere Gemengen, wou d'Leit och kënnen de Ruffbus huele fir an de Cactus akafen ze goen, da sinn se autonom.

Dat ass just eng Demande déi d'CSV oft gestallt huet, mee wéi gesot, dorëms geet et elo net, mee d'CSV kann dës Konventioun net ënnerstëtzen, well hei deenen eelere Matbierger vun enger Associatioun nogeluegt gëtt – ech wëll net soen, dass se ënner Drock gesat ginn - just mat där e Kontrakt ze ënnerschreiwen a mer fannen, dass eng Gemeng éischter soll neutral vis-à-vis vun all dësen awer dach kommerziellen Intervenanten um Terrain sinn. Merci.

Joseph Thill (Déi Lénk): Ech ka mech ganz kuerz faassen, ech fannen eigentlech dat Angebot vum Service gutt, ech deelen awer all déi aner Bedenke vun der Madame Kayser. An dofir wäerte mer eis enthalen. Merci.

Josiane Ries Di Bartolomeo (LSAP): D'Madame Kayser huet et gesot, als Presidentin vun der Croix Rouge, ech muss éierlech soen, mir sinn hei net ee géint den aneren, dat ass kee Konkurrenzkampf, dat heiten ass e Plus, deen ugebuede gëtt hei zu Diddeleng.

Ech wëll soen, Dir hutt et selwer genannt, de Repas sur roues, mer hunn all Méigleches, mer hunn Téléalarm, wa mer ëmmer een a Konkurrenz zum anere stellen, fannen ech dat déi falsch Approche. Hei ass et elo mol eng Kéier Hëllef doheem, d'Croix rouge ass um Terrain hei zu Diddeleng vill aktiv, mer hunn eng Betreiung fir dement Leit, ech ka soen alles wat et ënnerstëtzt, fir dass d'Leit kënnen am Alter doheem bleiwen, kann ech nëmmen ënnerstëtzen, ob dat elo iwwer d'Stëftung Hëllef doheem oder iwwer d'Croix rouge ass, ech gesinn hei net ee géint deen aneren ausspillen, ech fannen dat net richteg.

An dofir wéi gesot, et deet mer Leed, mer stëmmen dat, déi nächst Kéier ass et villäicht d'Croix rouge, op déi se zeréckgräifen, mee ech kann dat net soen, dat wier falsch, mer ënnerstëtzen et an ech gesinn et net als Konkurrenzkampf. Merci.

René Manderscheid (LSAP – Schäffen): D'Madame Di Bartolomeo huet bal alles gesot, ech géif awer trotzdem mol bieden hei de Ball flach ze halen. Esou dramatesch wéi d'CSV dat hei mécht ass et natierlech guer net.

Fir d'éischt wëll ech mol drun erënneren, mam Téléalarm war et jo déi selwecht Situatioun. Wann Dir lech gutt kënnt erënneren, dat ass schonns laang hir, Hëllef doheem war deen éischten Ubidder déi dat hei an Diddeleng gemaach hunn, an dat ware laang déi enzeg, do hätt een deemools och kënnen esou Awennunge maachen. Entretemps hu mer jo HELP 24 bäikritt, a wann net en drëtte kënnt, maache mer och mat deenen eng Konventioun.

Fir op Hëllef Doheem zeréckzekommen, si sinn hei un eis ugetrueden, hunn eis dat proposéiert, mer waren dovunner iwwerzeegt, a mer hunn déi och sou gutt geheescht. Wa muer en anere kënnt, kann een dat selwecht rëm mat deem maachen, sou wéi mam Téléalarm.





Hei gesi mer net an, dass mer ee géint den aneren ausspillen, oder en hei Promovéieren, mer gesinn dat net sou dramatesch wéi Dir – CSV - dat gesitt, wann een zweeten oder drëtte kënnt, maache mer mat deenen déi selwecht Konventioun, da geet et sou wéi beim Téléalarm. Ech géif dat awer elo trotzdem méi neutral kucken.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, da komme mer zum Vote: Wien ass mat där Konventioun **averstanen?** Dat sinn d'Stëmme vun **LSAP** an **ADR**.

Wien **enthält** sech, dat ass **Déi Lenk**, **Déi Gréng** an **CSV**. Merci.

Duerno komme mer zu engem Kontrakt, dee mer mam Verkéiersbond hunn, d'Claudia Dall'Agnol ass virdru schonns drop agaangen.

**4.9. Approbatioun vum Kontrakt mat dem Verkéiersverbond (Communauté des Transports) iwwer d'Bereetstelle vun enger Rei vun Afficheur-dynamiquen (FIA);**

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Ech hat bei menger Budgetsried jo schonns gesot, hei geet et em e Kontrakt fir eng Mise à disposition vun de FIA, dat sinn déi Écranen, wo Der jo schonns ee bei der Gare hutt, wou ee gesäit wéini de Bus kënnt, wéi eng Nummer de Bus huet, wéi eng Auerzäit, wéi laang Dir nach musst waarden, wou dann en eventuelle Retard gesitt.

De FIA bei der Gare ass deen aus der Phas 1 vum nationalen Telematikprojet mam Numm Mlife.

An deen zweete FIA, dee mer elo dobäi kréie bei d'Gemeng ass aus der 2. Phase vum Mlife-Projet. Dës Standuerter sinn zesummen an engem Aarbechtsgrupp mam MDDI definéiert ginn an déi FIAe lafen iwwert dee genannten Mlife-Projet, wat bedeit, dass déi aus der Enveloppe budgétaire déi de Verkéiersverbond vun der Regierung zur Verfügung gestallt kritt huet, bezuelt ginn, dat leeft also iwwer si. Wat awer nach dobäi kënnt, leeft net méi iwwert si, dat heescht, deen Écran dee mer wëlle bei d'Kierch oder op de Fohrmann bei eis Busarrête maachen, musse mer selwer bezuelen.

Zur Konventioun selwer gëtt et net allzevill ze soen, well et ass eng Convention-type, wéi de Verkéiersverbond se ëmmer a mat jidderengem mécht. Wat awer interessant ass ze wëssen, ass wisou de Joresmontant déi éischt 2 Joer méi bëlleg ass, do sot den Direkter vun der Verkéierszentral, dat ass well de Fournisseur eng Wartungsgarantie op deem Material huet, wat bedéngt dass et déi éischt 2 Joer méi bëlleg ass als Usager wéi dono.

Wat d'Material selwer ubelaangt, dat kënne mer am Januar kréien, an ech hoffen dass dat och wierklech esou reibungslos klappt, an alles op Stock ass, si wëssen op alle Fall dass mer et haut am Gemengerot hunn.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci, verstinn ech dat richteg, wéi dat hei ausgedréckt ass mat dem Präis, deen herno als Entretien dobäi kënnt. Do steet : “ainsi que 787,88 euros”. Déi komme jo awer sécher net nach dobäi bei déi 158 mee déi ersetzen no 2 Joer déi 158 a vun do un sinn et der da 787, oder?

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Du hues déi éischt zwee Joer dee bëllegen Tarif an duerno geet den Tarif erop.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci. An da meng aner Bemierkung, eppes wat mech hei stéiert, mee wat wahrscheinlech an deem System virgesinn ass, dat ass, dass mer erëm eng Kéier - genee wéi bei de Vël'Oken - musse fir eppes bezuelen, wou mer awer net Propriétaire ginn.

Gëtt et do keng aner Méiglechkeet? Si mer do forcéiert, dat esou unzehuelen oder wéi?

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Also et gëtt déi aner Méiglechkeet, dat ass wéi Dir richteg bemierkt hutt, et sinn ze loossen, an ech mengen net, dass mer dofir sollen optéieren, dofir hunn ech am Ufank schonns gesot, et ass eng Convention-type, wéi de Verkéiersverbond se mat jidderengem mécht.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Sinn nach weider Stellungnahmen dozou? Neen, dat ass net de Fall. Ass de Gemengerot da mat dem Kontrakt de mer mam Verkéiersbond hunn **averstanen?** Dat ass **unanime**. Merci.



### 4.10. Approbatioun vun Devisen

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da gi mer op de Punkt 4.10. weider, do geet et ëm eng ganz Rei Devisen, am Kader vum Budget 2017.

Ech géif awer dem Gemengerot proposéieren, dass mer de Punkt 11 do vir huelen, dat ass wat d'Kräizung Route de Zoufftgen, Rue du Commerce, an d'Rue de la Libération ugeet, dass mer dee virhuelen. Dofir begréissen ech och hei d'Vertriederin vum Büro Schroeder Associés wéi och den Tom Schroeder aus eisem Service Technique. Mer wollten iwwer den doten Devis ofstëmmen, awer och nach hei dem Gemengerot weise wat déi Ëmorganisatioun mat op sech huet, well hei de Verkéiersfloss en aneren ass, a fir lech dat anzespillen, fir dass ee kann déi verschidde Montante besser novollzéien. Ech géif dann do d'Wuert de Kollege vu Schroeder Associés weidergi fir kuerz duerch d'Presentatioun ze féieren. Et ass wéi gesot en Devis vun 200.000 Euro, fir déi Kräizung nei ze gestalten.

En attendant géif ech proposéieren, dass mer einfach weider fueren, mat den Devisen, bis den technesche Problem behuewen ass, ech géif dann awer rëm vu vir ufänken.

#### 4.10.1. Frais d'études fir d'Erstelle vun engem Cahier de charges fir d'Exploitatioun an d'Maintenance vun den techneschen Installatioune vum Centre sportif René Hartmann fir e Montant vun 22.000 Euro

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Deen éischten Devis, dee mer virleien hunn, dat ass en Devis vum Centre sportif René Hartmann fir en neie Cahier de charges ze erstellen, an dat fir d'Exploitatioun an d'Maintenance vun techneschen Installatiounen am Centre sportif René Hartmann an dat Ganzt schreift sech jo an, well mer jo, wéi mer deen neie Centre sportif opgemaach hunn, e Wartungsvertrag vun 2 Joer haten.

Dee leeft den November 2017 aus, sou dass dann de Kontrakt mat där Firma, dee mer elo hunn, ausleeft, an hei dat nei mussen ausschreiwen, an awer vun deenne Erfahrungen, déi mer gemaach hu mat dem Wartungsvertrag ophuelen, en neien Cahier de charges opstellen, eis dann och begleede loosse fir déi néideg Ausschreiwung maachen ze loossen a fir den Cahier de charges ze erstellen ass en Devis vun 22.000 Euro virgesinn.

An natierlech déi nei Wartung wäert ab Dezember 2017 lassgoen, dat ass am Fong de Wee, dee mer hei ginn, natierlech gëtt iwwer déi Frais d'études dann och eng Mise en concurrence gemaach, do kënnen d'Leit sech drop mellen an dann huele mer deen eraus, deen déi Wartungsfraise kann en bonne et due forme iwwerhuelen.

Dat zu dësem Devis, ech huelen se alleguerten duerch, da kënne mer duerno eng generell Diskussioun féieren.

#### 4.10.2. Adaptatioun vum Prallschutz un den Tribüne vum Sall Grimler am Centre sportif René Hartmann fir e Montant vun 100.000 Euro

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mer zum Devis wat de Centre sportif René Hartmann ugeet, d'Salle Grimler, déi an den 90er Jore gebaut gouf. De Loris Spina ass virdru schonns drop agaangen, am Kader vun der Budgetspresentatioun, dass mer do wëllen de Prallschutz, respektiv d'Tribüne frësch maachen, effektiv och e bessere Sëtzkonfort ubidden an Tribünen erliichteren, e bëssen de selwechte Stil wou mer och elo schonn am Hartmann hunn, respektiv an der Annex Alliance, an dat schléit mat 100.000 Euro zu Buch.

#### 4.10.3. Modernisatioun vun der Beliichtung an der Sonorisatioun vum Sall Grimler am Centre sportif René Hartmann fir e Montant vun 180.000 Euro

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): An der Salle Grimler wëlle mer den Éclairage an d'Sonorisatioun moderniséieren. Och do ass dat an den 90er Joren entstanen, dat ass e Budget vun 180.000 Euro, dat heescht déi ganz Lautsprecheren, déi ganz Luuchten, LED-Luuchten, dat musse mer frësch maache mam néidege Cablage, och dat ass net onwichteg an et mierkt een ëmmer erëm, wa Matcher do sinn, an et ginn Duerchsoe gemaach, dass dat net méi an enger optimaler Qualitéit ass.

#### 4.10.4. Installatioun vum Nobreak-System fir d'Elektresch vum Centre sportif René Hartmann fir e Montant vu 50.000 Euro

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dann en aneren Devis vu 50.000 Euro, dat ass de Nobreak-System fir d'Elektresch am Hartmann, dee soll agespaant ginn, wann eng Panne wier, dass een da Stroum



huet, fir déi kënnen ze behiewen, fir dass de Betrib an déi néideg Computere kënne behale bleiwen, en attendant dass d'Stroumpann opgehuewe gëtt. Dat ass wéi gesot e Montant vun 50.000 Euro.

**4.10.5. Fraise fir d'Maachbarkeetsstudien an d'Mise en conformité vun der oppener Schwämm – 2. Phas, grousse Baseng fir e Montant vu 50.000 Euro**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dann hu mer en Devis estimatif hei virleie vun 50.000 Euro, wat d'Mise en conformité vun der oppener Schwämm ugeet, haaptsächlech déi 2. Phas fir de grousse Baseng, wou och d'Vestiairë musse frësch gemaach ginn Dat muss alles als éischt analyséiert ginn, also musse mer eis do deen néidegen Devis ginn, fir d'Etüde kënnen ze maachen, dat ganzt schreift sech an, an déi Diskussiounen déi mer haten, wou mer dee klenge Baseng an Ugréff geholl hunn, an elo musse mer dee grousse Baseng an d'Vestiairen an Ugréff huelen, dat sinn 50.000 Euro.

**4.10.6. Remise en état vun de Vestiairen an den Tribünen am Stade Jos Nosbaum fir e Montant vun 80.000 Euro**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dann en Devis fir um Stade Jos Nosbaum, d'Remise en état vun de Vestiairen an den Tribünen, do mussen d'Vestiairen an d'Dusche frësch gemaach ginn, déi sinn net méi an engem gudden Zoustand. Och d'Fënstere musse frësch gemaach ginn, fir d'Kanner wann se dohinner an de Gymnase Sport maache ginn, respektiv awer och de Fussball, wann en déi Säll do notzt, mee et ass virun allem fir d'Schoulkanner, dass se awer do an optimale Vestiairë sinn, e muss och frësch ugestrach ginn, et sinn Aarbechten déi maache mer fir 80.000 Euro.

**4.10.7. Installatioun vu Calisthenics fir e Montant vu 50.000 Euro**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dann en aneren Devis, 50.000 Euro, dat ass de Calisthenics, dee wierklech ganz vill Erfolleg huet am Park, deen ass vis-à-vis vum Centre culturel régional, an dat wëlle mer ausbauen, dofir steet dat mat 50.000 Euro zu Buch.

**4.10.8. Erneierung vun der synthetescher Wiss um Mini-stade Ribeschpont fir e Montant vu 25.000 Euro**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): De Mini-stade ass natierlech Opfer vu sengem Succès de syntheteschen Terrain, respektiv de Mini-stade um Ribeschpont, do ass deen Terrain an engem ganz schlechten Zoustand well e vill genotzt gëtt, wat natierlech gutt ass, dat bréngt awer och mat sech dass d'Notzungsgrad beusprocht gëtt, an dee musse mer frësch maachen an dat schléit mat 25.000 Euro zu Buch.

**4.10.9. Amenagement vun enger Spillplaz am Park vum Kasino fir e Montant vu 75.000 Euro**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech hat gesot, dass mer och probéieren, eis bestoend Parke besser ze gestalten, well se e gewëssene Potential hunn, dat heescht am Park Casino wëlle mer eng nei Spillplaz amenagéiere fir Kanner vun 2 bis 12 Joer, an dat ass e Projet, dee kascht 75.000 Euro.

**4.10.10. Amenagement vun enger Plaz an engem Wee mat Trapen an der Rue du Stade Jos Nosbaum / Rue des Fleurs fir e Montant vu 75.000 Euro**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dann de Projet vum Park beim Stade Nosbaum, respektiv an der Rue des Fleurs, wou mer wëllen en neie Wee amenagéieren an de Park frësch maachen, souwuel fir d'Awunner aus dem Quartier wéi och d'Schüler mat engem Accès an de Schoulhaff, dat si 75.000 Euro.

**4.10.12. Reamenagement vun der Rue Jean Friedrich fir e Montant vun 350.000 Euro**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dann hu mer nach e Reamenagement vun der Rue Friedrich, um Niveau vun der Voirie, dat ass e Projet, dee schléit mat 350.000 Euro zu Buch. Och alles dat ass am Budget 2017 virgesinn, dat heiten ass e Budget ouni Kanalisatioun.



**4.10.13. Reamenagement vun der Rue Um Kräizbierg fir e Montant vun 300.000 Euro**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): An dann och nach e Reamenagement vun der Voirie um Kräizbierg fir och déi Strooss frësch ze maachen um Niveau vun der Voirie, respektiv och d'Trëttoiren do auszebauen, dat ass e Budget vun 300.000 Euro.

**4.10.14. Reparatur mat Repositionnement vun de Klimatisatiounsequipementer an den techneschen an informatesche Raim am Stadhaus fir e Montant vun 30.000 Euro**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dee leschten Devis, dee mer virleien hunn, dat ass hei am Haus, d'Häerzsteck am Haus, wat d'Informatik betrëfft, wou och eis Servere sinn, do musse mer eng nei Klimatisatioun virgesinn, déi och eng besser Kapacitéit huet, well am Summer wéi et sou warm war, war et 5 virun 12, do hate mer bal e Kollaps vum informatesche System, dat sinn also Kreditter vun 30.000 Euro, fir do kënne Remedur ze schafen.

**4.10.11. Redressement du croisement Route de Zoufftgen / rue du Commerce et rue du Commerce / rue de la Libération fir e Montant vun 200.000 Euro**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): D'Presentatioun ass prett, wat d'Reamenagementer vun der Kräizung, Route de Zoufftgen, rue du Commerce, rue de la Libération ugeet, an ech ginn hei d'Wuert weider un d'Vertriederin vu Schroeder Associés. Merci.

Schroeder Associés: Gudde Mëtteg vun eiser Säit, mer wëllen Iech eng Kéier kuerz den Double sense vun der Rue du Commerce presentéieren.

Dir gesitt um Titel et ass en CR, also e Chemin repris, eng Staatsstrooss, an dofir ass de Logo vun der Ponts & Chaussées mat op der Presentatioun, well si do e Wuert matzeschwätzen hunn.

E Bild wat mer schonns eng Kéier hei gewisen haten am Kader vum Shared Space, do ass an der Mëtt vun der Strooss natierlech d'Etapp 1, wou de Chantier amgaangen ass mat Lafen, an da gesitt Dir eng 2. Etapp wou d'Plaz virun der Kierch mat dran ass an deem dote Beräich, an natierlech d'Rue du Commerce, wou mer eben herno méi am Detail wäerten drop agoen.

D'Etapp 2 ass ugesat Mëtt d'nächst Joer eng Soumissioun ze maache fir dann Enn vum Joer mat den Aarbechten unzekommen.

Eng 3. Phase, déi lescht, ass den Ufanksberäich vun der Niddeschgaass, déi soll 2019 ëmgebaut ginn.

Dat ass den Zoustand vun der Rue du Commerce wéi en elo ass, dat heescht mer hunn hannen den Dräieck, in dem Bereich Zweirichtungsverkehr, Einbahnverkehr auf zwei Spuren, das heißt, im Moment muss jeder, der von hier kommt, ganz sauber Richtung Autobahn hoch fahren.

Wer allerdings in die Gegenrichtung will, fährt immer hier durchs Zentrum.

Das ist, wenn wie Zweirichtungsverkehr hier installieren, anders, es bleibt das selbe, man fährt auch auf einer Spur, und die Richtung ist eben die, die weg fällt, das heißt wer ins Zentrum will, kommt immer noch über den Kirchenvorplatz ins Zentrum.

Wer aber nicht dahin muss, oder zum Match will, oder zum Parkplatz, der muss nicht mehr mitten durchs Zentrum fahren, sondern der fährt im Double sense durch die Rue du Commerce, und kann hier Richtung Match hoch fahren, so müssen wir die Einbahnstraße umdrehen, so dass wir die auch aus dem Zentrum raus haben.

Wer eben hier auf den Parkplatz will, der muss auch nichtmehr durchs Zentrum fahren, sondern der kann einfach hier rüber auf dem CR bleiben, und hier rüber raus fahren.

Damit wir das hinkriegen, müssen wir auf beiden Kreuzungen Ampelanlagen installieren, die miteinander verbunden sind, und auch wo die Fußgängerampel, die schon besteht, integriert ist, so dass die zwei Ampeln miteinander sprechen, so dass nicht einer hier auf Rot schaltet, während die andern hier alle um die Kurve kommen, so dass sich das zustaut, die müssen schon miteinander kommunizieren, so dass sie so geschaltet sind, dass hier in dem Bereich so gut wie kein Rückstau entsteht. Da ist noch mal kurz ein Projekt.



Fir villäicht nach eng Kéier e bëssen op de Projet anzegoen, wat Iech als Gemeng interesséiert dat sinn d'Trëttoiren, dat ass dat wat zu Laaschte bei enger Staatsstrooss fir d'Gemenge sinn.

Do gesitt Dir giel markéiert de ganzen Dräieck deen haut anescht ausgesäit, wou déi Trëttoiren ronderëm mussen nei amenagéiert ginn, an dann déi nërdlech Säit, wou mer duerch d'Verschibe vun der Strooss den Trëttoire nei maachen.

Hei südlech ass den Trëttoire relativ nei, dat heescht, do géife mer am Kader vun dem Projet net dru goen, an hei ass och elo schonn eng Modifikatioun entstanen, do ass den Trëttoire am Fong hei méi an d' Gréngs verzu ginn, mat dem neie Projet deen do entsteet.

Dat heiten ass u sech eng bësse méi al Versioun, den Trëttoire wäert hei net richt verlafen, parallel zur Strooss, mee am Bou wéi en haut schonns besteet.

Mer kënne villäicht eng Kéier am Zoom e bëssen op déi Kräizung hei agoen, do wäerte rout Luuchten opgesat gi fir de Flux ënner Kontroll ze hunn, an der Rue du Commerce, dass deen duerchlafe kann, och dass de Bus, wann e Bus hei ass, wäert eng Busprioriséierung sinn, dat heescht, do ginn Detektoren an d'Strooss agebaut. Wann de Bus lo hei bei der Haltelinn steet, dann detektéiert dat, an da kritt e gréng geschalt, sou dass dee besser duerch d'Rue du Commerce duerchkënnt.

Wéi schonns erwänt ginn hei d'Sense-uniquen ëmgedréint, haut kënnt ee jo hei vum Match erop gefuer, herno fiert een dann hei erof an de Match, fir dann och dee Flux hei besser ënner Kontroll ze hunn.

Mir hunn natierlech och d'Schleppkurve gekuckt a gekuckt, kënnt de Bus, kënnt den Drecksauto ëm d'Kéier, alles dat hu mer ënnersicht an dat funktionéiert och.

Hei nach déi aner Richtung.

Hier haben wir 2 Busse, die sich begegnen, weil der Bus kann ja in Zukunft in den Gegenverkehr kommen, deshalb sind wir hier in dem Bereich, da müssen wir die Straße ausweiten, damit sich auch 2 Busse begegnen können, so dass es nicht zu Stau kommt, wenn sich 2 Busse begegnen. Wir weiten aber in die Innenrichtung die Straße aus, so dass wir genug Trottoir in dem Bereich haben, an den Aussentrottoir der vor 2-3 Jahren gemacht wurde, da gehen wir nicht dran ändern.

Voilà dann nach eng Kéier de Zoom bei der Rue de Zoufftgen, do ass et esou, dass mer och an dem Beräich d'Strooss, déi haut iwwer 6 Meter breet ass, op 6 Meter anengen, dat ass genau déi Breet déi haut schonns an dem ieweschten Deel do ass, sou hu mer eng duerchgehend Breet, a mer gewannen hei an deem dote Beräich wou haut bal keen Trëttoire ass, e bësse méi Trëttoire.

Do gëtt de Maximum aus der Situatioun erausgeholl wat méiglech ass.

Och do kann ee mat der Schleppkurv soen, déi Haltelinn hei vun der Luucht ass esouwäit zeréck, einfach fir wann e Bus oder den Drecksauto ëm d'Kéier kënnt, dee braucht déi ganz Plaz fir do rëm op senger Spuer ze sinn, dofir ass déi Haltelinn net virun der Kräizung mee déi ass einfach méi wäit zeréck geréckelt.

Hei ass en Ilôt mat Pawee, dee muss do si well de Bus déi dote Plaz brauch fir uerdentlech em d'Kéier ze kommen.

Wat och nei ass par rapport zu haut, hei ass och e Rietsofbéier fir an d'Route de Zoufftgen fir op d'Autobunn hin, an eng Riichtausspuer fir an den Zentrum.

Wir haben das im Kader von der großen Etude Dudelange-Bettemburg mit Verkehrszahlen überprüft, um zu wissen ob das nicht nur gut aussieht, sondern ob es auch in Zukunft funktioniert, das heißt wir haben einmal im Rahmen von der Verkehrszählung im Zentrum von Dudelange gezählt. Wir haben daraufhin eine Mikrosimulation gemacht, das bildet quasi den Zustand ab, wie die Situation ist. Da kann man auch Ampelanlagen einbauen, auch Ampelprogramme einbauen, und das testweise laufen lassen, mit dem Verkehr, der quasi da gezählt wurde, das heißt wir haben den Bestand einmal geprüft, ob es funktionieren würde.

Da sieht man hier in blau, das sind hier zum Beispiel 7 Fahrzeuge, die während der Rotphase in dem Bereich stehen. Im Zentrum ist dadurch, dass viel weniger Verkehr durch das Zentrum fährt, weil eben die Gegenrichtung auf ist, gar kein Rückstau vor der LSA.

Hier im Bereich haben wir auch wenig Rückstau, das Ganze haben wir einmal für die Morgenspitzenstunde, und einmal für die Abendspitzenstunde für den Bestand simuliert, mit den Verkehrszahlen von 2012, da das eine absolut vertretbare Situation mit 10 Fahrzeugen vor der roten Ampel in dem Bereich.



Dasselbe haben wir dann auch mit Prognosen gemacht, die wir mit Hilfe der CMT, die auf Angabe vom PAG die Entwicklung von Dudelange errechnen kann, was das an Mehrverkehr bedeutet, und da haben wir das Quartier Neischmelz, was sich je jetzt demnächst langsam endwickelt über den ganzen Zeitraum, aber wir haben hier schon einen großen Anteil, ich würde sagen fast 90 % vom Quartier Neischmelz mit auf den Verkehr draufgelegt, um einfach zu gucken ob das auch im Endzustand noch funktioniert.

Und da sieht man, der Rückstau wird natürlich gerade in der Morgenspitze, wo der Verkehr hier Richtung Autobahn vom Quartier Neischmelz hochgehen würde, länger, aber auch mit 26 Fahrzeugen für die Rotphase, das heißt der baut sich immer wieder ab, und baut sich über der Rotphase wieder auf, und baut sich in der nächsten Grünphase wieder ab. Das heißt nicht dass sich der Stau hier multipliziert, und irgendwann stehen sie hier hinten, sondern das ist wirklich absolut vertretbar, vor allem mit dem Plus-value, den der Double sense im Zentrum schaffen kann.

Dat heescht, dee Budget am Fong den Dir haut virgeluecht kritt, déi 400.000 Euro TTC, dat betrëfft am Fong d'Amenagementsaarbechten an deene orange Beräicher also den Trëttoire. D'Strooss selwer ass zu Käschte vun der Ponts & Chaussées natierlech, wann déi ëmgeännert huet. Fir nach kuerz ze soen, d'Plus-value ass, dass de Verkéier, deen och herno méi grouss gëtt, awer net duerch Ären Zentrum geet, dat heescht net duerch de Shared Space geet, mee dofir den Double sense a Richtung Rue du Commerce, dass en eben iwwer d'Staatstrooss leeft.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Iech zwee fir déi doten Erklärungen, d'Diskussioun ass elo op, wat den Devis ugeet. Ech géif soen dass mer eis an anger éischter Phas op den Devis hei wat hei d'Rue du Commerce ass, beschränken, wann déi Diskussioun fäerdeg ass, an de Vote geholl ginn ass, da kënne mer mat den aneren Devise weiderfueren, well d'Kolleegen hei nach an en anere Rendezvous mussen.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci, ech wollt just froen: Wann d'Rue du Commerce dräispureg gëtt bei der Maison sociale, heescht dat dann dass déi Parkplazen déi de Moment do sinn, ewech falen, an d'selwecht Bemierkung ënnen an der Kéier, do bei Rideaux Francois, wou dee chinesesche Restaurant ass, do si jo och e puer Parkplazen, falen déi och ewech?

Joseph Thill (Déi Lénk): Jo, ech hu keng Fro mee e Kommentar: Perséinlech sinn ech ganz dofir, dass den Autosverkéier aus dem Zentrum erausgeholl gëtt. Ech war allerdéngs virun 20 Joer selwer an der Verkéierskommissioun, wou dee Versuch gemaach ginn ass. Do ware keng baulech Moossnamen, ech ka mech awer nach erënneren, dass dee Versuch geplangt war fir 14 Deeg, an dass en no engem halwen Dag ofgebrach ginn ass, well de Verkéier net ze meeschteren ass.

Ech sinn e bëssen iwwerrascht iwwert d'Zuelen déi do presentéiert goufen, dass do bei enger rouder Luucht moies fir de Moment an de Spëtzestonnen nëmme soll e Stau entstoe vun nëmmen 6 Autoen, dat kann ech bal net gleewen, well si stinn elo schonns beim Centre culturel. Wéi gesot, ech si ganz fir dat doten, ech wënschen Iech awer och politesche Courage.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci, ech wollt just e Statement maachen: D'CSV huet och de Projet fir de Shared Space ënnerstëtzt, mer fannen, dass dat wichteg ass, dass éischtens emol eng Verkéiersberouegung am Zentrum ass, dass och d'Liewensqualitéit an d'Luucht geet, an duerch de Shared Space wäert dat och geschéien, dofir droe mer deen dote Projet natierlech mat. Dat ass jo och e Ganzt.

Ech ginn awer och de Bedenke vum Här Thill Recht, deem kann ech nëmmen zoustëmmen, well et ass eng exponentiell enorm Erhéiung vum Verkéier a ganz Diddeleng, all Moies, mee ech denken, villäicht wa mer et bësse méi onattraktiv maache fir duerch de Centre ze fueren, dann ass et villäicht virun allem fir déi Leit déi vu méi wäit kommen net méi sou interessant fir eranzefueren. A wann nëmmen déi Diddelenger, déi do wunnen, dës Stroosse benotzen, dat ass jo och dee Wonsch dee mer alleguerten hunn, et ass villäicht e fromme Wonsch, mee mer hoffen awer, dass et dann iergendwéi geet, dass mer do besser doduerch kommen.

Mee mir ënnerstëtzen dëse Projet awer, an ech wollt awer nach kuerz froen, mat der enger Luucht an der Zoufftger Strooss, ass do och gekuckt ginn, wéi et ass mam Accès bei Pro Familia? Well do ass jo eng kleng Servitude, net dass déi doduercher blockéiert gëtt, ass dat hannert där Servitude wou déi rout Luucht ass?



An och den Trëttoir, dee gëtt da jo do erweidert? Well dat ass jo déi ganz geféierlech Plaz do. Jo, ass dat esou? Merci.

Josiane Ries Di Bartolomeo (LSAP): Merci, ech kann dat nëmmen ënnerstëtzen, virun allem wat gutt gëtt, dat ass deen direkten Accès op de Parking vum Fohrmann, well bis elo ass et wierklech esou, dass een do ronderëm knéchelt, bis een do ukomm ass, an doduerch, dass mer do a Double Sense fueren, komme mer jo direkt op de Fohrmann.

Dat zweet wat ech muss soen, et gëtt villäicht Réckstau, mee wat gutt ass, dat ass dass d'Duerf u sech vum Verkéier befreit gëtt, dat heescht et ass net méi, dat vu riets a lenks Autoe kommen, dofir, mer ënnerstëtzen de Projet absolut, a wéi gesot, d'LSAP stëmmt e selbstverständlech.

Colette Kutten (Déi Gréng) : Just nach zwee Sätz, mir als Gréng hu schonns virun 20 Joer déi virgestalte Variante an enger vun eisen ale Brochüre proposéiert a mir ënnerstëtzen dofir och d'Ëmsetzung, quitte, dass natierlech de Verkéier ni wäert ganz verschwannen, mee d'Claudia Dall'Agnol sot jo schonns, mer sinn all Deel vum Problem, an ech mengen et ass och un eis alleguerten, dozou bäizedroen de Problem ze léisen well ouni dat ginn et keng Moossnamen déi jee kënnen zu engem Erfolleg féieren.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, dat heiten ass jo och eng Moossnam, déi um lokalen Niveau ofgebrach ass, ouni ze vergiesse wat um regionalen an nationale Plang am Fong virgesinn ass, dat Ganzt schreift sech eben an eng Gesamtheet eran, an déi éischt Akzenter déi mer hei kënne setzen, dat dote geet sécher an déi richteg Richtung, an et ass gutt ze héieren dass déi ganz breet Bänk hei der selwechter Meenung ass, et waren nach aner Detailfroen, do ginn ech lech d'Wuert direkt weider.

Schroeder Associés: Zu den Parkplätzen hier vorne, die müssen weg, das ist auch der Unterschied zu dem Test, der hier vor Jahren gemacht wurde, wir haben hier den Rechtsabbieger, der es erzwingt, wenn wir den nicht haben, dann haben wir in dem Bereich viel Rückstau, weil es viele gibt die gerade aus fahren, und viele, die rechts abbiegen, und die müssen sich auf zwei Spuren verteilen können, sonst wird es in dem Bereich kritisch, und daher sind es eben die Parkplätze, die in dem Bereich dafür weichen müssen.

Die müssen, einfach weil wir hier ein Stück rüber gehen, um nicht an den Bereich Bürgersteig rangehen zu müssen, haben wir hier die Parkplätze die wegfallen.

Et kann ee villäicht soen, dass déi Parkplazen déi bleiwen, dat sinn déi heiten, déi gro markéiert an dann hu mer dee Beräich hei, wou och Parkplaze sinn.

Hier in dem Bereich sind im Moment auch Spuren, die weitergeführt werden, und die eine Spur, die dadurch wegfällt, weil wir nur einen haben der hier geradeaus weiterfährt, und auch die die von hier kommen, können nur auf einer Spur weiterfahren, weil eben eine Spur weitergeführt wird, und hier der Verkehr da ist, der ist nicht mehr notwendig wenn weniger durchs Zentrum verkehrt wird. Dann haben wir den Platz genützt, um ein paar von den Parkplätzen die hier wegfallen, hier durch Schrägparken neu hinzusetzen.

Auch haben wir hier einen Lieferungsbereich gedacht, der bleibt hier erhalten.

Jean-Paul Gangler (CSV): Heescht dat, et kann een herno net méi vun der Zoufftger Strooss erof an deen ënneschten Deel vun der Rue du Commerce fueren, an dann duerch d'Rue Jean Jaurès?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dach, dat ass just net méi sou attraktiv, mee et bleift bestoen, sou wéi een och kann duerch d'Niddeschgaass duerch de Shared Space ka weiderfueren, mee et ass manner aktiv.

Et ass Shared Space, et bleift op, mee et ass manner aktiv.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Ech wollt nach eng zäitlech Fro stellen: Wéini maache mer dat da virun der Kierch dee Shared Space Beräich do? Gëtt dat och an dem dote Projet matgemaach?



Schroeder & Associés: Dat gëtt zesumme gemaach, dat gëtt eng Soumissioun mat enger Partie vun der Rue du Commerce, an natierlech déi ganz Plaz virun der Kierch.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Also et ass virgesinn dass bis beim Safe do gëtt de Shared Space do duerchgezunn, du kanns nach ëmmer do duerch fueren, mee et ass manner attraktiv wéi elo, et ass vill manner aluedend, éischtens dass de da lénks ofbéis an d'Rue du Commerce fir an d'Rue de la Libération ze kommen.

Schroeder & Associés: Es war mal die Idee, dass man hier eventuell sagt, man fährt nicht mehr in die Richtung durch, sondern hier nur den Bus noch, aber das ist kein Muss. Wir haben hier nicht viel Verkehr, das heißt was hier an Verkehr noch durchfährt, passt komplett auf den Shared Space. Shared Space heißt, die Autos können noch durchfahren. Von daher ist das kein Muss sondern eine Option.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir all déi Erklärungen, eis war et wichteg fir Iech nieft deem Kredit, dee mer virleien hunn, d'Envergure vum Projet ze weisen, dass een dat och ka faassen a spieren, et geet haaptsächlech dorëms.

Merci dass Dir konnt de Moien heihinner kommen, fir déi dote Presentatioun ze maachen, a mer géifen Iech dann elo entloossen.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Ech wollt nofroen, wou an der Zoufftger-Strooss d'rout Luuchte stoe kommen?

Schroeder Associés : Also, in dem Bereich haben wir sie extra hier vorne so hingestellt, dass wir weder ein Hauseingang, noch irgendeine Einfahrt blockieren, und auch das im Aufstellbereich hier, direkt hinter der Linie, keine Einfahrten sind, es ist geguckt, und das ist unproblematisch in dem Bereich.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci wéi gesot fir d'Explikatioun, a mer kënnen Iech elo feierlech entloossen.

Léif Kolleegen, wann nach aner Froe sinn zu deenen aneren Devisen, dann ass elo de Moment.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci, ech wollt als éischt Froen zu dem Wartungsvertrag stellen: Et ass wéi Dir sot, mer haten do wéi mer ausgeschriwwen hate vum Hartmann, dass do sollt e Wartungsvertrag vun 2 Joer sinn, Där hutt elo grad gesot, dee leeft am November 2017 aus, mee ech froe mech firwat mer dann elo mussen en neien Dossier ausschaffen, firwat kënne mer dat net an Eegeregie maachen, mer hu jo den Här Tessaro, en exzellenten Ingenieur, dee kennt all Kabel an all Rouer deen do leeft auswenneg.

Firwat kënne mer eis net op den ale Wartungsvertrag baséieren an einfach mat senger Hëllef en neie Wartungsvertrag ausschaffen, an dann deen einfach an d'Soumissioun ginn.

Dofir ass meng Fro, firwat elo déi 22.000 Euro musse si fir datt en Externe kënnt, wou eisen Ingenieur jo dann awer muss mat deem zesumme schaffen an dee viregte Wartungsvertrag zesumme muss ausgeschafft ginn, do denken ech, déi Suen hätt ee kënne spueren. Wann Der mer do kéint Explikatiounen derzou ginn.

Da wollt ech soen zu der Sonorisatioun, dat ass sécher kee Luxus, mee ech muss och soen, am Hartmann ass d'Sonorisatioun nach net optimal, dat hu mer erëm gesi bei der Sportleréierung, et huet ee bal näischt verstanen.

Also, ech weess net wat mer do net vun Ufank u gekuckt hunn, dass mer do op e méi en héije Standard komme vu Sonorisatioun, well d'Duerchsoe sinn nach ëmmer net ganz verständlech.

An da wollt ech froen, wann een elo am Grimler d'Sonorisatioun and d'Lautsprecher an alles besser mécht, gëtt do de Point Presse gemaach, well am Hartmann sëtzen déi op engem aarmséilege klengen Dësch mat engem Stull, mat de Kopfhörer um Kapp. Wa mer schonns do nei maache kënne mer do net eppes maache, wat méi adäquat wier fir d'Press, et ass och an der Sportskommissioun schonns e puermol erwänt ginn dass déi och soen, mer brauchen e bëssen eppes wat méi professionell ass, net dass déi sech musse mam Kopfhörer dann nach d'Oueren zouhale wann se mussen eng Duerchso maachen, dat ass net professionell.



Dann, wou mer awer net averstane sinn, dat ass dass mer elo mussen en Nobreak-System stëmmen. Dee ganze Komplex ass nei gemaach ginn, dat huet 26.000.000 Euro kascht, an do hate mer dat da vergiess dat mat an de Cahier de charges ginn? Oder firwat ass dat dann elo réischt néideg, an dat fanne mer schuet, dass dat net schonns déi éischte Kéier dra war.

Zu der Schwämm musse mer soen, wann ech dat richteg verstanen hunn, dat ass net nëmme fir de Baseng, mee och fir d'Vestiairen, an Duschen?

Dat ass dat wat mer mam Här Tritz Rieds haten. Dat ass d'Kontinuitéit, dat begréisse mer.

Dann dee Calisthenics, do ass d'Fro wou stelle mer den hin deen zweeten oder gëtt do wou deen ass deen erweidert? Dat waren nach déi Froen, déi ech mer nach opgeschriwwen hat. Merci.

Joseph Thill (Déi Lénk): Merci, ech hätt och puer Froen: Meng éischt ass beim Punkt 7 och vum Calisthenics, also deen huet Uklang elo vis-à-vis vum Kulturzentrum, mee ech froe mech ob en net méi interessant wier op enger anerer Plaz, wou esou eppes net steet, well en ass awer net sou iwwerbelascht, dass d'Leit net kënnen do hir Übunge maachen.

Dann de Punkt 8 mam Gazon synthétique um klenge Stadium Ribeschpont, do wollt ech einfach wëssen, wéi al dass deen aktuelle Sportbuedem ass, firwat dass deen elo muss ersat ginn.

Dann de Punkt 9, déi nei Aire de jeux beim Parc Casino, kéinte mer do schonn e Plang presentéiert kréien, oder ass dat nach net fir de Moment méiglech?

Da just nach de Punkt 10, ech wunnen net wäit vun deene Stroosen ewech, ech weess net richteg, wat mat dem Projet an der Rue des Fleurs a beim Stade Nosbaum gemengt ass, kéint ech do einfach e puer Explicatioune kréien?

Wann do "Aménagement d'une place et d'un chemin avec escaliers" steet, wéi eng Trape sinn dat? Merci.

Colette Kutten (Déi Gréng) : Och nach just e puer kleng Froen, grondsätzlech zu der Salle Grimler an der Modernisatioun vum Éclairage, an och d'Tribünenerneierung.

Sinn dat Moosnamen, déi sech op de Confort beschränken oder ass et eng Noutwennegkeet? Well et muss een och ëmmer am A behalen, fir all Modernisatioun musse mir déi al Saachen entsuergen a mir verbrauchen erëm nei Ressourcen.

Dofir: Ass dat heiten elo wierklech eng Noutwennegkeet, oder ass et éischter eng flott Modernisatioun, wou d'Leit sech bestëmmt alleguerten driwwer freeën, awer déi net onbedéngt muss sinn .

Zum Calisthenics wollt ech och gäre wëssen, wou ass do den neie Standuert, a wéi en Zilpublikum gëtt ugeschwat, wéi eng Zort vu Leit, Alter, Fraen, Männer, wien ass do am meeschten ugesprach? An no wéi enge Kritären hutt Der den Ziluert ausgesicht?

An zu der Erneierung vun deem synthetesche Rasen um Ribeschpont wollt ech froen, ob dat wierklech noutwenneg ass an ob et Recyclageméiglechkeeten ginn fir dee Gazon synthétique? Merci.

Bob Claude (LSAP): Zum Grimler wëll ech just soen, dass deemools wéi hien ageweit gouf, also den neien Hartmann deemools, dass mer schonns direkt gesot hunn, mat där doter mickreger Sonorisatioun, dat bréngt et net, dat muss eng Kéier geännert ginn, an elo, souvill Joer duerno, gëtt et endlech geännert.

Et ass och esou, e Sportsevent haut, dat ass net nëmmen, dat wat um Terrain gespillt gëtt, mee och ronderëm an do gehéieren och dee ganze Luuchteneffekt an déi ganz Sonorisatioun dozou.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dofir, hutt Der nach weider Froen, dat ass net de Fall, da geet de Loris Spina op e puer Punkten an, an dann enchaînéieren ech.

Loris Spina (LSAP - Schäffen): Merci, e puer Äntwerten, e bësse queesch duerch de Gaart. Fänke mer mam Ribeschponter Terrain un, deen ass effektiv iwwer 5 Joer al, an ech hu mer d'Situatioun ugekuckt, deen ass méi wéi um Enn, do si richteg Lächer ze erkennen, deen ass wierklech net méi ze gebrauchen, dat ass eben och well e vill genotzt gëtt, dofir gëtt deen elo wierklech ersat, an déi 25.000 Euro sinn dofir do méi wéi gutt ugeluecht.



Wat Calisthenics ubelaangt, deen ass op fir jiddereen, jiddereen dierf sech do austurnen, ophänke goen, austoben, fale loossen, erunzéien, wat och ëmmer een domat ka maachen, jiddereen natierlech no senge Moyennen.

Et muss een och virsiichteg do eru goen, et ass zwar e Prallschutz drënner, mee dee garantéiert net fir alles.

Et ass awer elo sou, dass virun allem Jonker ab 12 Joer bis de jonken Erwuessenenalter sech do regelméisseg ophalen, do si vill Diddelenger, mee och Leit vun auswäerts, déi do kommen, well et esou Calisthenics an där Form soss dorëmmer net ugebuede gëtt, an en huet en immense Succès, an am Kontakt mat deene Leit ass och festgehale ginn, dass mer ronderëm déi bestoend Infrastruktur nach punktuell Dips virun allem, géife feelen, an da géife mer hinnen dat och zur Verfügung stellen. Mer hunn eis awer och op gelooss, fir nach deen een oder aneren Element op anere Plazen an Diddeleng ze installéieren, do wou d'Leit lafe ginn, wéi mer och schonns e Fitness-Parcours haten, dat ass awer och nach eng Méiglechkeet, sou dass mer do e gewëssene Fräiraum hunn.

Wat d'Luuchten am Hartmann ubelaangt, effektiv, déi sinn energetesch sécherlech net virdeelhaft, respektiv kann ee just alles un oder aus maachen, et sinn eng ganz Rei vun Aschränkungen, an dunn hu mer dru geduecht, dass mer vum Moment profitéieren dass se energetesch um Enn sinn, an drop an dru si fir missen ausgetosch ze ginn, fir LED do ze installéieren. Dat ass beim Invest méi deier, mee wäert sech mam Energieverbrauch an deenen nächsten 2-3 Joer séier amortiséieren, an du kanns, wéi ech virdrun ugedeit hunn, eng gewësse Szenerie spille loossen, du kanns méi punktuell déi Luuchten asetzen, sou das och déi Events déi do stattfanne kënne vun der Beliichtung profitéieren.

D'Press, do sinn déi Plazen déi virgesi sinn, déi si schlecht méiglech auszeweiden, wann s de do elo nämlech géifs Kabinne maachen, häss de manner Zuschauerplazen, sou dass dat net ganz gënschteg ass. Et muss een och soen, dass an der Press elo op eemol méi Kameraen do sinn ewéi soss, soss war et wann iwwerhaapt den RTL, mëttlerweil mat Internet a Web-Radioen, a Fernseh ass do e gewëssenen Drock entstanen. Mä eise Service des Sports, deen de Constat och gemaach huet, huet nach eng Kéier mat de Presseleit Kontakt opgeholl fir ze kucken, dat Beschtméiglechst doraus ze maachen, mee wa mer hinne méi Plaz ginn, hu mer manner Plaz fir d'Zuschauer, sou dass mer do e Balancenakt probéieren, wou all Mënsch kann anstänneg schaffen an den Event genéissen. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech ginn och nach op Punkten an. Et war déi Demande par rapport zum Här Thill, wat de Kasinospark ugeet. Dee Montant, dee mer agesat hunn, dat ass de Montant aus Erfahrungswäerter, mer hunn Ideeë wéi et kann ausgesi mee nach kee Plang virleien, mer wëssen awer dass mer an eng Richtung wëlle goen, dass Kanner vun 2-12 Joer op déi Spillplaz kënne goen, a wa mer mat deem Budget, do musse mer kucken, wat ginn et vu Spiller déi an déi Richtung ginn, hei ass en Erfahrungswäert-Montant, deen och dra gesat ginn ass.

Dat anert ass de Park beim Stade Nosbaum an der Rue des Fleurs, wann Der dee virun Aen hutt, dat ass e Park dee gesäit de Moment net gutt aus, et ass e Wee, deen ass net aluedend, an d'Iddi ass dee Wee frësch ze maachen, de Park nei ze amenagéieren, eng gewësse Qualitéit eranzebréngen, dass déi Leit aus dem Quartier notze kënnen, dass déi sech do kënnen ophalen, an op där anerer Säit gëtt e Wee esou gemaach, mat enger Trap, dass ee vum Park kann direkt an de Schoulhaff eriwwer goen, sou dass d'Kanner um séchere Schoulwee an deen neie Park kënnen era goen an iwwert deen dote Wee kënnen an de Schoulhaff goen.

Dat heiten sinn zwee Projete, zwee Devisen, wou mer awer och zwee Parke valoriséieren a méi eraus huele wéi dat de Moment de Fall ass.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci, déi Saach mat de syntheteschen Terrainen, déi mécht mir elo e bësse Gedanken. Mer hu jo nach e sou een Terrain am Angeldall an déi zwee grouss synthetesch Terraine fir de Fussball. Eise Sportspezialist, de Jemp Friedrich, hat mer gesot, dass deen am Ribeschpont, ëm deen et elo hei geet, 20 Joer al wier. Elo seet den Här Spina dee wier nëmme 5 Joer al. Elo misst ee sech awer villäicht Gedanke maachen, ob mer mussen an engem Rhythmus vu 5 Joer all déi synthetesch Terrainen do regeneréieren? Da gëtt dat awer zolitt Folgekäschten. Wéi mer dat do am Ufank gestëmmt hunn als eng gutt Saach fir de Sport, do hu mer net gesinn, dass dat kuerzfristeg esou héich Montante géif gi fir déi synthetesch Terrainen ze ersetzen.

Kënnt Dir mir soen ob dat esou ass, oder ob ech alt erëm eng Kéier wéi Dir ëmmer sot alles schwaarz gesinn?



Loris Spina (LSAP - Schäffen): Deem leschte Saz wëll ech elo net widderschwätzen, fir de Rescht ginn ech Iech awer och Recht, dass den Terrain effektiv 5 Joer al ass, an dat ass d'Schoul an d'Alentouren déi sinn 20 Joer al, do dierf een net dat eent mat deem anere vermëschen. Déi Mini-staden hunn en anere syntheteschen Terrain wéi déi offiziell Spillterraine vum F91, an deem heite Fall, also dat si sécherlech zwee Puer Schung, anerwäerts, hänkt et och do e bëssen dovunner of, wat ee vu Budget investéiert, da kritt een och déi Qualitéit vu syntheteschen Terrain. Dat sinn och Projeten, déi zu hirer Zäit nei waren, wéi ginn se elo genotzt, wann se méi Succès hunn, da leit den Terrain och deementspriechend méi.

Deemools war dat och an engem Gesamtkonzept, an do war eben e Montant x iwwereg bliwwe fir de syntheteschen Terrain, an deen huet net méi laang gehalen, lo mat deem heiten hoffe mer, dass mer méi laang eppes dovun hunn.

Friedrich Jean-Paul (CSV): Ech wëll just dozou soen, den Här Spina huet Recht, wat d'Fussballsterrainen ubelaangt, do sinn et jo d'Clibb déi dat organiséieren, an do ass jo och en Trainer deen dat geréiert.

Op deen heiten Air-de-jeuxen, do geet jiddwer x-beliebegen hin, an do gëtt och méi geraibert. Et ass awer och esou, dass déi Terrainen déi vun de Clibb genotzt ginn och séier an der Qualitéit ofhuelen, mee do kann en Ënnerhalt gemaach ginn, während deems wou bei den Air-de-Jeuxen de volle Programm gemaach gëtt, an déi Terrainen dann och an der Qualitéit ofhuelen, mee do muss awer och a Stand gesat ginn, well wann s de dat net mëss, dann ass eng Gefor do dass sech reell wéigedoe gëtt, an dat kann een net veräntwerten. Dat wollt ech just derzou soen.

Joseph Thill (Déi Lénk): Merci, ech wollt just bäifügen, ech gesinn där synthetescher Terraine jo e ganze Koup, déi eng gi séier futti, an déi aner hale sech vill besser, ech denke schonns, dass déi Responsabel vun der Gemeng mat deene Leit geschwat hu fir eng gutt Qualitéit ze kréien.

Also, e syntheteschen Terrain ass net gläich syntheteschen Terrain, ech schwätzen elo vun de Fussballsterrainen, wou Equippen driwwer schwätzen, do sinn der och déi sinn a 5 Joer futti, also méi wéi futti, an anerer hale méi laang, et ass schonns derwäert, an eng gutt Qualitéit ze investéieren.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci och, da géif ech soen dass mer zur Ofstëmmung komme vun dësen Devisen, kënne mer en bloc ofstëmmen? Oder eenzel?

Dann huele mer een nom aneren.

Deen éischten Devis, de Cahier de charges fir d'Wartung, wien ass domat **averstanen?** Dat si stëmme vun **LSAP**, **ADR**, **Déi Lenk** an déi **Gréng**.

Wien enthält sech? Dat ass **d'CSV**.

Dann hu mer **d'Tribünen am Hartmann**, wien ass domat **averstanen**?

Dat ass **unanime**.

Dann **d'Modernisatioun vum Éclairage a vun der Sonorisatioun vum Grimler,** wien ass domat **averstanen?** Dat ass **unanime**

De **System Nobreak,** wien ass domat **averstanen?**

Dat sinn d'Stëmme vun **LSAP, ADR, Déi Lenk, déi Greng.**

Wien **enthält** sech? **D'CSV**.

Dann **d'Etude de faisabilité vum grousse Baseng a vun de Vestiairen,** wien ass domat **averstanen?** Dat ass **unanime**.

Dann **d'Remise en état vun de Vestiairen am Stade Jos Nosbaum?**

Dat ass **unanime**.

Dann de **Calisthenics**, wien ass mat deem Devis **averstanen?**

Dat ass **unanime**.

Dann de **syntheteschen Terrain um Ribeschpont,** wien ass domat **averstanen?**

Dat ass **unanime**.

Dann **d'Spillplaz am Kasinospark,** wien ass domat **averstanen?**

Dat ass **unanime**.



Da weider de de **Park beim Stade Jos Nosbaum an der Rue des Fleurs,** wien ass mat dem **averstanen?**

Dat ass **unanime**.

An da komme mer bei **d'Reamenagement vun der Route de Zoufftgen, Rue du Commerce,** wien ass domat **averstanen?**

Dat ass **unanime**.

Dann de **Reamenagement vun der Rue Jean Friedrich,** wien ass domat **averstanen?**

Dat ass **unanime**.

De **Reamenagement vun der Rue du Kräizbierg,** wien ass domat **averstanen?**

Dat ass **unanime**.

**D'Klimatisatioun am Gemengegebai,** wien ass domat **averstanen?**

Dat ass **unanime**.

#### 4.11. Subsides extraordinaires à attribuer;

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dann hu mer d'Devisen hannert eis, da gi mer op den nächste Punkt eriwwer, ausseruerdentlech Subsiden, déi de Gemengerot accordéiere kann an déi ginn dës Kéier en bloc un den Dëschtennis Diddeleng, engersäits well se de Championstitel vu Lëtzebuerg geholl hunn, dat ass e Subsid vun 250 Euro, dann am éischten Tour bei der Coupe d'Europe bei den Hären 500 Euro, éischten Tour Coupe d'Europe bei den Dammen, och 500 Euro, an den zweeten Tour Coupe d'Europe bei den Dammen, 750 Euro, also e schéine Palmarès vun dem Dëschtennis Diddeleng.

Wien ass mat deene Subsiden **averstanen?** Dat ass **unanime**. Merci.

## 5. OFFICE SOCIAL – PRESENTATIOUN VUM RAPPORT D'ACTIVITÉ FIR DEN EXERCICE 2015 AN APPROBATIOUN VUM BUDGET RECTIFIÉ VUM EXERCICE 2016 A VUM BUDGET INITIAL VUM EXERCICE 2017

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Elo fuere mer weider a begréissen de Gilbert Loos an de Jacques Hansen well mer kommen elo zu der Presentatioun vum Rapport d'activité fir den Exercice 2015 an zur Approbatioun vum Budget rectifié vum Exercice 2016 a vum Budget initial vum Exercice 2017 fir den Office social. Ech géif hei de Kolleege ganz gären d'Wuert gi fir eis duerch ze féieren an deementspriechend och eng Diskussioun kënnen ze féieren. Dir décidéiert mat wat Dir ufänkt.

Gilbert Loos (Gemengereceveur): Gudde Mëtten. Ech presentéieren de Budget rectifié 2016 vum Office social an de Budget 2017 vum Office social. Mir hunn um Tableau – dat heiten ass natierlech eng vereinfacht





Form, den Detail kënnt Dir Iech zu all Moment bei mech oder bei d'Carole Wagner ukucke kommen, dat ass kee Problem.

2016, toutes conventions confondues, hu mer 2.303.817,36 Euro Recettë gehat an 2.019.024 Euro Dépensen. Dat ass e Surplus vun 284.793,36 Euro.

Dat ass u sech wéi all Joers d'Contributioun vun der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte, déi awer 2016 exzeptionell héich ausgefall ass.

2017 hu mir virgesinn 2.258.950 Euro Recetten an 2.179.000 Euro Depensen.

D'Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte läit normalerweis bei ongeféier 100.000 Euro, 115.000 Euro, duerfir dat ass rëm en normaalt Joer an en Deel dovunner gëtt souwisou reinvestéiert.

2017 hu mir dann och am Extraordinaire virgesi fir eng Acquisitioun vun engem Gebai ze maache fir sozial Wunnengen, fir awer iwwert den Office social direkt ze verlounen, well elo am Moment lount den Office social all d'Gebaier entweder bei Privatleit oder bei der Gemeng.

An hei wier dann eng Acquisitioun virgesinn déi direkt iwwert den Office social géif lafen. Duerfir do déi 500.000 Euro. Mir hate bis 2016 e Surplus – ech wëll net vun engem Bénéfice schwätze well ech fannen dat mécht net gutt an engem Office social – mir haten en Excédent oder Surplus vu 694.766,90 Euro am Ganzen. Duerfir kënne mer als Office social och déi 500.000 Euro do esou investéieren.

Duerfir géif dann 2017, wann deen neie Surplus derbäi kennt, och nach en Excédent bleiwe vun 274.716,90 Euro.

Ech ginn elo op déi nächst Säit.

Et si jo nëmmen d'Konventiounen 0 an 1 vum Office social déi d'Gemeng direkt betreffen, déi aner ginn zu 100% entweder vum Ministère de la Famille, vum SRAS a vum Ministère de la Santé gedroen, respektiv d'Konventioun 2 sinn d'Gestioune wou d'Leit souwisou selwer erëm zeréck bezuelen.

Wann ech op d'Konventioun 0, dat ass 50% Gemeng a 50% Ministère de la Famille, dat ass ëmmer och dee gréissten Deel vum Budget. Mir hunn 2016 Ausgabe gehat (oder wahrscheinlech hu well mir si jo nach net ganz fäerdeg) 862.350 Euro. Mir kréien direkt erëm vum Tiers payant social an iwwert de Centre commun 13.000 Euro. Et bleiwen dann – opgedeelt vu datt d'Gemeng an de Ministère de la Famille sech dat deelen – 424.675 Euro fir déi zwee ze bezuelen. Dat mécht eng Pro-Kapp-Participatioun vun 21,52 Euro.

2017 ass de Montant ähnlech. Dat wäre 424.825 Euro.

Et ass ëmmer schwéier dat viraus ze soen, awer an deene leschte Joeren hunn d'Chifferen net ganz vill variéiert. Vu datt mir elo mat 20.000 Leit rechnen (dat doten ass 20.003, dat ass STATEC 1.1.2016, dat sinn déi Zuelen, déi mir och benotzen), wär dat dann eng Pro-Kapp-Participatioun vun 21,24 Euro pro Awunner, et géing also liicht erof goen, oder, soe mer léiwer stabel bleiwen.

Wann een d'Konventioun 0 dann och e bësse méi genee kuckt, dann huet een déi 862.350 Euro.

2016 bestinn dorauser d'Organes politiques, dat sinn d'Jetonen an esou, d'Coordination administrative an d'Personal, Opérations financières, wat minim ass, an d'Aide aux nécessiteux si 659.000 Euro, déi un d'Leit déi am Besoin sinn ausbezuelt ginn.

2017 ännert dat net vill.

Wa mir dann op d'Aide aux nécessiteux méi genee era ginn, do gesi mir dann, 86.850 Euro si fir de Frais de fonctionnement, dee Loyer dee mir hunn, deen den Office social un d'Gemeng bezilt, nach verschidden Ausgabe soss, dann d'Personal an dann d'Aiden, déi ausbezuelt ginn. Déi Chifferen hu mir dann do virun den An.

Wat vläit 2016 och interessant ass, wat bäikomm ass, mee dat ass an der Konventioun 1, dat ass de Logement. De Logement huet eis 2016, wat jo deen neie Projet ass vum Office social, 202.600 Euro kascht a wäert eis 2017, vu datt dat Ganzt evoluéiert, 288.000 Euro kaschten. Dovunner dréit och d'Gemeng dann zwou hallef Payen an ech mengen d'Loyere gi virgestreckt un d'Gemeng, mee dat ass dann d'Dépense, déi den Office social bezilt un d'Gemeng oder un d'Privatleit, mee d'Leit déi dra wunne mussen natierlech dee Loyer zeréck bezuelen.

Voilà, dat heite war elo séier, ech wollt elo net zevill mat Zuelen hei ronderëm geheien, mee wa Froe sinn, stellt se roueg.



Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Gilbert Loos fir déi dote Presentatioun. Da ginn ech vläit dem President d'Wuert fir de Rapport d'activité fir datt mir dat Ganzt virstellen an duerno diskutéieren, fir datt eng gewësse Kohärenz am Debat ass.

Romy Rech (LSAP – President vum Office social): De Rapport d'Activité bezitt sech natierlech op 2015, dat ass jo net elo op 2016, respektiv Ausbléck 2017.

Éischtens mol stellt ee fest vun 2011 un, datt et natierlech eng konstant Augmentatioun gëtt vun den Akten a vun de Kontakter, vun den Demandë vun de Leit op där enger Säit.

D'Dossieren, dat kann ech hei allgemeng soen, ginn ëmmer méi komplex a fuerderen ëmmer méi Analyse, méi Suivi a méi Encadrement. Dat ass eng Tatsaach.

Also, dat ass wéi et sech am Moment – ech vermëschen e bësselchen an deem wat ech lech elo soen dat wat ech um Terrain Dag fir Dag erliewen an dat wat am Rapport d'activité hei dran ze gesinn ass.

Wann een elo den Iwwerbléck kuckt, déi eenzel Rubriken, déi Der an der flotter Dokumentatioun, déi de Jacques Hansen an d'Carole Wagner op där enger Säit zesummegesat hunn, wann Der dat kuckt, da gesitt Der, mir hunn dat agedeelt op de Profil vun den Demandeur-d'aiden, op d'Aide non-financière natierlech, op d'Secours-financieren, op den TPS, dat heescht den Tiers Payant Social, op d'Gestion financière volontaire, op en neit Kapitel, dat elo wierklech ufänkt immens ze evoluéieren an aktiv hei an deem Rapport sech wäert breet maachen, op d'Logements communaux sociaux, op d'Aide-complémentairen an aner Saachen an natierlech e kléngt Wuert och nach zum SNAS oder zum SRAS.

Mir haten de Moien d'Chance iwwert de Sozialschäffe schon eng Rei vun Detailer gewuer ze ginn. Ech soe just, datt Der an där flotter Dokumentatioun, déi Der jo alleguer kritt hutt, déi mir bewosst ganz transparent a ganz anschaulech hale fir datt och jidderee kann novollzéie wat eigentlech an deem Office social Dag fir Dag an d'ganzt Joer duerch geschafft gëtt.

Wa mir elo hei zum Beispill – also ech huelen elo wierklech déi ganz wichteg Saachen eraus – kucken, wéivill Leit virstelleg gi sinn am Office social, also wéivill Kontakter mir 2015 haten, da gesi mir, datt mir e ganz secen Opschwong, also eng ganz sec Augmentatioun zum Exercise 2014 hunn. 2014 ware mir nach ënnert der 1.000-Barrière an 2015 si mir iwwert déi Barrière erauskomm a mir si mat 1.080 Kontakter konfrontéiert ginn. Dat sinn d'Zuelen.

Dat ass awer net dat wéi et sech an der Praxis all Dag eigentlech duerstellt, well hannert enger Zuel oder hannert engem Dossier stécht natierlech e gewësse Suivi, en Encadrement.

Do hunn ech jo schonn Ufanks och a menger Preface gesot, oppassen!, dat fänkt un esou eng diversifiéiert a komplex Palette vun Demanden a Wënsch a Propositioune vun de Leit selwer ze ginn.

D'Urgencë kommen dann och nach derbäi.

Et ass wierklech am Moment esou, datt déi Servicer – ech wëll dat net elo dramatesch maachen, mee awer trotzdem – bëssen implodéieren an explodéieren, well dach, an dat huet de René Manderscheid jo och éineschters scho gesot, déi Hemmschwell Gemeng, d'Gebai vun der Gemeng, fir mussen an d'Gemeng eranzegoe fir kënnen um 2. Stack bei den Office social ze goen, an elo déi Geschicht Maison sociale, well dat geet nach vill méi fléissend, nach vill méi diskret an nach vill méi anonym iwwert d'Bühn an d'Leit gesinn elo och d'Maison sociale net méi – dat ass schonn eng Zäitche wouer an och den Office social net méi – als dee klasseschen Aarmebüro, mee dee Büro dee ville Leit an der Nout extreme wichteg Informatiounen an Hëllef, onbürokratescher Natur och, zur Verfügung stellt.

Interessant ass, wat hannert deenen 1.080 Kontakter fir 2015 stécht: Dat sinn 810 Ménagen, déi betraff sinn. Dat sinn 10,8% vun de Ménagë vun der Stad Diddeleng, dat ass net näischt.

Ech mengen, datt hu mir och schonn déi Jore virdru festgestallt, dat ass awer e Ratio, deen awer ëmmer an ëmmer erëm ze denken an ze bedenke gëtt.

Interessant ass och d'Nationalitéit vun der Clientèle. Dir gesitt, datt och eis portugisesch Communautéit, eis portugisesch Matbierger, ugefangen hunn, d'Spëtzt ze iwwerhuelen an den Demanden, an den Akten an an den Demandë mat 39,8%.

D'Lëtzebuerger kommen do mat 34,4% hannendrun. Dat hält sech einegermoossen nach ëmmer d'Wo, mee



et gesäit een awer och wien an der Populatioun wat fir eng Paien huet a wat fir eng Aarbechte mécht. Dat muss een dann awer och hei dee Moment an deemententsprechend esou soen.

Déi aner Nationalitéiten hutt Dir an de Statistiken, ech ginn elo net weider dorop an.

Sou, lo déi 1.080 Kontakter, an elo komme mir bei d'Wouerecht, wéi vill Dossiere sinn dat?

2015 sinn dat 7.592 Akten, 3.794 Dossieren a 7.592 Akten. Dat ass enorm.

Wann Dir elo d'Zuel vun 2014 huelt, da gesitt Der, datt dat nach 3.619 Dossiere waren awer 5.555 Akten.

Do gesitt Dir, datt sech eppes an der Bevëlkerung deet, besonnesch bei deenen déi noutbedürfteg sinn, déi wierklech Besoinen hunn an där Leit ginn et – ech wëll dat nach eng Kéier hei betounen – an dëser Bevëlkerung, moies, mëttes an owes, a jiddwereen ka mol eng Kéier an déi dote Grozone erafalen, an et ginn där, wéi gesot, vill.

Ech wëll e bëssen agoen op déi Geschicht vum Logement. Ech vermëschen awer do e bëssen déi dräi Exercicer, well et muss een awer oppassen, wann een iwwert Logement schwätzt, wat dat eigentlech um Terrain heescht.

Logement ass net gläich Logement an och Aide au logement ass net gläich Aide au logement.

Villes– an dat ass och, a mengen An, eng vun deene villen Erkenntnisser déi mir am Moment am Office social amgaang sinn ze maachen – huet ze di mat engem Encadrement vun engem Client – ech nennen dat elo Client – oder vun engem Mann, oder Fra oder enger Famill.

Villes huet mat deem Encadrement ze dinn, well déi Hëllef, déi Inanspruchnahm vun deem Service, dee kann um Terrain, besonnesch an der Problematik Logement, ganz vill grave Problemer léisen.

Wat awer och do extrem wichteg ass, bei deem Suivi oder bei deem Encadrement, an dat wäert sécher och an deenen nächste Joeren net ofhuelen, dat sinn d'Gestions financières volontaires. Och do wäerte méi Leit mussen – an do hoffen ech drop, datt si dem Personal vun der Maison sociale a vum Office social wäerte follegen – datt si eng Zäitchen de Wee gi fir eng Gestioun a Kaf ze huelen, well domat kënne mir extrem vill Problemer um Terrain léisen.

An dann däerf een eppes net vergiessen: Mir si konfrontéiert mat engem Gesetz an dat Gesetz gesäit an enger éischter Phase selbstverständlech vir, datt ee bei den Office social däerf kommen an och Hëllef an Usproch huelen, an enger zweeter Phase natierlech och op Grond vu senger Demande, muss a soll eng Äntwert kréien a soll wann nëmme méiglech gehollef kréien.

An da kënnt awer dat Allerwichtegst, mengen ech, dat ass, datt d'Gesetz awer och dovu schwätzt, datt dat kurativ a palliativ soll sinn an datt de Bénéficiaire rëm soll zréck op seng autonom Schinn vun eis versat ginn an dat ass mat – géif ech soen – d'Haaptaarbecht an déi wichtegst Aarbecht déi mir versiche moies, mëttes an owes an der Maison sociale ze maache fir déi Leit iwwert déi Hëllefen, déi si vun eis kréien, sief et non-financier, sief et financier, fir déi awer aus der Talsohle rëm eraus ze féieren an se dann op d'Schinn vun der absoluter Autonomie ze bréngen.

Alles dat sinn Aufgaben, déi sech eis all Dag presentéieren. Ech muss soen, datt mir e Personal hunn, dat exzellent motivéiert ass, ech si frou doriwwer. Si sinn och terribel engagéiert Leit. D'Leit ënnerschätzen heiansdo wéi wichteg hir Collaboratioun um Terrain mat de Servicer vum Office social gebraucht gëtt. Déi ass bal sou wichteg wéi déi Hëllef, déi mir herno de Leit zoukomme loossen. Wann d'Leit kollaboréieren, dann ass fréizäiteg wierklech ganz präzis an efficace Hëllef um Terrain méiglech.

Dir gesitt, wann Dir d'Assistance Logement zum Beispill huelt, do hu mer 1.226 Kontakter, déi sinn, och verglach mat 2014, schlagaarteg erop gaange vu 758 op 1.226.

Mir haten 2015 4.581 Interventiounen.

2014 hate mir der 946.

Also, et mierkt een awer, datt awer e ganz grousse Besoin do ass.

E Wuert zum SNAS an zum SRAS. Dir wësst, datt de Service régional d'action sociale och Domizil an der Maison sociale an am Office social huet. De SRAS verschafft net nëmmen Dossiere vun Diddeleng, mee och



déi vu Schëffleng. Do sinn zwee an en halwe Posten déi sech em déi doten Dossiere bekëmmeren.

Wann emol eng Zuel vun engem Joer op dat aner ofhëlt, da si mir stolz a frou driwwer, ech wëll awer just betounen, dat huet awer dann och mat deem Opwand vun Aarbecht, déi mir an deenen eenzelen Dossiere gemaach hunn, ze dinn, well mir et da fäerdeg bréngen, souwuel an deenen dote Saache wat den ATI a Stages en entreprise an esou ubelaangt, wéi och bei deenen Hëllefe vum Office social, datt mir et eben do duerch de Suivi an den Encadrement fäerdeg bréngen, verschidde Saachen och entscheedend kënnen ze beaflossen an domat ze dréckeN.

Voilà, ech wollt e relativ kuerzen Iwwerbléck ginn, nieft der Dokumentatioun déi Iech a mengen A vill Kloerheet verschafft, deen och e bësselchen an d'Zäit vun haut erageet.

Een Thema, an do si mir um Terrain gefuerdert, den Office social an och d'Personal dovunner an och de Conseil d'Adminstration schaffe ganz aktiv un deem Dossier vum Logement, de René Manderscheid huet dat och de Moie gesot, an deen Dossier ass nëmmen ze bewältege wa wierklech vill Institutiounen d'Kräfte bündelen.
Déi wichtegst Institutioun fir den Office social ass a bleift natierlech d'Gemeng Diddeleng an natierlech de Ministère. Op där anerer Säit ass de Fonds de Logement, d'Agence immobilière sociale, nach anerer, wéi d'SNBH, dann natierlech och aner Associatiounen, déi am soziale Beräich aktiv sinn.

Mir schaffen natierlech mat deenen alleguer enk zesummen. Hei ass de Moie gesot ginn, datt mir amgaange si mat der Croix Rouge ze kucke fir och Projete mat eise Wunnengen ze maachen, am Projet Perspektiv vun der Croix Rouge. All déi Projete si mir amgaangen ze maachen. D'Sue vun der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte si mir permanent um Terrain amgaang hei zu Diddeleng ze kucken, wou sech en idealen Objet ubitt fir deen als Office social ze kafen an deen och à coût modéré de Leit zur Verfügung ze stellen.

Ech soen Iech, dat ass net esou einfach. Dat ass interessant, immens passionant mee einfach ass et net, well um Terrain, do regéiert déi pervers Lëtzebuerger Welt a Saache Logementer a Propriétéiten an do brauch ech jo hei banne kengem eng Zeechnung ze maachen, dass jiddwereen, dee Propriétaire ass vun engem Objet immobilier, dass dee versicht, ënner Ëmstänn de Maximum erauszeschloen.

Dat heescht, da gëtt den Objet deier oder op d'mannst de Loyer gëtt extrem deier. Net méi spéit wéi dës Woch hutt Dir gesinn an der Feuille d'annonces, wann een do mol kuckt wéivill an der Moyenne sech Loyere bezifferen, mat net sou dramatesch héije Meter-Carréen. 40-60 Meter-carréen an da kréie mer labber, ouni Chargen, iwwer 1.100 Euro Loyer a mat Chargen 1.250 bis 1.500 Euro. Wéi soll e Bénéficiaire vum Office social, deen tëschent 1.500 an 2.000 Euro, beschtefalls, kritt, wéi soll deen esou e Loyer kënne bezuelen?

Och eng Aufgab vun eis am Office social ass selbstverständlech de Ratio, also d'Relatioun ze kucken tëschent dem Akommes an deem wat en Assuré muss eraus gi pro Mount an dofir hunn ech jo och gesot, datt et extrem wichteg gëtt an der nächster Zäit, wann nach méi Dossieren an nach méi Leit bereet si fir eng Gestioun, wéinstens fir en Deel Wee matzegoen, well mir do de Leit awer ganz vill kënnen hëllefen.

Ee Wuert zu der Maison sociale.

Ech si jo och ee vun dësem Gemengerot, deen déi Maison sociale matgestëmmt huet, a mech och wéi Dir alleguerte gewonnert hunn, datt mir op ee Mol bei engem onheemleche Käschtepunkt geland sinn. Ech muss awer soen, datt ech fannen, datt dat eng exzellent Decisioun vum Gemengerot war, well déi Maison sociale ass e ganzt schéint Haus. Et ass doduerch och e Stéck Diddeleng erhale bliwwen op deem doten Eck. Et ass en Haus dat ganz accueillant ass, aus der ganz einfacher Ursaach, datt déi Büroen, déi bannen amenagéiert sinn, exzellent sinn, et kann ee gutt do schaffen an et ass och eng gutt Atmosphère do an uewenop, wësst Dir jo, datt mir do konnten, an dat hu mir jo alleguer gesi wéi mir bei der Ouverture dat kucke gaange sinn, datt mir och do eng Rei vu Logemente konnten amenagéieren an déi sinn och, gottseidank, sou flott a sou flexibel amenagéiert, well – dat ass nach en anere Punkt beim Logement oder beim Relogement, oder bei Leit an eng Wunneng eran huelen – Flexibilitéit heescht och, datt ee ka Logementer deementspriechend adaptéieren, fir datt e puer Leit relativ schnell do kënnen en Doheem fannen.

Ech wëll awer elo hei nach eng Kéier betounen, och e Logement ass kee Blankoscheck fir déi nächst 15 Joer, well ech wëll nach eng Kéier dorun erënneren,



datt mir e Gesetz hunn an dat Gesetz seet ganz kloer, datt een deene Leit natierlech op deem Punkt muss a soll hëllefen, dat maache mir jo och, mee datt dat och eng vorübergehend Hëllef ass an datt mir do de Leit sollen hëllefe fir sech erëm eng Kéier staark ze maachen, och finanziell staark ze maache fir de Marché libre d'habitation ze begéinen.

Voilà, ech mengen ech géif elo ophalen. Ech si selbstverständlech bereet – wann ech op Är Froe kann äntwerten – fir gär drop ze äntwerten a meng zwee Kolleegen, de Gilbert Loos an de Jacques Hansen wäerte mech dann och doran ënnerstëtzen. Ech soen Iech Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Iech dräi fir Är Presentatioun. Ech wollt awer vun dëser Plaz aus op alle Fall och dem ganze Verwaltungsrot vum Office social ronderëm hiren neie President Romy Rech Merci soe fir wierklech dee wichtegen Asaz dee si am Alldag maache ronderëm d'Aide sociale.

Dee Merci geet natierlech och un d'ganz Equipe vun de Sozialaarbechter, déi an deem Kader schaffen. D'Aarbecht gëtt net méi einfach an dat gesäit ee ganz kloer am Kader vun deem Rapport eraus.

Et huet ee jo och eraus héieren aus der Presentatioun vum Budget de Mueren an och dat wat d'Kolleegen hei vum Office social gesot hunn, datt och dee Wee, dee mir gaange si fir an d'Maison sociale z'investéieren, datt déi am Fong eng Identitéit fir sech kritt an och dat zu der Stäerkung vum Service bäigedroen huet an et net méi e klasseschen Aarmebüro ass mee ganz kloer en neien, modernen Déngschtleeschtungsbetrib ginn ass, mat all den Ufuerderungen, déi dat mat sech bréngt am Alldag um Terrain.

Mee wat awer och ass, quitte datt et en Aktivitéitsbericht ass vun 2015, et kann een awer ganz kloer hei de Parallelismus maachen, ech mengen Dir hutt an der Lescht matkritt, déi nei STATEC-Etüd wat d'Revenuen ugeet, et gesäit een hei ganz kloer eraus unhand vum Office social, datt virun allem dee Volet Logement, respektiv d'Interventioune ronderëm de Logement, dat si 66% an am Logement selwer ass am Fong déi Aide-financièren, déi kommen, dat ass 51,3% respektiv 23,5 dat heescht do si mir bei 74,8%.

Déi nei Etude vum STATEC huet ganz kloer gewisen unhand vun de Revenuen och vun de Monoparentauxen oder och vu verschidde Famillje mat engem gewëssene Revenu, datt grad de Loyer déi fix Charge ass déi en immens staarke Penetratiounsgrad huet an de Revenuen an do gesäit ee wéi wichteg déi Interventioun hei vum Office social ass, dat just nach als Präzisioun well déi Etüd jo ganz nei eraus komm ass iwwert d'Liewenskonditiounen, an och iwwert den Aarmutsrisiko, deen de Corollaire och dovunner ass, par rapport zu sou Konditiounen.

Voilà, Merci fir deen detailléiert finanzielle Rapport iwwert de Budget, respektiv iwwert d'Rapport-d'activitéen. Op alle Fall spillt hei och d'Motivatioun eraus fir déi nächst Challengen zesummen an Ugrëff ze huelen. Ech menge mir loossen elo hei d'Diskussioun op um Niveau vum Gemengerot par rapport zum Budget respektiv zum Rapport d'activité.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Och am Numm vun der CSV villmools Merci un d'ganz Equipe vun Office social, sief et den administrative Volet mee awer geneesou och déi Leit, déi um Terrain schaffen. Och e Merci un d'Kommissioun.

Ech weess net ob dat ëmmer Zoufall ass well mir dat ëmmer viru Chrëschtdag maachen, et ass ëmmer sou eppes wat ee betraff mécht. Et ass en emotionale Moment wa mir hei iwwert den Office social esou kuerz viru Chrëschtdag schwätzen, wou all Mënsch am Kaufrausch ass a mir gesinn dann awer hei, datt et Leit gëtt deenen et net sou gutt geet.

A jiddwereen, dat huet de Moien och schonn den Här Manderscheid gesot, jiddferee kann eng Kéier an d'Situatioun kommen, duerch Krankheet, duerch Chômage, duerch eng Scheedung, datt en sech muss bei eis am Office social mellen, mee et ass och effektiv, wéi lo hei schonn e puermol ugeklonge ginn ass an dat hu mir all déi Joeren och ëmmer ënnerstrach, datt een awer an deem Office social net stigmatiséiert gëtt, datt ee mat oppenen Ärem a mat engem léiwe Laachen emfaange gëtt an datt ee fir all Suergen en oppent Ouer huet.

A wa mir dann héieren, datt jiddwereen hei zu Diddeleng am Fong 21 Euro Participatioun bezilt fir datt deen Office social un d'Rulle kennt, ech denken dat ass e Solidarbeitrag, ech mengen dat kann all Mënsch hei zu Diddeleng awer ënnerschreiwen, datt mir deen awer gären alleguerten droen.



Wat mech awer ëmmer betraffe mécht, dat ass bei deenen 1.080 Leit vun deenen Neikontakter, dat muss ee jo och soen, dat si jo just déi Nei déi de Wee fannen an den Office social, do sinn och des Kéier erëm 308 Mineuren derbäi, dat ass e Véirels.

An den Impakt vun Aarmut, oder och Suergen oder Misär op Kanner dat ass e Stress fir d'Kanner an e Stress, dat huet en Impakt op hir Gesondheet, op hier Schoulleeschtung, op hiert spéidert Liewen.

Well et ass och net einfach wann s Du an enger Famill bass wou um Wupp vun eiser Gesellschaft hänkt, fir do sech lass ze struewelen an erop ze klammen.

Wéi gesot, virun allem déi Suergen, déi finanziell Suerge mee och déi gesondheetlech Suergen, oft d'Elteren deenen et finanziell net gutt geet och déi si psychesch gestresst an dat huet och en Impakt op d'Kanner, wann d'Kanner gestresste krank Elteren hunn, da ginn d'Kanner och gestresst a krank an dat ass eppes Dramatesches.

An et ass, genau wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, déi nei Ziffere vum STATEC weisen, datt virun allem bei de Monoparentauxen eng ganz dramatesch Gefor ass, datt si an den Aarmutsrisiko rutschen.

Wat mech awer och – ech weess net ob dat an deene leschte Joeren och esou war, op alle Fall war et mir net sou bewosst – datt mir awer vill Interventiounen hunn. Zum Beispill 43 Interventioune wéinst Conflits familiaux, 96 Interventioune wéinst Séparation/Divorce, 26 wéinst Violence, wou dann ëmmer eng Guidance gemaacht gëtt, an dat fannen ech eben och flott, datt den Office social net nëmmen do ass als Aarmebüro fir Geld ze ginn, mee datt d'Leit awer och gehollef kréien an hire schwierege Situatiounen, an datt d'Leit sech och trauen an den Office social ze goe fir iwwert déi Saachen ze schwätzen.

An ech denke mir sinn hei zu Diddeleng och an enger ganz gudder Situatioun, wou mir och vill spezialiséiert Servicer hunn, déi deene Leit dann och duerno kënne weider hëllefen.

Ech nennen elo just de Pro Familia, deen en exzellente Service de médiation huet, e secours psychologique fir Fraen a Kanner a Familljen an Nout, mee virun allem hu mir och de Planning familial hei, deen nach eng Cellule hei zu Diddeleng huet, a wat ech ëmmer erëm betounen a wat och sou wichteg ass an esou gutt funktionéiert, mir hunn e kommunale schoulmedizinesche Service, deen eng exzellent Aarbecht mécht, deen no bei de Kanner ass, deen no bei de Familljen ass an och eng exzellent Zesummenaarbecht huet, dat weess ech, mam Office social, an dofir denken ech, datt et einfach och wichteg ass, datt mir einfach och déi Saachen, alleguerten déi Acteuren och musse mat ënnerstëtzen.

An déi kann een och, wann den Här Manderscheid iwwert déi sozial Servicer vun Diddeleng schwätzt, däerfe mir déi doten net vergiessen, déi sinn och extrem wichteg. A virun allem de schoulmedizinesche Service, fannen ech eng extrem gutt Saach.

Dann, wat och beängstegend ass, ass datt den Tiers payant social och sou staark erop geet. Dat hu mir och gesinn an de Chifferen hei an datt mir - iwwert d'Logemente wëll ech dës Kéier net schwätzen - mee virun allem am Beräich Santé mussen de Leit ënnert d'Ärem gräifen.

An datt do eng dramatesch Entwécklung ass, ech mengen dat kennt Dir och gesinn, datt vill Leit einfach net méi assuréiert sinn, datt einfach och Leit do sinn, déi duerch Krankheet oder duerch Misär oder wéi eng Situatioun och ëmmer, oder, ech weess et vun auslänneschen Dammen – et kënnen och Häre sinn – déi hei an enger Koppel gelieft hunn, déi ni geschafft hunn, an da kënnt et zu enger Trennung an da sëtzen déi op der Strooss. Déi hu mol keng Krankekeess. Déi hu keng Krankeversécherung. Dann, wann och nach Kanner do sinn, ass de Statut net ëmmer sou eendeiteg wéi mir dat mengen. Mir mengen ëmmer, datt jiddwereen deen hei wunnt, dee geet bei den Dokter, bezilt seng Rechnung, schéckt se an d'Krankekeess a kritt seng Suen erëm. Neen, sou einfach ass dat guer net. An ech weess och, datt Dir do vill Saache musst ënnerhuelen an ech denken och mat de Migratiounen an iwwerhaapt, an der ganzer Welt, et ass jo net nëmme Migratiounen an Europa, et si jo net nëmmen d'Flüchtlingen, déi kommen, et sinn och vill aner Leit, déi heihinner kommen, iwwert aner Länner, déi guer net wësse wéi dat hei leeft an déi sech guer net wëssen unzeleeën, fir datt si mol kënne bei den Dokter goen, datt si krankeverséchert sinn an do maacht Dir och eng exzellent Aarbecht.

Wat mech dann awer och betraffe mécht, dat ass déi Geschicht, wat mir och all Joer feststellen, datt d'Garde enfants, datt do och ëmmer muss e Versement en nature kommen. Dës Kéier hutt der 2.148 Euro festgehalen, déi si bezuelt ginn.





Et muss ee soen, dat ass wahrscheinlech net nämmen d'Privatcrèchen, dat si jo och e puer Leit, déi hir Cheque-servicen net kenne bezuelen, dat hate mir jo och scho gesot, déi dann och hir Maison relaise net kënne bezuelen, mee ech denken, och do als Gemeng si mir och de richtege Wee gaangen, dat hu mir jo och mat zwou Hänn ënnerschriwwen, datt mir eng kommunal gefouert Crèche wëllen opbauen, mat engem sozial gestaffelten Tarif, dat hate mir jo och scho sou als Prémisse eis virgeholl, datt mir do kënnen de Leit e bëssen ënnert d'Ärem gräifen. (Ech wëll lo net soen all privat Crèche abuséiert bësse vun den Eltere mee d'Tariffer sinn extrem héich).

Fir Leit déi kee grousse Revenu hunn, ass et net ëmmer evident an ech denken och do, dat schléisst e bëssen dat wat mir och ëmmer soen als CSV, mir mussen och Offeren ubidden, wéi zum Beispill de Précoce, dee jo gratis ass, wou d'Kanner gratis betreit ginn, an deenen och nach eng Méiglechkeet ginn, déi Kanner ab dräi Joer zum Beispill och an eis Précocestrukture méi eranzezéien, well do kënne si moies gratis betreit ginn a vläit do op de Wee goen, wéi ech ëmmer soen, och do e Mëttesdësch zu korrekte Präisser iwwert d'Cheque-servicen ze finanzéieren. Ech denken datt dat ganz wichteg ass.
Ech wollt just, wéi gesot, e klengen Exkurs maachen iwwert den Impakt vun der Aarmut op eis Kanner hei zu Diddeleng, a mir gesinn der vill an d'Stigmatisatioun an d'Leide vun deene Kanner, dat däerf een net ënnerschätzen.

Merci nach eng Kéier deem ganze Service a bon courage fir d'Zukunft, well ech denken d'Aarbecht gëtt net manner. Mat de Logementer hu mir jo scho gesot gehat, do sinn och Leit déi op Iech zoukommen, déi et wierklech och brauchen, an ech hoffen, datt Der eng glécklech Hand hutt fir och den Dispatching gutt ze maachen, well wiem ginn ech eng Wunneng a wiem ginn ech keng? – Dat ass och nach e groussen Challenge wou sech wahrscheinlech eréischt an deenen nächste Jore wäert weisen ob Dir do eng glécklech Hand hutt déi Der awer wahrscheinlech wäert hunn. Merci.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Merci Här Buergermeeschter. Am Numm vun deene Grénge wollt ech Merci soe fir d'Presentatioun vum Budget rectifié 2016 a vum Budget initial 2017.

Déi Presentatioun war och noutwenneg well se am Verwaltungsrot vum Office social ganz kuerz gerode war. Et ware wuel Ëmstänn schold, datt déi Zuelen sou séier duerchgeholl gi sinn, ech fannen et war awer e bëssen onwierdeg. Aner Verwaltungsréit huele Budget a virun allem och Konten net einfach als Formalitéit.

Et gëtt oft dann och eng Note explicative bäigereecht wou schrëftlech op Entwécklungen opmierksam gemaacht gëtt. Am Verwaltungsrot hat ech dem Budget zougestëmmt, si mer zousätzlech Informatiounen awer nach siche gaang. Ech muss soen, datt ech och elo mat besserem Gewëssen zoustëmme wou am Tableau récapitulatif de Mali général 2017 op déi richteg Plaz gerutscht ass, an de Boni définitif doduerch och stëmmt. Ech géif mer trotzdem wënschen, datt deene Budgeten a Konten am Verwaltungsrot déi Plaz zougestane géif ginn, déi néideg ass fir se mat enger gewësser Serenitéit ze behandelen. Am Beschten och ouni d'Präsenz vun den Assistante-sociallen, déi jo net betraff sinn.

Elo zu den Zuelen an dem Budget. Op där enger Säit ass et e Budget wéi och déi Jore virdrun, déi all Volete vun der Sozialaarbecht ëmfaasst.

Anersäits fanne mir d'Ausgaben an d'Einnahmen, déi mat der Gestioun vun eise Logementer zesummenhänken.
D'Sozialaarbecht ëmfaasst all Berodunge vun den Assistant-sociallen, all Démarchë bei staatlechen Instanze fir beispillsweis un den RMG ze kommen, oder a juristesche Fäll gehollef ze kréien.

Déi immateriell Hëllef ass oft esou wichteg wéi déi reng materiell wou dann Hëllefen accordéiert gi fir Rechnungen ze bezuelen, déi opstinn oder ebe Sue virzestrecken, déi kënnen ofgestottert ginn.

De Gesamtmontant vun deenen Dépensen, déi dann zur Halschent vun der Gemeng gedroe ginn, ass um selwechten Niveau virgesi fir 2017 wéi am Budget rectifié 2016 nämlech bei ronn 860.000 Euro.

Dee Chiffer ass steeteg geklommen an deene leschte Joeren.

En zweeten Deel vun der Sozialaarbecht betrëfft d'Insertioun an d'Aarbechtswelt déi vum SRAS ofgedeckt gëtt a wou d'Montanten ongeféier gläich bleiwen zu deene Jore virdrunner.



Dann hu mir nach déi Comptes transitoires, déi déi Fonge betreffen, déi vun eisen Assistanten zesumme mat Iwwerverschollte geréiert ginn.

Do stelle mir fest, datt den Trend an d'Luucht geet a mir ëmmer méi oft mat Fäll vu Leit konfrontéiert ginn, déi net eleng eens gi fir hiert Akommes esou ze verwalten, fir net ënnert d'Rieder ze kommen.

Last not least fält deen Deel op am Budget, wou d'Zouwennunge vun der Lotterie nationale opgespléckt ginn an en Deel dovu verwennt gëtt fir eis Sozialwunnengen.

Et fält op, datt déi Einnamen am Joer 2016 aussergewéinlech grouss waren. D'Verloune vu Sozialwunnenge kënnt am Budget 2016 rectifié schonn zum Droen a mir rechnen och fir 2017 mat enger Auslaaschtung vu 70%.

Déi Wunnénge solle jo just fir maximal dräi Joer an Usproch geholl ginn a während där Zäit soll de Leit mat Hëllef vun enger Assistante sociale en neien Ulaf geléngen.

D'Ziil ass, duerno um normale Wee eng Wunneng ze fannen. Mir hunn am Verwaltungsrot awer scho festgestallt, datt dat net ëmmer sou klappt. Et wäerte sécherlech Fäll optrieden, wou trotz allen Hëllefen esou en Neiufank net gelénge kann.
Deementspriechend misste mir och nach Léisunge fir esou Fäll sichen. Mir kënnen eis jiddefalls mat eise 36 Sozialwunnengen net op eise Lorbeeren ausrouen.

Zum Tätegkeetsbericht wollt ech just soen, datt dat dës Kéier fir d'véiert ass wou e presentéiert gëtt. En ass wéi ëmmer ganz interessant. Et ass flott, e Réckbléck ze hunn. En ass elo e bëssen decaléiert vun deem wat mir am Alldag gesinn.

Mir stelle verschidde Schwankunge fest, déi ee Joer mol rop an dat anert Joer erof ginn. Dat wat awer tatsächlech opfält, dat ass datt de Gesondheetsberäich ëmmer eng méi grouss Plaz anhëlt, sief dat doduerch, datt méi TPSen accordéiert ginn, mee awer och eben iwwert d'Cotisatioune fir Leit eng Krankeversécherung ze garantéieren, wat jo oft dramatesch ass.

D'Zuele vu de Cliente si genannt ginn, 2014 nach ënner 1.000, 2015 iwwert 1.000 an de Suivi deen derhannert stécht impliziéiert natierlech eng zolitt Aarbecht, déi am Tätegkeetsbericht ganz gutt dokumentéiert gëtt.

Dofir wollt ech och nach profitéiere fir dem Romy Rech als President vum Office social säit engem Joer Merci ze soe fir säin Engagement. En huet e puer gutt Neierungen an de Suivi vun eisem Verwaltungsrot abruecht. Dat ass d'Spëtzt vun Äisbierg.

Mir wëssen awer, datt do vill méi Aarbecht nach dohannert stécht. Ech schléissen an dee Luef och d'ganz Equipe vun den Assistante-sociallen an d'adminstratiivt Personal an.

Dës Weidere géif ech awer och nach gär eisem viregte President, dem Conny Theobad Merci soen. Him ass ze verdanken, datt mir eis an dat Abenteuer Sozialwunnenge gestierzt hunn. Hien huet och den Tätegkeetsbericht agefouert an iwwerhaapt d'Sitzunge vum Verwaltungsrot grondleeënd verännert sou datt déi eenzel Fäll méiglechst objektiv kënnen ageschätzt ginn.

Zousätzlech dozou kéint ech nach aner Meriten opziele wéi zum Beispill den Engagement fir eng Entente vun den Office-social vum ganze Land. Ech wéilt nach eng Kéier betounen, datt de Conny Theobald eng ganz gutt Aarbecht geleescht huet an datt et Freed war fir mat him zesummen ze schaffen.

Och a kompliziéierte Situatiounen huet hien ëmmer mënschlech Wäermt bewisen.
Fir d'Budgete vum Office social, fir op déi zeréckzekommen, mir stëmme deene selbstverständlech zou, wuelwëssend wéi opreiwend déi Aarbecht ass, déi dohannert stécht. Merci.

Joseph Thill (Déi Lénk): Merci Här Buergermeeschter. Ech hätt zwee Kommentaren an zwou technesch Froen. Wat d'Kommentaren ugeet, schléissen ech mech deenen aneren Delegatiounen u fir der Gemeng, also souwuel der Majoritéit wéi och dem Personal Merci ze soe fir dee sozialen Asaz, déi si op sozialem Gebitt weist, net nëmmen am Office social mee haaptsächlech och am Office social.

Dat ass immens wichteg an d'Wichtegkeet vun där Aarbecht wäert an Zukunft nach zouhuelen. Dofir, mir ënnerstëtzen dat voll a ganz a mir soen och Merci dofir.

Deen zweete Kommentar, jo ech kann deem wat den Här President vum Office social an och Dir Här Buergermeeschter, iwwert d'Logement an déi ze héich Präisser esouwuel fir d'Wunnengskafe wéi och de Lo-





yer nëmmen zoustëmmen. Ech kréie jo dann d'nächst Woch nach Geleeënheet dorop zréck ze kommen.

Meng technesch Froen, also et si wierklech technesch Froen, dat eent betrëfft de Rapport d'activité. Do ass et mir net ganz kloer, wat den Ënnerscheed ass, wéi zum Beispill op der Säit 7, tëschent Clientèle a Kontakter, 1.080 Kontakter, an op der Säit 9, d'Demandeuren, 866 Ménagen. Firwat zwou verschidde Mentiounen? Wat ënnerscheet dat eent vun deem aneren?

Dann eng technesch Fro och zum Budget. Ech war dëst Joer op der Generalversammlung vun der Oeuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte, déi jo de Budget vum Office social och speist. Mir hunn dann do déi technesch Grënn erkläert kritt, déi dozou geféiert hunn, datt d'Contributioun vum Office social ausnamsweis 2016 em bal 200.000 Euro méi héich war, also 2015 115.000 Euro insgesamt, 2016 319.000 Euro, et géif mech interesséieren. An datt dat eng eemoleg Erhéijung vu ronn 200.000 Euro wier, also datt dat net all Joer zréck kéim, ech hunn dat am Budget net esou richteg erëm fonnt.

Dat ass deen ee Punkt an deen zweete Punkt, dat ass, et géif mech interesséiere wat d'Pläng do si fir d'Benotzung vun där aussergewéinlecher Recette vun 200.000 Euro. Ech soen Iech Merci.
Josiane Ries Di Bartolomeo (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Fir d'éischt emol Merci dem Gilbert Loos, dem Carole Wagner, dem Jacques Hansen fir déi vill Aarbecht, déi si hei maachen. Ech hu elo alles esou e bëssen hei nogelauschtert, ech hu jo och dem Här Rech hei gutt nogelauschtert.

Ech muss soen, d'Presentatioun, wann ech elo mam Budget géif ufänken, d'Presentatioun vum Budget war eigentlech net anescht wéi soss.

Mir haten duerchaus als Verwaltungsrot d'Recht, Froen ze stellen. Fir déi, déi nach Froen no haten hat de Gilbert eis och gesot, Dir kënnt all Dag bei mech kommen.

Ech menge souwisou, datt dat e Budget ass, deen net vill anescht ass wéi all déi Jore virdrun. Et bleift ëmmer d'selwecht, dofir och d'Opdeelung vun de Konventiounen. Mir doen eis do heiansdo schwéier mat der Konventioun 0,1-6 oder 7 dann eben, mee ech mengen, do bleift relativ ëmmer dee selwechte Schema. Do ännert näischt.

Wat vläit ännert, oder wat 2016 e bëssen anescht war, dat war, wéi den Här Thill gesot huet, dee ganz héijen Don dee mir krute vun der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte.

Ech mengen, ech wëll einfach och eng Kéier Merci soen, et ass net alldeeglech, datt een esouvill Sue kritt an ech mengen, den Här Rech huet eis dat och am Verwaltungsrot erkläert, wat mir mat deene Sue wëlle maachen.

De groussen Challenge ass jo effektiv d'Wunnengen an ech mengen den Här Rech an de Verwaltungsrot stëmmen och der Propositioun zou fir datt mir do eng Acquisitioun maachen, wou mir Wunnengen erëm eng Kéier kënne schafe fir déi Leit, déi an Nout sinn.

Den Här Buergermeeschter huet et gesot, wann ee kuckt, d'STATEC huet ausgerechent 1.923 Euro, déi brauch ee fir hei zu Lëtzebuerg ze iwwerliewen an ech muss éierlech soen, wann een e bëssen an de Medien do lauschtert, "Dir Lëtzebuerger, Dir hutt dach awer e Salaire minimum deen enorm ass", mee wa mir awer lo kucke wéivill mir brauche fir iwwerhaapt kënnen ze iwwerliewen, da stellen ech mir awer Froen.

Sti mir sou gutt do als Lëtzebuerger?

Ass eise Salaire sou héich wéi ëmmer ronderëm behaapt gëtt?
Bon, dat si ganz vill Suen. Ech muss och ganz éierlech soen, datt ech gëschter d'Zeitung opgeschloen hunn, d'Bliedchen opgeschloen hunn, an ech muss soen, wéi ech do déi ganz Säit gesinn hu vu Locatiounen déi elo op de Marché kommen, déi bei 1.100 Euro normalerweis leien, da stellen ech mir wierklech Froen, wéi soll dat viru goen?

Ech mengen zwar net, datt d'Gemeng kann andauernd an andauernd Wunnenge kafen. Si soll Saachen ënnerstëtzen, wéi zum Beispill d'Société nationale d'habitations à bon marché. Mir kafen elo rëm zwou Wunnengen, mir hunn der d'lescht Joer zwou kaf. Ech mengen, dat ass alles schonn e groussen Invest, deen d'Gemeng mécht. An da muss ech awer och soen, éischtens sinn dorënner déi Wunnengen déi mir lo hunn, et sinn Noutwunnengen, et sinn awer och Wunnenge wou mir verloune fir Leit a schwierege Situatiounen.

Et ass net esou, datt do einfach just e Kontrakt ënnerschriwwe gëtt a gesot gëtt "Voilà, lo hues du d'Wunneng, kuck lo datt s du dräi Joer eens gëss a bis dohi muss du eng aner fonnt hunn".



Bei all deene Wunnengen, déi verlount ginn, ass e Suivi. Ass e Suivi vun eisen Assistanten, déi maachen normalerweis eng Gestioun, e Projet de Vie. Also, dat ass ganz vill Opwand fir déi Wunnengen. Also, do gëtt net einfach nëmme gesot "Sou, elo hues de däin Zëmmer, lo bass de roueg an domadder kucks du, datt s de eens gëss."

Ech wëll vläit awer och e grousse Merci un de Romy soen, den neie President vum Office social. Ech wëll him Merci soen, well wéi hien et richteg seet, wann ech hien heiansdo begéinen, "U sech kéint ee 500 Stonnen d'Woch do setzen, et wär ëmmer Aarbecht do, et sinn ëmmer vill Leit déi an Noutsituatioune sinn."

Dofir him mol och einfach e grousse Merci fir all déi Aarbecht an ech mengen och dem Personal natierlech, Merci fir all déi Aarbecht, déi Dir d'ganzt Joer leescht. Ech menge mir als LSAP stëmmen dat do alles mat, mir si frou dat däerfen z'ënnerstëtzen an dee Budget däerfe matzestëmmen. Merci.

Gilbert Loos (Gemengereceveur): Ech wollt dann op déi technesch Fro agoen iwwer d'Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte. Déi stinn an der Konventioun 1 am Budget. Dat heescht, déi si ganz dorop gebucht. Dat heescht, datt d'Gemeng och zu 100% den Defizit géif droen. 2016 hu mir vun deenen 319.000 Euro 219.000 Euro wéi ëmmer zougeuerdent an 100.000 Euro direkt op de Logement. De Logement leeft och komplett iwwert d'Konventioun 1. Dat ass fir d'Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte.

Romy Rech (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Fir d'éischt Merci un d'Kolleeginnen an d'Kolleege fir déi ënnerstëtzend Wierder. Ech huelen déi selbstverständlech mat erop an d'Haus. Wéi gesot, dat Personal mécht eng formidabel Aarbecht. Ech wëll op e puer Saachen agoen. D'Madame Kayser huet eng Rei vu Saache gesot, déi natierlech moies, mëttes an owes, all Dag eis enorm an deem Haus do beschäftegen. Dat sinn eben déi Geschichten vu Guidance a vun Encadrement.

Zum Beispill huet d'Madame Kayser geschwat vun de Conflit-familiauxen. Dat sinn dramatesch Schicksaler mat deenen een natierlech konfrontéiert gëtt. Ech wëll awer hei eppes soen. Wat d'Aarbecht u sech do uewe ganz schéi mécht och, dat ass, datt mir en enorm groussen Dialog mat all deenen aneren Associatiounen hunn a fleegen, déi am Domaine social aktiv sinn. Dir hutt d'Pro Familia genannt. Ech kann lech lo scho soen, datt mir Enn Januar intensiv mat der Pro Familia un den Dësch wäerte setze fir all eenzel Beräicher kloer an däitlech ofzeschwätzen.

Éischtens fir datt mir net en Double emploi maachen, zweetens datt een deen aneren ergänzt, wéi gesot, ee Riedchen an dat anert leeft. Dat gëllt och fir eng ganz Rei vun aneren Associatiounen. Dofir maache mir och am Joer eng Kéier ee Moie wou mir déi Associatioune bei eis op e Patt alueden, datt och jiddereen d'Gesiichter gesäit vun deene Leit, déi bei deenen aneren Associatiounen um Telefon sinn an datt een e puer Wuert do matenee ka schwätzen. Och dat war e ganz groussen Erfolleg, muss ech soen, an dat ass och ganz gutt bei deene Leit alleguer ukomm an dat hëlleft terribel vill. Also, déi Wichtegkeet vum Dialog a vum ee Riedchen an dat anert lafe loossen, dat ass mengen ech ee Schlëssel, och an der Zukunft, vum Erfolleg um Terrain, besonnesch a ganz kriddelege Fäll an ech mengen, datt mir dat gutt hikréien.

Den TPS. Den Tiers payant social ass e System, wou een de Leit entgéint kennt, datt si am Tiers payant hir Dokter- an Zänndokterrechnungen net brauchen ze bezuele mee wou si dann direkt iwwert d'Krankekeess ginn.

Ech muss eppes soen: Den TPS gëtt ganz vill agesat a mir hunn eng ganz Partie Leit, déi ganz schwéier krank sinn. Dat däerf een net vergiessen, déi am Mount ganz wéineg Suen zur Verfügung hunn, mee déi awer ganz schwéier krank sinn an déi och relativ oft mussen a Konsultatioun oder a Visite ginn, sou datt dee Chiffer iwwert den TPS net sou dramatesch héich ass.

Also Abus gëtt mat deem TPS eigentlech bei eis absolut kee gemaacht. Et gëtt nämlech och do e klenge Suivi gemaacht fir ze kucken ob dat sech elo opdrängt oder net opdrängt.

Iwweregens kann ee mat deem Ticket jo och näischt aneschtes maachen, et kann een net domat an de Cactus akafe goen. Ech wëll dat awer och nach eng Kéier hei betounen, net datt elo ee mengt, dat wier sou ee Fräifaartsschäin fir iwwerall hin ze goen.

Wiem ginn ech eng Wunneng? Ma dat ass ganz einfach.

Am Moment si mir mat eise 36 Wunnengen, déi gutt besat sinn, an ech sinn net stolz drop fir dat hei ze



soen, mee et sinn déi Leit déi op der ënneschter Spross vun der Leeder sinn, déi am Moment an deene Wunnenge sinn.

Da muss ech Iech nach eppes soen, ebe just déi Leit do déi si moies, mëttes an owes bei eis, do ginn déi beroden an déi kréien och vun eis – an dat ass ebe wichteg well do si Konditiounen dru fir eng Wunneng ze kréien - e Projet de vie, eng Gestion financière volontaire. All déi Saache sinn terribel wichteg, well wann si dat net maachen, da kréien si keng Wunneng. Well du kanns op där enger Säit net mengen, den Office social wier nëmmen esou ee Buttek wou een sech kann zerwéiere goen, well et däerf ee jo eppes net vergiessen, d'Gesetz huet nach en anere Volet, deen terribel wichteg ass an deen awer sou oft ëmmer vergiess gëtt. Dat ass de Souci d'équité.

Dat heescht ee Bierger, eng Biergerin ze behandele wéi déi aner an och aus deem Schema net erauszegoen. Dat ass terribel wichteg.

An, wat och ass bei deene Logementer, do gëtt och ganz oft gekuckt, datt d'Leit éischtens mol e Contrat d'encadrement ënnerschreiwen, wou si sech deem och verflichte fir mat dem Office social an den Assistanten ze kollaboréieren. Ouni déi Kollaboratioun leeft bei eis am Office näischt, well dann ass et voué à l'échec. Mir kënnen zéng Mol engem hëllefen, mir kommen net virun um Stéck an dat wëllt mëttlerweil an deem Haus kee méi.

Dofir ass et och heiansdo wichteg, ech soen dat elo hei ganz kloer am Gemengerot, ech soen dat jo och öfters am Conseil d'Administration, éischtens eng Linn dran ze kréien an zweetens och ufänken "Neen" ze soen.

Net einfach Nee fir engem net ze hëllefen, au contraire, mee Neen ze soen, "Komm mat eis an d'Spuer well da kënne mir Dir hëllefen."

D'Madame Goergen huet gesot, beim Budget dat wär vläit e bëssen ze séier gaangen, ech huelen déi Remarque do selbstverständlech op, Madame Goergen.

Dir wësst, datt mir ganz vill doru läit, datt jiddereen do éischtens seng Froen däerf stellen, zweetens seng Dokumentatioune mat Zäite kritt an drëttens, wann dat ze séier gaangen ass, absolut kee Problem, dann huelen ech dat zur Kenntnis a maachen dat d'nächst Kéier Schrëtt fir Schrëtt nach e bësse méi lues.

Mir wësse jo souwisou, an d'Josiane Di Bartolomeo-Ries huet dat och mat Recht gesot hei, dee Budget mat deene 7 Voleten, toutes conventions, an da vun 2-7, et ass e bësse Chinesesch, ech ginn dat zou, et ass kee Problem, mir wäerten an Zukunft och dat dote méi genau kucken.

Den Här Thill huet seng Äntwert deelweis kritt. Ech soen Iech nach eng Kéier, Här Thill, an Dir wësst jo datt ech mat jiddwerengem vun Iech heibannen immens gär schwätzen. Déi Geschicht Logement ass vill méi villfälteg a vill méi déif ze féiere wéi dat vläit deem engen oder aneren heiansdo iwwert d'Lëpse kennt an dat ass alles guer net sou einfach.

Well ech mengen, datt de Schlëssel zum Erfolleg och am Logement läit.

Ganz sécher net do fir ëmmer nëmme Logementer ze bauen op där enger Säit, a fir op där anerer Säit nëmme Logementer ze kafen, an och ëmmer nëmmen Terrainen ze kafen, well och do ass ee konfrontéiert mat engem Suivi, deen terribel wichteg ass.

Et gëtt zwou Saachen, déi fir mech terribel wichteg sinn doranner an éischtens muss d'Relatioun Qualitéit-Präis stëmmen an zweetens, wa mir een, an ech schwätzen elo haaptsächlech wa mir een hunn dee bedürfteg ass a vum Office social ass, wa mir deen an eng Wunneng stiechen an e bräicht e Suivi, also do soen ech Iech, c'est parti pour la gloire well mir hunn der scho refuséiert, déi e Suivi brauchen. Dofir hu mir eis Accorden an eis Permanencë mat der Jugend– an Drogenhëllef, mam Surendettement, mat Pro Familia, mat der Croix Rouge, mat all deenen Acteuren um Terrain, déi mir dréngend brauchen, déi den Dialog an déi Zesummeschlëss bréngen, brauche mir dréngend, well einfach nëmmen eng Wunneng unzebidde fir eng Wunneng unzebidden, datt geet heiansdo largement, besonnesch an eisem Fall net duer.

Ech si wéi gesot frou an houfreg doriwwer, dat hei de Konsens ganz grouss ass fir éischtens deenen zwee Budgeten zouzestëmmen. Mir wäerten och an der Geschicht Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte handelen, mir loossen eis net drécken, och net als Conseil d'Administration. De Conseil d'Adminstration huet eis do e Feu vert gi fir en adäquat Gebai ze kafen, mee, ech soen et nach eng Kéier, d'Relatioun Qualitéit – Präis an och d'Funktionalitéit an, ënner Emstänn souguer d'Funktionalitéit am Gespréich mat deem engen oder



anere Partner, muss stëmmen, soss bleiwen déi Sue vorübergehend do.

Mee, ech kann Iech awer versécheren, déi Sue gi ganz sécher doran investéiert, aus där ganz einfacher Ursaach, well ech och net wëll, datt den Office social déi Sue géif verléieren op engem Kont op der Bank a mir se deene Leit dobaussen, déi bedürfteg sinn, net géifen zur Verfügung stellen. Voilà, ech mengen domat hätt ech op d'Froe geäntwert.

Romy Rech (LSAP): Ma da ganz kuerz awer, d'Klammer op an d'Klamer zou. Wann eng Kéier ee méi laang Erklärungen doriwwer hätt, da stinn ech gär zur Verfügung. Also, et ass Zizanie. D'Madame Goergen huet absolut Recht, et ass Zizanie. Ah, et war den Här Thill? Entschëllegt Här Thill. Also déi Geschicht mat de Kontakter an de Ménagen, mat de Persounen, mat de Mineure wéi elo d'Madame Kayser dat och ganz richteg erwänt huet.

Éischtens mol wëll ech Iech nach eng Kéier erklären, d'sozial Landschaft hei am Land. Nom Gesetz hu mir 30 verschidden Office-sociauxen. Sou, jidderee mécht eppes aneschtes, domat geet et schonn un. Dat heescht, déi nächst Joren wäerte vill Stonnen drop goe fir emol eenegermoossen eng Harmonisatioun vun de Begrëffer erbäizekréien.

Dann, SIGGI, Informatik, Bürotik, ganz wichteg an däsem Kontext. Jidderee mécht och do no senger Gei oder Gittar. Dat heescht, do feelen um Terrain eng ganz Partie vu konkreten a präzisen an efficacen Definitiounen. Mir hei zu Diddeleng fuere mat Kontakter, Demanden, Familljememberen. Dat ass a bleift och nach op aneren Niveauen ze diskutéieren. Ech hätt léiwer, mir géife mat Matriculë fueren, wéi dat op anere Plaze gutt funktionéiert a gutt och ka statistesch gemanaged ginn an datt mir eis da géifen decidéieren, en cascade, wat fir eng déi nächst Definitioune vun deene Begrëffer géife kréie fir eng Statistik erauszekréien, déi dann och jiddereen op den éischte Bléck kéint verstoen.

Am Moment, soen ech Iech, datt dat relativ schwéier ass. 1.088, Här Thill, dat sinn effektiv 1.088 nei Kontakter. Leit, déi also eng Kéier erakommen, déi awer 5, 10, 20 Froen, x Demanden, ech weess net wat, stellen.

An da kënnt op eemol de Mann vun der Fra, oder d'Fra vum Mann, an da gëtt et schonn en zweeten an dann op eemol si mir bei 7 000 Akten, Dossieren, Kontakter. Dir kënnt Iech eraussichen, wat fir ee Chiffer Iech am beschte gefält, mee ech soen Iech, mir wäerte versichen, lues awer sécher Transparenz an déi Begrëffer, an déi Definitiounen eranzekréien. Mee d'Fro ass pertinent. Ech soen Iech Merci.

René Manderscheid (LSAP – Schäffen): Ech wollt nach kuerz op dat Wuert "op de Lorbeeren ausrouen" agoen, dat d'Madame Goergen gesot huet. D'Gemeng rout sech natierlech net op de Lorbeeren aus. Dir hutt jo gemierkt, dat mir dëst Joer 900.000 Euro Budget hu fir zwou Wunnengen ze kafen.

Ech wëll net der Diskussioun virgräife vum nächste Freiden, wou den Här Thill eis jo eng Motioun duergeluegt huet, ech wëll déi elo net hei scho kommentéieren, dat halen ech mir fir nächste Freiden.

Wat ech awer wëll soen, virun e puer Joer, wéi mir mam Logement ugefangen hunn, do hu mir jo ugefangen all déi Leit unzeschreiwen, déi Propriétaire vun eidelstoende Wunnenge sinn, fir datt mir do d'Méiglechkeet hätten, déi Wunnengen ze lounen, respektiv Appartementer, an Dir wësst jo, datt d'Wuert Solidaritéit dann op eemol ophält, an et huet sech jo bal kee gemellt, an déi déi sech gemellt hunn, do krute mir relativ negative Remarquë gemaacht. Sou ass d'Realitéit um Terrain.

Et ass awer esou, an ech maachen dann nach eng Kéier en Opruff, Dir wësst mir sichen nach ëmmer als Office social, als Gemeng fräistoend Appartementer oder Wunnenge vu Privatleit, wann Dir ee kennt, da kënnt Der roueg deen eis uginn, fir datt mir déi Wunneng kënne kucke goen, a wann dat méiglech ass, da gëtt dat natierlech gelount an da kënne mir dat weider vermëttelen. Dee Projet bleift nach ëmmer sou bestoen.

Da wëll ech awer nach eppes ganz Perséinleches lass ginn: Ech war och an der Sitzung derbäi wou de Budget presentéiert ginn ass vum Romy Rech a vum Gilbert Loos. De Budget ass anescht presentéiert ginn ewéi hei. En ass deemools effektiv vill méi detailléiert, sou wéi eise Gemengebudget, mat Remarquen, mat Kommentaren, presentéiert ginn. An ech fannen dat Wuert "onwierdeg", wéi d'Madame Goergen elo sot fir d'Presentatioun vum Budget vum Office social, dat fannen ech net richteg vun Iech, ech géif soen, datt Är Interventioun onwierdeg ass.

Et ass onwierdeg, datt Dir dat Wuert hei einfach sou



profitéiert. De Budget ass klipp a kloer a propper a fäin do presentéiert gi mat all den Erklärungen, all Detail a jiddwereee konnt laang a breet do all seng Froe stellen. Da kann ech net akzeptéieren, datt hei am Gemengerot gesot gëtt, et wier eng onwierdeg Presentatioun vum Budget gewiescht. Dat wollt ech awer gesot hunn. Merci.

Romy Rech (LSAP): Ech wollt nach just dobäi fügen, datt mir als Fraktioun an och als Office social dem Conny Theobald Merci soe fir seng geleeschten Aarbecht. Dat ass eng ganz flott a präzis an efficace Aarbecht gewiescht, op der ee wonnerbar kann opbauen an op där een och wonnerbar ka schaffen. Ech wollt dat awer hei zu Gonschte vu mengem Frënd, dem Conny Theobald, nach eng Kéier betounen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Romy Rech an ech mengen, deem dote Merci schléisst sech dee ganze Gemengerot ganz kloer un.

Ech géing elo proposéieren, datt mir zum Vote iwwerginn, wat de Budget rectifié 2016 an de Budget initial 2017 vum Office social ugeet.

Wien ass domadder **averstanen?** Dat ass **unanime**. Merci.
Ech mengen, datt dat och en Encouragement ass, fir datt d'Kolleegen an deem Sënn kënne weider schaffen a soen och hei dem Jacques Hansen an dem Gilbert Loos Merci, datt si hei waren an och lech kënne mir elo feierlech entloossen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da kéinte mir weider goen op den nächste Punkt, de Punkt 6, dat sinn d'Commission-consultativen.

## 6. BERODEND KOMMISSIOUNEN

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): An dësem Kontext huet d'CSV eis matgedeelt, datt si hire Pool de remplaçants weider wëll renforcéieren, an dat mat der Madame Sabrina Olivieri a mam Här Marc Weydert am Pool des remplaçants.

Ass de Gemengerot domat **averstanen?** Jo? Gutt, ech héieren hei eraus, datt et **unanime** ass. Da gi mir elo op d'Personal iwwer.

## 7. PERSONAL

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Fënnef Punkten, dräi Punkten déi d'Jugendhaus uginn an do ginn ech dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert well et geet hei ëm d'Création de postes déi mir schafen am Kader vun der Reprise d'activité vum Jugendhaus wou mir dann esouwuel e Poste vum Aide-éducateur schafen, zwee Posten am Kader vum Éducateur diplômé an ee Posten am Kader vum Éducateur gradué.

Dat ass dat wat d'Konventioun virgesinn huet, ee Gradué, zwee Diplômés, respektiv een Aide-éducateur, déi mir do hunn. Am Kader vun der Reprise d'activité musse mir natierlech och déi néideg Poste schafe fir déi Reprise d'activité och operationell kënnen ze maachen.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Merci Här Buergermeeschter. Dir hutt scho bal alles gesot. Ech prob-



éieren och elo doduerch ze komme vu datt mir net am Huis-clos sinn, ouni dann Nimm ze nennen.

Ech hoffen, datt et dann awer kloer ass, an ech mengen den Här Reding ass jo hei fir dat nach z'ënnersträichen. Dir wësst, ech hat virdru beim Budget gesot, datt wa mir d'Jugendhaus iwwerhuelen, musse mir eng Reprise d'activité économique maachen.

Dat heescht, et geet ëm dat Personal, dat wat nach do ass – si schaffe jo elo do mee ech nennen se lo hei net, wann et iwwert d'Plaze geet. Déi dräi Leit sinn do, et si keng Onbekanntener mee ech wëll elo hei net eng Diskussioun iwwert déi Persounen, wann et ëm d'Personal geet, well do awer jiddwereen sech erëm erkennt.

**7.1. Schafe vun engem Gemengenemployésposten an der Carrière vum Aide-éducateur fir d'Verwaltung vum Jugendhaus**

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Dir wësst, datt mir en Aide–educateur do hunn, dee schafft 32 Stonne momentan, deen ass a sengem drëtten Ausbildungsjoer, dat heescht dee mécht elo säi Joer nach fäerdeg, a mir hoffen natierlech, datt deen dat packt. Vu datt deen an der Ausbildung ass fir Gradué, kënne mir deen nëmmen als Aide-éducateur hei bei eis astellen. Ass dat souwäit kloer?

Oder wëll den Här Reding nach eppes dozou soen?

Dat heescht, mir mussen déi Plaz da kreéieren.

**7.2. Schafe vun zwee Gemengenemployésposten an der Carrière vum Éducateur diplômé fir d'Verwaltung vum Jugendhaus**

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Dann, dat anert sinn zwou Plazen, zwee Posten als Éducateur diplômé, déi si momentan net besat. Déi Madame, déi do war, déi ass jo fortgaangen, dat heescht dee kënne mir dann dono besetzen an deen zweeten, dee kënne mir net besetze bis den Här, wou mir lo virdrun driwwer Rieds haten, den Aide-éducateur, fort ass.

Vu datt deen awer eng Ausbildung als Gradué mëscht, kéim deen och net a Fro fir déi dote Plaz ze kréie well déi Ausbildung geschützt ass.

Et ass awer sou, datt d'Konventioun nun emol eben zwee Diplômée virgesäit.

Ass dat och sou wäit kloer?

**7.3. Schafe vun engem Gemengenemployésposten an der Carrière vum Éducateur gradué fir d'Verwaltung vum Jugendhaus**

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): An dann, déi drëtt, dat ass de Gradué, dat ass déi Persoun wou lo do ass. Ech mengen, ech hat virdrun och beim Budget gesot, datt ech perséinlech ni Kloe kritt hunn iwwert ee vun deene Leit, sou datt ech lo eigentlech och net gesinn, datt e Problem do wier.

Wann elo nach Froen dozou sinn, dann ass den Här Reding och do fir méi am Detail dorop anzegoen. Soss misste mir wéi gesot déi dräi Posten, den Aide-éducateur, déi zwee Diplôméen an ee Gradué kreéieren.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Et war e bësse mat Erstaune wou mir gesinn hunn, datt d'ASBL Jugendtreff den Encadrement vum Jugendhaus net méi wëll iwwerhuelen a mir haten dat jo och de Moie schonn erkläert kritt. D'Erklärunge sinn do, firwat wësse mir jo am Fong awer nach net, mir wëssen awer lo, datt d'Gemeng dat wëllt iwwerhuelen, mee ech fanne mir suedelen hei e bëssen d'Päerd vun hannen op.

Et hätt een awer vläit fir d'éischt missen an enger Gemengerotssitzung eng kleng Konventioun mam Staat ofschléissen.

Dir hutt zwar gesot dir hutt dat gemaacht, mee normalerweis kréie mir all sou Konventiounen och am Gemengerot nach presentéiert, dat wier awer vläit hei ubruecht gewiescht, datt mir dat hätte kënnen ze gesi kréien.

Wat elo déi dräi Posten ubelaangt, d'Claudia Dall'Agnol hat gesot gehat, datt virun allem den Éducateur gradué eng exzellent Aarbecht mëscht, ouni dee wär d'Jugendhaus net dat wat et haut ass, och wa mir de Jong net elo mam Numm nennen. Komplimenter och vun eiser Säit.

Wat mech elo bëssen erstaunt, dat ass fir d'éischt emol, datt mir awer dann deen Aide-éducateur, wann



ech dat elo richteg verstan hunn, dee jo nach an der Ausbildung ass, firwat mir dee Posten dann à durée déterminée maachen, dann hätt een en dono kéinten ofschafe wa jo am Gesetz just virgesinn ass, datt een ee Gradué an zwee Diplôméen huet.

Dat war eng Fro déi ech nach wollt stellen.

An da wollt ech awer och nach kuerz – oder vläit schwätze mir och eng aner Kéier doriwwer – iwwert d'Fonctionnement vun deem Jugendhaus, well am Budget, ech hunn dat mol nogekuckt, do steet jo bei der Recette, Participation de l'État, do steet 50% Frais de fonctionnement, do kréie mir 110.000 Euro, mee bei der Dépense, do sinn awer elo de Subside de fonctionnement wéi mir et soss ëmmer agesat hunn, do steet näischt do, also vum Frais de Fonctionnement steet näischt do. Herno, dat muss een awer och vläit de Leit dobaussen awer soen, d'lescht Joer hate mir Subsides de fonctionnement fir d'Jugendhaus vun 126.000 Euro an dëst d'Joer kënnt eis d'Jugendhaus, ebe well mir déi Leit dann astellen, well mir déi Poste kreéieren, gëtt dat awer schonn eng Dépense fir d'Stad Diddeleng vu ronn 200.000 Euro. Dat ass vläit och eng Kéier ze soen.

An dann ass eben d'Fro, wou komme lo déi Frais de fonctionnement hin, vun deem Jugendhaus, well dat musse mir jo dann awer och nach bezuelen. Et sinn net nëmmen d'Paien. An déi hunn ech awer lo néierens fonnt, dat ass vläit lo nach just eng Fro vläit un den Här Buergermeeschter. Merci.

Joseph Thill (Déi Lénk): Just wat mir awer nach net ganz kloer ass, firwat datt vir 4 Poste geschaaft ginn an ënner 10.7 oder 10.8 kommen mir nëmmen op 2 ze schwätzen? Ech hunn awer kee Problem, wann dir et ënnert dem Punkt 10 erkläert, wann all déi aner et verstan hunn, da stëmmen ech lo hei dofir.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Gëtt et nach aner Froen? Nee, da kënne mir d'Diskussioun opmaachen.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Mir mussen déi Poste jo schafen, déi an där Konventioun stinn. Et sinn awer nëmmen zwee Leit do déi mir lo besetzen, dat heescht, dat ass de Gradué an den Aide-éducateur. Déi aner zwee kënne mir net besetzen, well si sinn net do. Firwat d'ASBL ophält, bon ech mengen dir wësst, déi hu benevol Aarbecht geleescht während Joeren. Wann ech soen 20 Joer, déi feieren elo 20 Joer Anniversaire, an déi Leit déi dat maachen, déi meescht vun hinne kennt Der, déi maachen dat niewent hirem eigentlechen Job. Mir haten och mol Leit, déi studéiert hunn, déi dat gemaacht hunn an dann iergendwann eng Kéier waren déi am Ausland, konnten net méi matschaffen.

Dat ass ganz vill Aarbecht, a si hunn einfach décidéiert, datt si dat net méi kéinte maachen. Si hunn och permanent probéiert, ech mengen dat kënnen aner Leit lech soen, déi hei an der ASBL sinn, déi hu permanent probéiert och en Nowuess ze sichen.

Bon, da koum erëm een, déi ware meeschtens ni ganz laang derbäi wann si gesinn hu wat et vun Aarbecht ass an do wou si eis informéiert hunn, war eben ze kucken, wat maache mir elo, gi mir et enger bestehenden ASBL, ouni elo Nimm ze nennen, oder iwwerhuele mir et?

Et wär eis net méi bëlleg oder méi deier ginn, well, wéi gesot, de Ministère bei genee deem bleift wat e bäigeluegt huet, ebe 50%. Dat hu mir och schrëftlech kritt. Si hunn eis och schrëftlech doriwwer informéiert, datt si natierlech och déi Konventioun rëm guttheeschen.

Ech hunn och, well ech déi Chance hunn niewent dem Buergermeeschter vu Mondorf ze sëtzen an déi dat dëst Joer gemaacht hunn, och nach eng Kéier mat him gekuckt ob si iergendwellech Problemer haten nodeems si dat gemaacht hunn, ob iergendeppes – well si elo ee Joer Erfahrung hunn – am Nofeld hinnen op de Kapp gefall ass. Deen huet mir dat gëschter Owend nach eng Kéier verneint, sou datt ech dovunner ausginn, datt och bei eis dat kee Problem dierft sinn. An da waren awer nach Saachen, wou den Henri Reding sollt drop agoen.

Henri Reding (Chef vum Personalbüro): Ech wëll da ganz kuerz dorop agoen. Et ass esou, datt de Code du Travail, wou ech och den Artikel 127.1, deen ech och an d'Deliberatioun derbäi gesat hunn, seet datt bei enger Reprise d'activité économique, do gëtt d'Anciennetéit vun deene Leit, déi iwwerholl ginn, matgeholl.

Vu datt deen Här en Indéterminé hat, musse mir dat natierlech berécksichtegen, déi dierfen näischt an hirem Salaire an an hirer Ancienneteit verléieren.



Et muss also am Fong geholl eng ganz Reprise sinn, ausser, wéi et vum Gesetz virgesinn ass, wann si elo Prime kritt hätten, wat lo hei net de Fall ass, dann ass et, wéi am Gesetz geregelt ass, déi falen net drënner. Dat ass d'Erklärung firwat een net kann en CDD maachen.

Josiane Ries Di Bartolomeo (LSAP): Merci. Ech mengen d'Claudia Dall'Agnol huet lo grad schonn d'Erklärung gi vun der ASBL. Ech war selwer 5 Joer Caissière vum Jugendhaus an hunn dono eigentlech opgehalen a sinn elo awer déi zwee läscht Joer, well de Nowuess sou vun hannen drängt, rëm derbäi komm an ech muss awer hei eppes soen.

Dat Jugendhaus gëtt elo vun der Gemeng iwwerholl. Fir e Benevollen ass et net méiglech, dat nach ze geréieren. Do kommen e ganze Koup Saachen, Responsabilitéiten an esou virun an esou weider. Do seet een op ee Mol: Wéi solle mir dat assuméieren? Ech wëll hei eng Kéier dem Patricia, dat Presidentin war, iwwert 10 Joer, dat muss een sech mol virstellen, Merci soen. Well ouni hatt – an ech schwätzen hei net nëmme vu mir – ouni hatt, wier et scho laang net méi d'Jugendhaus, dann hätte mir et scho laang net méi. Hatt huet do wierklech all Dag e Journalier gehat, dee war enorm. An duerfir verstinn ech, datt hatt och iergendwann eng Kéier seet, ech packen et net méi. An ech fannen, duerfir e grousse Merci un d'Gemeng, datt d'Gemeng dat Haus do sou iwwerhëlt. Dat vu menger Säit, Merci.

Joseph Thill (Déi Lénk): Ech stellen da meng Fro nach eng Kéier liicht anescht. Dat heescht, wa mir elo hei zwee Poste schafe wou d'Leit net do sinn, do wësst dir awer wéini datt déi besat ginn?

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Deen ee Posten, dat ass eng Madame, déi war do, déi huet awer virun e puer Méint gekënnegt. Do ass nach keen Neien do. Dat heescht, wa mir deen elo kreéieren, da kënne mir deen ausschreiwen.

An déi aner Plaz, déi besetze mir natierlech net, soulaang den Aide-éducateur nach do ass, well dee schafft jo 32 Stonnen a wann deen dann eng Kéier net méi do ass, mir wëssе jo net ob dee säi Joer packt – wann e säi Joer net packt, dann ass e jo nach ee Joer 32 Stonnen do – wann deen dann net méi do ass, da schreiwe mir déi Plaz och aus. Mee mir kreéieren se elo well se sou an der Konventioun steet.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dat mat de Frais de fonctionnement kucken ech nach eng Kéier no an dann nächste Freide ginn ech do ganz gären d'Äntwert.

Da géife mir zu der Ofstëmmung en bloc fir déi dräi Créations de poste kommen. Ass de Gemengerot domat **averstanen?** Ass dat **unanime?** Merci.

### 7.4. Schafe vun engem Gemengenemployésposten an der Carrière B1 fir d'Verwaltung - Service Accueil, Rezeptioun an Telefonszentral

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da gi mir weider op déi nächst Création de Poste. Dat ass am Statut Carrière B1 Employé communal, 40 Stonnen d'Woch, à durée indéterminée bei eis an der Centrale téléphonique ab dem 1. Januar 2017.

Bon, firwat maache mir dat?

Mir hunn am Moment déi aktuell Situatioun, datt mir eng Persoun do hunn, déi iwwert dat internt Reclassement déi Aarbecht do mécht an déi geet an d'Pensioun an ass och an der Lescht oft krankheitshalber eweggefall a fir deem e Bëssen ze palliéieren, hu mir dat iwwert en CDD probéiert iwwer Waasser ze halen, well dat awer en Haaptpunkt ass, op dem Niveau vun der Receptioun. Am Moment ass kee Posten do. Wann een awer dee Service wëll besetzen, muss een ë Poste schafen. Mir hunn am Moment keng Persoun déi mir kënnen intern reklasséiere fir dohinner ze setzen, also musse mir hei e Poste schafe fir einfach eemol deen dote Service en Indéterminé dohin ze setze fir datt dee Service ka funktionéieren. E funktionéiert elo, et ass eng Persoun do déi en CDD huet, mee nach muss ee sech mat enger gewëssener Wäitsiicht och deen néidege Kader ginn, fir datt dee Service ka funktionéieren. An duerfir ass hei d'Propose dëse Posten ze kreéieren.

Ass de Gemengerot mat dëser Kreatioun **averstanen?** Ass dat **unanime.** Jo. Merci.





### 7.5. Festleeë vun der Unzuel vu Posten am Cadre fermé an deenen eenzelne Gemengebeamtecarrièrë fir d'Joer 2017

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mir wéi all Joer zu der Fixatioun vum Cadre fermé. Dee musse mir all Joer jo virhuelen, a Funktioun och vum Règlement grand-ducal vun 1987, deen de Cadre fermé fixéiert mee och mam Effectif théorique.

Do gëtt natierlech och ëmmer gekuckt, wat fir Carrièrë mir hei am Haus hunn, wat den Effectif théorique ass, wat de prakteschen Effectif ass.

Doropshin ass jo och ëmmer de Pourcentage dee festgesat ass an a Funktioun vun deem Calcul ginn dann och déi verschidde Grade vu Poste festgehal. Ech mengen dat ass eng Operatioun, déi mir all Joer hei maachen. Dat ass am Fong eng Pflichtübung, och par rapport vun der Evaluatioun vun der Carrière vu verschidde Mataarbechter.

Ass de Gemengerot heimat **averstanen?** Alle Jahre wieder! Et ass keng gréisser Iwwerraschungstuut. Ech hunn och all Joer erëm probéiert, de Mechanismus ze erklären, mee et hängt ëmmer vum Grad vun der jeeweileger Carrière of, wou dann esouvill Leit kënnen dra sinn, en fonction vun deem wat de Règlement grand-ducal eben haut virgesäit. Kann ech dovun ausgoen, datt de Gemengerot dat **unanime** ënnerstëtzt? Merci.

## 8. FROEN UN DE GEMENGEROT

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Froen un de Gemengerot ginn et keng an da komme mer an de Huis-clos.

# FÊTES & MANIFESTATIONS A DUDELANGE

**20.05.**



### JOURNÉE DE LA FAMILLE
Activités familiales, culturelles, stands d'information / Centre-ville

**20.05.**



### NUIT DU SPORT
Nombreuses activités sportives à découvrir et à tester / Hall Fondoucq

**25.-28.05.**



### LIKE A JAZZ MACHINE
Festival international de Jazz / Centre culturel opderschmelz

**17.06.**



### FÊTE DE LA MUSIQUE
Concerts gratuits en plein-air / Centre-ville

**22.06.**



### VEILLE FÊTE NATIONALE
Cortège, concerts et animations / Place de l'Hôtel de Ville

**01.07.**



### FÊTE DES VILLES JUMELÉES
Dudelange reçoit ses villes jumelées Feltre, Arganil, Lebork, Lauenburg et Manom. Concerts, spécialités culinaires, produits typiques... / Pl. l'Hôtel de Ville

**01.07.**



### PETIT DÉJEUNER FAIRTRADE
Présentation et dégustation de produits fairtrade / Chapiteau, pl. Hôtel de Ville

**02.07.**



### MARCHÉ DU MONDE
Spécialités culinaires, artisanat et produits typiques, animation musicale / Pl. de l'Hôtel de Ville

**14.07.**



### SUMMERSTAGE
Concerts en plein air / Place Marc Zanussi, Parc Le'h


**DIDDELENG**
VILLE DE DUDELANGE

Le collège des bourgmestre et échevins
Dan Biancalana, bourgmestre
René Manderscheid, Loris Spina, Claudia Dall'Agnol, échevins

BP 73 L-3401 Dudelange /// T 516121-1 /// ville@dudelange.lu
site web: www.dudelange.lu /// blog: www.ondiraitlesud.lu

/villededudelange @villededudelange